

	15^e séance	Présidence M. Jean Spautz , Président M. Willy Bourg , Vice-Président
	Mardi 11 décembre 2001	

Ordre du jour**1. Communications****2. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (*Discussion générale*)**

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Carlo Wagner, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président. - Ech maachen heimat d'Sitzung op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1. D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen an Äntwerten ass um Büro déposiert ginn a gëtt un d'Fraktiounen verdeelt.

2. De folgenden Dépôt ass de 7. Dezember 2001 vum Budgetsminister um Greffe vun der Chamber gemaach ginn:

- *Projet de loi 4883 autorisant l'acquisition en état futur d'achèvement de trois immeubles administratifs situés à Luxembourg-Kirchberg.*

3. A sengem Bréif vum 5. Dezember 2001 huet den Här Marc Zanussi matgedeelt, datt en d'Regierung interpelléiere wëllt iwwert d'Bildungspolitik an d'Resultater vun der Etüd PISA vun der OCDE.

4. Folgend Petitiounen sinn un d'Chamber gericht ginn:

Den 3. Dezember 2001 d'Petitioun 233 vun der ALPA, dem Lëtzeburger Déiereschutzveräin vun Hesper-Réiser iwwert de "Fragebogen zum Verrat an den Tieren";

de 4. Dezember 2001 d'Petitioun 234 vun den Awunner vu Schieren iwwert d'Schléissung vum Club "Pretty Woman";

de 6. Dezember 2001 d'Petitioun 235 vun dem SEW/OGBL; der LSAP; Déi Gréng; Déi Lénk; Liberté de Conscience; Fédération des Associations des Parents d'élèves du Luxembourg; Libre Pensée; Les amis de la commune de Paris an der Jeunesse socialiste iwwert de Reliounsunterrecht an d'Morale laïque an de Schoulen.

5. D'Versammlung vun der UEO huet den 2. Deel vun hirer 47. Sessioun vum 3. bis zum 6. Dezember 2001 zu Paräis ofgehalen. D'Chamber war vertrueden duerch déi Häre Marcel Glesener, Gusty Graas an Emile Calmes.

Op eisem Ordre du jour steet haut de Mëtten d'Debatt iwwert de Statshaushalt vum Joer 2002. Et sief uganks nach drun erënnert, dass de Statsrot säin Avis complémentaire haut de Mëtten unhëlt, an dass d'Adoptioun vum Rapport complémentaire vun der Finanzkommissioun fir de Freideg, de 14. Dezember virgesinn ass.

D'Riedezäit ass nom Modell 7 festgeluegt, d'Riedner lescht brauch ech net virzeliesen, déi gëtt lo gläich verdeelt.

Als éischte Riedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

2. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002

Discussion générale

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, normalerweis ass et d'Roll vun de Fraktiounscheffen vun der Majoritéit fir de Statsbudget, deen d'Regierung all Joer virleet, a Schutz ze huelen oder ze verteidegen, virun all deene méi oder manner heftege Kriticken, déi normalerweis vun all deene virbruecht ginn, déi sech zu engem Statsbudget äusseren. Abee, et ass schonn aussergewöhnlech a bemierkenswäert, dass dës traditionell Roll mir an och, huelen ech un, mengem Kolleeg aus der Majoritéit, dem Här Rippinger, abhande kënnt; an deem Sënn, dass mer einfach keng Kritik vum Budget oder praktesch keng Kritik weder gelies nach gehéiert hunn.

(Interruptions)

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Waart Dir an der Vakanz an de leschte Wochen?

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, ech freeë mech drop, wann den Här Krecké hei op d'Tribün kënnt an eis d'Avisé vun de Chambres professionnelles, vum Statsrot a vun der Cour des comptes in extenso zitëiere wäert. E wäert da fierchterlech Schwieeregkeete kréien, fir Kriticken opzelëschen a muss sech dann aner Saachen afale loossen, wann en de Budget, deem d'Regierung dëst Joer virleet, kritiséiere wëll.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Hutt Der dann net d'Ahnung, dass mer kapabel sinn dat ze maachen?

M. Lucien Weiler (CSV). - Dach, dach, ech trauen lech ganz villes zou, Här Krecké.

(Interruptions)

Mä heiansdo och net nëmme Guddes.

Et gouf also, wéi gesot, vill Luef an Unerkennung fir de Budgetsminister a fir de Finanzminister, an dat vun deenen ënnerschiddlechste Säiten. Fundamental Kritik ass inexistent an esouguer vun der parlamentarescher Oppositioun koume bis elo - dat ka sech vläicht haut änneren - keng substantiell Beanstandungen un der aktueller Ausriichtung vun der Finanz- a Budgetspolitik vun der Regierung.

Déi breetgestreete positiv Astellung zum Budget an zu där Finanz- a Budgetspolitik, déi dem Budget zu Grond läit, versetzt mech u sech an déi gelunge Situatioun selwer eng Gradwanderung maachen ze mussen, tëscht op där enger Säit - wéi kéint et aneschtens sinn - enger séier positiver Appréciatioun vum Budgetsprojert, mä op där anerer Säit och e puer méi kritesche Bemierkungen, déi ech wëllt maachen, wat d'Politik am Allgemengen ubelaangt.

D'Gewerkschaften aus dem Privatsecteur hunn an deene leschte Woche keen Heel aus hirer grondsätzlecher Zefriddenheet gemaach, wat d'Ausriichtung vum Budget vun dësem Joer a speziell och seng sozial Akzenter ubelaangt. Bei de Beruffschamberen as den Tenor och ee vun Zefriddenheet an Unerkennung, mat Ausnahm vun enger Chamber, déi selwer an hirem Avis geschriwwen huet, si hätt am Fond geholl keen Avis verfaasst, obschonns dat Schrëftstéck offiziell deem Numm dréit, mä well dat jo anscheinend keen Avis war oder keen Avis soll sinn, wëll ech op déi Ausnahm och net weider agoen.

Och de Statsrot erhieft keng extra Bedenken, genee wéi d'Cour des Comptes, déi an hirem ganz interessanten Avis zwar eng Rei vu Punkten oplëscht, wou se technesche Verbesserungsbedarf gesäit, mä soss awer och keng prinzipiell Bedenken artikuléiert.

Wann et also op där ganzer Linn - bis de Moment weinstens - eng prinzipiell Zoustëmmung an Unerkennung fir d'Finanz- a Budgetspolitik vun der Regierung gëtt, sou gouf et - dat ginn ech gär zou - vereenzelt, verhale Kriticken a si kommen, wéi hätt et aneschtens kënne sinn, vun eise Kolleege vun der sozialistescher Oppositioun. Et

ass verständlech, dass si versichen déi generell positiv Note, déi dëse Budget bis ewell kritt huet, ze relativéieren.

Mä, wa schonn den Här Sold am Hausblat vun der sozialistescher Partei schreiwe muss - ech deelen déi Meenung net onbedéngt, mä ëmmerhin hie schreift et -, dass der LSAP hir Kriticken un d'Adress vun der Regierung eigentlech nëmme "Pro-Forma-Gemeckers" wäeren, dann ass dat fir d'Oppositioun kee ganz erfreesche Zoustand, awer fir d'Majoritéit een ëmsou berouegenden.

M. le Président. - Ja, Här Asselborn?

M. Jean Asselborn (LSAP). - Här President, därf ech dem Här Weiler eng Fro stellen?

M. Lucien Weiler (CSV). - Kee Problem, Här Asselborn.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Här President, ech fannen, dass den Här Weiler seng Aarbecht net maache géif, wann en deem Artikel aus dem Tageblatt hei net évoquéiert hätt. Dofir vläicht eng Feststellung an eng Fro un lech: D'Tageblatt ass eng interessant Zeitung, eng Zeitung mat Traditioun,...

(Interruptions)

...déi ee jiddfer Dag erëm gär liest. D'Tageblatt huet awer ee Prädikat net, nämlech deem, dass et sech net iere kann. An d'Tageblatt iert sech, wann et schreift, mir hätte keng Alternativen a mir géife Kakophonie produzéieren. Mir hunn an der Rentepolitik, an der Steierpolitik an an de Gesellschaftsfroe bewisen, dass dat net de Fall ass. D'Tageblatt iert sech och, wann et mengt, mir bräichten e Winner. Fir d'Wahle brauche mer Honnerte vu Winneren. D'Tageblatt iert sech och, wann et mengt, mir hätte Problemer mat eiser Féierung.

(Interruptions)

Eis Féierung gëtt decidéiert an eise Gremien an op eise Kongresser a bestëmmt net an den Zeitungen.

An dofir géif ech d'Fro stellen, Här Weiler, Dir sidd jo en avertéierte Politiker, wann Der d'Appréciatiounen zum Beispill vum Lëtzebuerger Wort am Bezuch vun der Parteipresidentin vun der CSV liest, deelt Dir do alles, wat d'Lëtzebuerger Wort do schreift? Wann Der dat net alles deelt, da kënne mer dat Ganzt relativéieren a feststellen, wat Dir vläicht och festgestallt hutt, nämlech, dass d'Tageblatt eng autonom Zeitung ass, déi dat schreift, wat si schreiwe wëll. Et éiert eis och, wa si iwwer eis schreift, mä mir ginn als Partei dee Wee, dee mir fir richtig halen.

M. le Président. - Här Asselborn, dat doen ass awer keng Fro, déi Dir dem Här Weiler gestallt hätt.

(Hilarité générale)

Mir sinn hei mat der Budgetsdebat am Gaang. Ech géif den Här Weiler bidden, mat sengen lwwerleeunge virunzufueren.

M. Lucien Weiler (CSV). - Dach, Här President, ech hunn awer an deene laangen Ausféierunge vum Här Asselborn eng Fro eraushéieren. Ech wëll och op déi Fro äntwerten. Den Här Asselborn wëll wëssen, wéi mir zu anere Kriticke stinn. Ech wëll dem Här Asselborn just soen: Jiddereen huet säi Päckelchen ze droen.

(Hilarité)

Mir ginn an der CSV ganz gutt eens mat eise Päckelchen, wann d'Sozialisten allerdings elo un engem schwéiere Pak ze droen hunn an dat éiren net gewinnt sinn, da kann ech dem Här Asselborn nëmme roden, sech a sengen eegene Reien ëmzekucken: Do gëtt et nämlech eng ganz Rei vu Leit, déi gär bereet sinn schwéier Bürden op sech ze huelen an dësem Land. Deementspreechend, mengen ech, kéint do eng Solutioun fonnt ginn, fir deen u sech schwéiere Pak do ze droen, well d'Amateuren op der sozialistescher Bänk si jo alleguer do, well, wéi gesot, déi schwéier Bürd jo eppes ass, wat verschiddene vun hinne ganz un d'Häerz gewuess ass.

(Hilarité et interruptions)

Et ass, an dat ginn ech gären zou, och wierklech net extrem einfach, dee Budget, deen eis dëst Joer virläit, fundamental ze kritiséieren. Et ass e Budget, deen traditiounsgeméis am Equiliber ass, dee keng nei Statsverscholdung virgesäit, et ass e Budget, dee bal ëm 10% a sengem Volume wisst, an dat obschonns en déi substantiellst Steuererlichterunge vun deene leschte Jore schonn incorporéiert.

Et ass e Budget vun deem sengem Volume 44% an d'Sozialpolitik fléissen an 12% an déi öffentlech Investitiounen. Doriwwer eraus sinn d'Investitiounsfonge vum Stat zum allergréissten Deel gutt dotéiert. Eist Land befënnt sech an enger extrem gudder Situatioun an ass och am europäesche Kontext gutt positionéiert fir bis 2008, wa mer dat da wëllen, eis Statsschold komplett ofgebaut ze hunn. Deementspreechend géif ech mengen, dass dee Budget hei, deen a sengen eenzelen Eckwäerter bemierkenswäert ass, einfach de Reflet ass vun där gesonder Situatioun vun eiser Wirtschaft a vun de Statsfinanzen.

De Rapporteur, den honorablen Här Wiseler, huet a senger schrëftlecher a mëndlecher Performance en detailléierten Iwwerbléck zu dëse Beräicher geliwwert. Ech wëll him hei ausdrécklech fir déi Performance félicitéieren an him am Numm vun der CSV-Fraktioun fir déi zolidd Aarbecht, déi hien iwwer Méint gemaach huet, merci soen. Budgetsrapporteur ze sinn - an alleguer hei bannen, déi et mol waren, wëssen dat - ass net ëmmer eng agréabel an einfach Aufgab. Wann dann esou en Dokument fäerdeggestallt ass, da war dat eng zolidd Aarbecht a verdéngt Unerkennung. Ech wëll dem Rapporteur, dem Kolleg Wiseler, nach eng Kéier eis ausdrécklech Unerkennung an eise merci fir seng Aarbecht soen.

Et ass a leschter Zäit vill gesot a geschriwwen ginn iwwert d'Risiken, deene mer ausgesat sinn. De Rapporteur huet se opgezielt an ee vun deenen éischten ass deen, dee mer all Joer vun dëser Tribün aus évoquéieren: Et ass dee vum Gewicht vun der Finanzplaz an eiser Ekonomie an entsprechend och an de Statsrecetten.

En aneren Défi ass dee vum stramme Wuesstum, op dat mer trotz a géint alles ugewise si fir den Niveau vun eise Sozialleeschungen, dee mer kennen, net beschneiden ze müssen. An da kommen d'Konsequenze vum Wuesstum um Niveau vun der Populatioun an doduerch selbstverständlech och um Niveau vun den öffentlechen Investitiounen.

An dat Ganzt an der Erkenntnis - an dat sollte mer net vergiessen, well et e wesentleche Saz ass, deen de Statsminister virun een oder zwee Joer a sengem Etat de la Nation gesot hat -, datt eist Wuesstum just genuch Revenue généréiert fir seng eege Konsequenzen ze finanzéieren.

Dës Problemer a Risiken existéieren, et kann ee se net aus der Welt diskutéieren. Et muss ee se a Betracht zéien. Mä grad ënner Berücksichtigung vun all dëse Problemer a Froen, déi sech stellen, menge mer, dass dëse Budget zu dësem Zäitpunkt dee richtegen ass, fir deene Froen entgéintzetrieden.

D'Steierreform, déi zum 1. Januar...

Här President, et ass relativ schwierig ze schwätzen, wann ee sech selwer bal net héiert.

M. le Président. - Kollegen, ech géif lech wierklech bieden, d'Gesprécher ënnereneen ze ënnerloossen. D'Budgetsgesetz ass dat wichtegst Gesetz vum Joer an et sollt dofir jiddereen deem, wat hei gesot gëtt, déi néideg Opmierksamkeet schenken. Dat zielt esougutt fir deen ee wéi fir deen aneren; mir sollten eis dat alleguer virhuelen.

M. Lucien Weiler (CSV). - D'Steierreform, déi zum 1. Januar 2002 voll a Kraaft triede wäert, ass géeeent fir dat Wuesstum, dat mer zu Lëtzebuerg - wann ech dat esou soen dierf - "zwecks Selbsterhaltung" brauchen, fir et mat engem däitsche Wuert auszedrécken, fir dat Wuesstum och stattfannen ze loossen.

Souwuel bei de physische Persounen wéi bei de Betriber kënnt et d'nächst Joer zu ganz substantielle Steuererlichterungen, déi engersäits d'Konsumbereitschaft an anerersäits d'Investitiounsfreedegkeet vun de Betriber stimuléiere soll.

Ee Budget, dee liicht iwwerschësseg ass, sou dass säin Equiliber integral gewährleescht ass, deen ouni Neiverscholdung auskënnt, während en trotzdeem bal 10% u Volume zouleet, ass u sech e bemierkenswäerten Zoustand.

Wann dee selwechte Budget dann och nach 12% vu sengen Ausgabe bei den öffentlechen Investissementer

usiddelt, dat sinn ëmmerhin ëm déi 720 Milliounen Euro, dann dréit dat stramm zur Dynamik vun eiser Ekonomie bäi.

Déi öffentlech Ausgaben, déi am Budget veranschlagt sinn, déngen speziell och an enger Zäit, wéi déi, an där mer de Moment liewen an et konjunkturrell e bësse méi lues geet, als Stimulant fir eis Ekonomie, déi jo vum nächste Joer u méi Geld zur Verfügung behält, wéi dat virun dem 1. Januar 2002 de Fall war.

Wann ee kuckt, wat dee gesamte fiskalen Déchet ass, déi d'Steierreforme vun 2001 an 2002 kaschten, da kënnt een op méi wéi eng Milliard Euro, dat sinn a Lëtzebuurger Frang, un déi mer jo nach méi gewinnt sinn, déi nach méi impressionnant Zuel vu ronn 43 Milliarde Frang.

Mir wäerten d'nächst Woch hei an der Chamber d'Debatt iwwert d'Steierpropositiounen vun der Regierung kréien, an dofir mengen ech wier et haut net ubruecht där virzegräifen.

Ech wëll awer e Wuert soen zu där aler Diskussioun, déi mer ëmmer hei beim Budget haten, déi gedréint huet ëm d'Norme budgétaire.

Dës Zuel läit iwwert deem, wat an der Zäit als Norme budgétaire verkënnegt gi wär. Déi hätt fir 2002 bei knapp 8% kënne leien op der Rechebasis vun de Wuesstumsprevisiounen vum éischten Hallefjoer 2001. Mä mir wëssen, dass d'Regierung zënter dem Budget vum leschte Joer eng manner timide an och eng manner konservativ Approche ageholl huet, wat d'Aschätzung vun de Recetten ubelaangt, an ech mengen, dat ass och richteg esou. Esou wéi et falsch gewiescht wär no e puer Joer vu substantielle Plus-waerten dervun auszugehen, dass déi Gott gegebene wären a vum selwe sech ëmmer erëm reproduzéieren géifen, esou richteg war et no enger gewësser Zäit bannent där sech d'Plus-waerten an enger bestëmmter Héicht confirméiert hunn, scho bei de Budgetberechnungen vu strukturell méi héije Recetten auszugehen. Dofir ass de Budget 2001 bal 12% par rapport zu sengem Virgänger an d'Luucht gaangen an dee vun 2002 absolvéiert dës Übung mat knapp 10%. D'Plus-waert fir den nächsten Exercice, dat gesi mer elo schonn approximativ am viraussiichtleche Kont fir dëst Joer, sinn dofir och nëmmen hallef esou héich wéi am Joer virun.

Op där anerer Säit gesi mir, wa mer no Bréissel kucken, dass och do mer fir eis Budgetpolitik nach ëmmer gutt Zensur kruten. Do gi sech méi Gedanken driwwer gemaach, wéi mer laangfristeg d'Altersversuergung wëlle finanzéieren wéi iwwert eise kuerzfristige budgetäre Wuesstum. Souwuel eis Budgete wéi eis Steuerreform hunn op keng Aart a Weis zu engem Opschrei vun der Kommissioun an hire Services gefouert, mä si positiv appréciéiert ginn.

Wat kënnt elo d'nächst Joer op eis duer?

Wéi de Budgetsprojett fir d'nächst Joer opgestallt gouf, konnte mer nach vun enger Croissance vu 5,3% fir dat Joer ausgoen. Haut gi mer nach vun eppes ënner 4% aus. Den Aarbechtsmaartwuesstum gëtt méttlerweil op 2% geschätzt. Dat féiert mech zu zwou Bemierkungen.

Dat eischt ass, dass déi Zuele wuel an enger Rei vun eisen Nopeschlänner géifen zu enger akuter finanz- a wirtschaftspolitescher Euphorie féieren. 4% Wuesstum si bei all eisen Noperen, souguer a gudden Zäiten, nëmme Wonschdenken. 2% Aarbechtsmaartwuesstum géifen an Däitschland de Moment der Regierung d'Liewe vill méi einfach maachen, virun allem virun den nächste Wahlen. Mir erliewe par rapport zu deene Jore virun zu Lëtzebuerg e gebremste Wuesstum, mä awer een deen nach ëmmer berouegend ass.

Déi zweet Saach, déi mer zu de Previsiounen fir 2002 afällt, dat ass d'Erënnerung un d'BIT-Etüd zu eiser Altersversuergungsstruktur an d'Debatt ëm d'Noutwendegkeet vun engem heftege wirtschaftlechen Zouwuess, deen d'Ofsicherung vun dëser Versuergung op hirer aktueller an zukünftger Héicht, wa mer de Rentendesch emol mat aberechnen, viraussetzt.

Da muss ee gesinn, dass een 2002 verdächtig no un déi Zuelen erukënnt, déi d'BIT-Etüd zur Grondlag fir d'Erhaltung vun eisem aktueller Pensioonsniveau an deene verschiddene Verbesserungen, déi gemaach gi sinn an nach ginn, virausgesat huet. Do gëing Rieds vu 4% Wirtschaftswuesstum an 2% Aarbechtsmaartwuesstum, an dat net nëmme fir zwéi Joer, mä bis op Weideres. Fir 20 Joer op d'mannst.

An dann ass et interessant fir all deenen, déi d'Rente-mauer schonn ofgerappt haten an hir Steng, sou wéi déi vun der Berliner Mauer, doheem beim Kamäin opgestallt haten, haart an däitlech ze soen, dass d'Wuesstumsprevisiounen fir 2002 eis eigentlech derzou opruffen, d'Steng erëm anzesammelen an op d'mannst de Sockel vun där bekannter Mauer nees opzerichten, well héich Pensioone sinn an dësem Land eben dach keng total an zäitlech onbegrenzte Selbstverständlechkeet. 4% an 2% sinn noutwendeg fir hir Erhaltung, huet d'BIT-Etüd gesot, knapp ënner 4% an 3% kréie mer 2002. Dat soen d'Statistiker. Déi Chiffre leien terribel no beieenen a wie sech nach un de Rentendesch erënnert - et ass nach net esou laang hier -, do konnt kaum ee sech virstellen, dass mer esou schnell op deene Prozentsätz wäeren, déi mer haut diskutéieren.

Et gouf dann och gesot, Här President, et hätt een opgrond vun där neier wirtschaftlecher Situatioun de Budget misse revidéieren, virun allem no ënne misse revidéieren. Mir mengen net, dass dat richteg gewiescht wär. Mir mengen, dass dat e falscht Signal gewiescht wär, well mer eng Situatioun hunn, déi mat sech bréngt, dass, wann ee kuckt, wéi eng Ausstänn mer u Steuern hunn, notament wat d'Betriebsbesteuerung ubelaangt, esou vill Iwwerhang do sinn, dass mer denken, och mat

dem versaten Impakt vun der Steuerreform, de Budget kënnen ouni Problem esou auszuféieren, wéi en hei virläit. Fir de Fall, wou dat net sollt sinn an de Kont manner héich sollt ausfale wéi dat, wat mer virgesinn hunn, huet dat u sech e gudden Effekt an deem Sënn, dass mer iwwert dee Wee un déi esou oft gewënschten an erbäigefuerdert budgetär Genauegkeet méi no erukommen.

Et gëtt och kee verstännege Grond fir déi Undeitung, déi ech vu Säite vun de Sozialisten héieren hunn, d'Steuerreform géif ze wäit goen a speziell d'Betriebsbesteuerung, ze acceptéieren.

Ech hu gëschter Owend op der Televisioun déi besuerchten Aussoe vun engem vun de Sozialisten héieren, deen iwwert d'Kapitalbesteuerung an Europa an iwwert dat, wat um Sommet vu Laeken kënnt op eis duerkommen, geschwat huet.

Wann dës Suergen an Ängschten, déi zum Ausdrock komm sinn - an ech ginn emol dervun aus, dass déi echt sinn -, richteg sinn, da verstinn ech ëmsou manner, wéi vu Säite vun de Sozialisten de Wëlle vun der Regierung, fir eis un d'europäesch Spëtzt vun där steierlecher Kompetitivitéit ze setzen, ka kritiséiert ginn.

Mir erwaarde jiddefalls vun der Regierung, dass se um Sommet zu Laeken, wou jo dee ganzen Dossier vun der Kapitalbesteuerung wahrscheinlech wäert opgerullt ginn, mat därselwechter Determinatioun wéi an der Vergaangenheet, speziell am Bezug op Feira, eis Interesse verteidegt. Virun allem ass et de Finanzminister, denke mer, deen hei gefuerdert ass, a wann hie sech do mat deem selwechten Asaz asetzt, wéi e sech a puncto Euro agesat huet, dann ass et mir net baang, en Asaz a puncto Euro, wou mer opgefall ass, dass de Mueren an der "Frankfurter" gemengt ginn ass, dass hien oder aner Finanzministeren an Europa éischter de Karlspräis verdéngt hätt wéi den Euro selwer.

Mir menge jiddefalls, well eist Land méi vulnérabel ass wéi aner, mir dat légitimt Recht hunn, eis méiglechst fréi, méiglechst gönschteg steierpolitesch ze positionéieren.

Et geet net duer, fir e puer punktuell Fréckeleien ze praktizéieren, et muss am Fong revidéiert ginn, fir dass genee dat geschitt mat där Reform, déi mer nächstens hei wäerten diskutéieren, eng Reform, déi ganz wäitreechent ass, contrairement zu deem, wat bei enger Rei vun eisen Nopere geschitt, notamment am Wirtschaftswonnerland England, wou nees emol eng Kéier d'Steiere mussen eropgesat ginn, fir d'Sanéierung vun engem total desolate Gesondheetswiesen an de Grëff ze kréien. Bei eis gëtt just de Contraire gemaach.

Dass d'Lëtzebuurger Wirtschafts-, Finanz-, Steuer- a Budgetpolitik an deene leschten 20 Joer e volle Succès war, dat beweisen d'Chiffre vum Budget vum nächste Joer, hunn och d'Chiffre vum Budget vun dësem Joer

beweisen. Dat erkenne fairerweis all déi un, déi sech de loin oder de près op eng plus ou moins neutral Aart a Weis mam Statsbudget ofginn. Dofir geet och d'Unerkennung vun eiser Fraktioun un déi successiv Regierungen, déi lescht zwou, dräi Regierungen, an un dës Regierung, virun allem un hir Finanz- a Budgetministeren, déi et verstanen hunn ze haushalten an der Versuchung net erleeë sinn, fir vun där gudder finanzieller Situatioun vum Stat ze profitéieren, fir Walektoralismus ze maachen, mä déi konsequent drop higeschafft hunn an drop hischaffen, fir eist Land infrastrukturell esou ze équipéieren, wéi et engem moderne Stat entsprécht.

Den honorabelen Här Bausch, Fraktiounschef vun deene Gréngen, huet am Kader vun engem Interview iwwert den Erfolgsmodell Lëtzebuerg geschwat. Fir de Fraktiounschef vun enger Partei, déi soss gären déi sougenannt etabléiert Acteuren aus der politescher Landschaft an d'Visiier hält, war dat schonn eng bemierkenswäert Ausso a si huet mech gefreet, well schlussendlech ware bis elo jo just déi etabléiert Acteuren hei am Land um Pouvoir, dat heescht déi Parteien, deenen den Här Bausch net ugehéiert, a seng Ausso kënnt enger öffentlecher Wäertschätzung vun der Leeschtung vun deene Parteien gläichkommen, déi an deene leschten zéng, 20 a 25 Joer hei am Land d'Politik gestallt hunn.

Ech weess net, vläicht ass och seng rezent Ausdrocksweis nëmmen dora begrënn, well hien zesumme mam Här Asselborn, an och mat aneren, esou gären iwwert hypothetesch Ampelkoalitiounen nodenkt, Ampelkoalitiounen an deene jo déi gréng Faarf, en bonne logique, da misst vertrauede sinn.

Wien awer als klengste Luucht an enger Ampel e Land wëllt regéieren, ouni dass d'Wieler awer bis dohinner emol en eendeitegen Optrag zu esou enger Regierungsbedeelegung ginn hunn, deet effektiv gutt drun, emol profilaktesch vun der fundamentaler Oppositioun géint déi Parteien, mat deenen een da wëllt koalitéieren, ofzerécken. Dat nëmmen als Boutade.

(Interruptions diverses)

Wat ech ënnersträiche wollt mat den Aussoe vum Här Bausch iwwert den Erfolgsmodell Lëtzebuerg, dat ass, wann ee sech de Budget vun dësem Joer ukuckt an där Situatioun wou mer elo sinn, am Dezember 2001, an et gesäit een déi excellent Statsfinanzen, da wëll ech soen, dass deen Erfolgsmodell keen Zoufallsprodukt ass, dee sech aus glécklechen Émstänn vum selwen erginn hätt. Den Erfolgsmodell Lëtzebuerg huet eng Rei vun Elementer, vu Facetten, vu Kärstécker zu deenen der vill e substantiellen Apport gemaach hunn. Ech denken un d'Gewerkschaften, déi meeschtendeels mat responsablen Haltungen zur Stabiliséierung vun deem bäigedroen hunn, wat mer hei zu Lëtzebuerg de soziale Fridden nennen.

Dat soziaalt Klima, de soziale Fridden, de Sozialdialog, zu deem och d'Patronat net onwesentlech bäigedroen huet, dat sinn ausschlaggebend Facteuren a Grënn gewiescht, fir den Erfolleg, dee mer ze verbuchen hunn.

Da wëll ech awer all deenen an Erënnerung ruffen, déi mengen, dass mer just als Glücksritter an deene rouege budgetären a finanzielle Gewässer, an deene mer eis haut befannen, gelant sinn, mä dass och vu politescher Säit eng intelligent Strategie a keng Taktik, wéi fréier Gréisste vun der LSAP dat genannt haten, well se kuerzfristeg Manöver net vu laangfristeger Uluecht ënnerscheet hunn, hannert der Schafung vun eiseem aktuelle Wuelstandsmodell steet.

Während Joren a Jorzénkten ass nämlech Wirtschafts-, Finanz-, Steuer- a Budgetspolitik matenee vernetzt a verflecht ginn, fir déi optimal Wierkung bei de grouse Wirtschaftsträger vun eiseem Land ze erreechen. D'wirtschaftlech Diversifikatioun vu verschiddene Wirtschaftsministeren ass vun deenen erfollegräich praktizéiert ginn. Déi konsequent Ënnerstützung vum Mëttestand huet hir Friichte gedroen, wéi och d'Gesetzgebung iwwert d'Gesellschaften am allgemengen, iwwer Holdingen a Banken, iwwer Versécherungen an Investissementsfongen, iwwer Geldwäsch an Iwwerwaachung vum Finanzsektor. Dat alles ass zënter 20 Joer an enger permanenter Evolutioun fir Lëtzebuerg als Standuert fir Wirtschaft a Finanzen attraktiv ze maachen a fir dës Attraktivitéit och ze halen. D'Steuerpolitik gouf ëmmer esou agencéiert, dass Erlichterungen an Incitatiounen konnten am richtege Moment an an där richteger Grëssenuerdnung praktizéiert ginn.

Den aktuellen Zoustand vun de Statsfinanzen ass drop zréckzeféieren, dass mer zu Lëtzebuerg ëmmer vermidde hunn, d'Land iwwer senge Moyene liewen ze loossen, dass mer eis net iwwert eis Capacitéit verschëllt hunn an dass mer et stänneg fäerdegbreuecht hunn, fir nei Einnahmequelle fir de Stat ze erschléissen.

Well d'Wäitsicht vun enger Rei vu Politiker, déi war, déi se war, konnten a Momenter, wou et ëm d'Land, ëm seng Ekonomie a seng Finanzen manner roseg gestallt war, weider Akzenter niewent deenen, déi ech elo opgezielt hunn, gesat ginn, op deenen eisen heitege Wuelstand opgebaut ass.

Dës Akzenter si Grondsteng vum Erfolgsmodell vun deem den Här Bausch geschwat huet, an dee jo erfrellecherweis esou breet unerkannt gëtt.

Ech wëll e puer Beispiller opzielen an e Bléck zréck an d'Vergaangenheet werfen. Wann een d'Eckwäerter hält an d'Grondsteng vun deem Erfolgsmodell, da kënnt een net laanscht d'60er Jore mam Opbau vun der Finanzplaz.

Ech wëll an Erënnerung ruffen, dass a gewëssene Kreesser, an ech denken do virop un eis sozialistesche Kolleege, während laanger Zäit an dëser Hisiicht vun

dem Danz ëm dat gëllent Kallef geschwat ginn ass. Den Här Poos, deen déi Zäit nach als Journalist sech muerens a senge Leitartikele ganz gäre mat de Bänker auserneegesat an déi op d'Schëpp geholl huet, hat spéiderhin op där erfollegräicher Finanzplaz keng Schwieregkeete fir sech als Banquier ze etabléieren. A schlussendlech wollt praktesch all Mënsch am Danz ëm dat gëllent Kallef matmaachen an aus deem blasphemische Götzekult, deen eis virgeworf gouf, gouf fir eng Rei Leit, ënner anerem och fir d'Sozialisten, eng gesellschaftlech Fluchtkür, de Lëtzebuerger Opernball, souzesoen, Här President, op deem zënter laangem kee méi wëllt feelen, wouriwwer mir iwwregens och frou sinn.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Wou ass deen dann?

M. Lucien Weiler (CSV). - Dat ass do, Här Asselborn, wou Dir an Är Kolleege an eng Rei vun Äre Virgänger lech haut esou gären ophaalt, wou Der fréier awer ëmmer gemengt hutt, dat wier en Danz ëm dat gëllent Kallef an do sollt ee sech méiglechst wäit ewechhalen.

D'Finanzplaz, Här President, iwwert där hiren Erhalt, hir Konsolidéierung an hir Vitalitéit haut jidderee sech esou vill Gedanke mécht, ass zum Succès ginn, well se vun deenen, déi a kriteschen Zäiten d'Responsabilitéit gedroen hunn, deen néidege Sukkurs kritt huet. Wéi eng Plaz se an eiser Ekonomie huet, dat huet de Budgetsrapporteur hei op eng impressionnant Aart a Weis bewisen. Dat wësse mer iwwregens och vun deene Jore virdrun. Praktesch d'Halschent vun de Steuerrecette komme vun der Bankplaz.

Niewent der Bankplaz gëtt et aner grouss Momenter, déi zu eiseem Erfolleg bäigedroen hunn.

Ech denken zum Beispill un d'ARBED, déi 1992 kuerz virun der Faillite stong. Et huet deemools vill politesche Courage dozou gehéiert, fir sech géint all déi duerchzesetzen, déi vun enger praktesch net méi liewensfäeger Industrie crépusculaire geschwat hunn.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Wie war dat dann?

M. Lucien Weiler (CSV). - Här Krecké, wann Dir et net wësst.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Keng blann Entschëllegungen! Nennt hei Ross und Reiter. Wien huet dat da gesot?

M. le Président. - Et ass net üblech Leit hei mam Numm ze nennen, déi sech net kënne verteidegen!

M. Ben Fayot (LSAP). - Den Här Weiler ass elo emol Ufanks den 80er Joren. Et dauert nach eng Zäitche.

M. Lucien Weiler (CSV). - Här Fayot, dat ass, well den Här Asselborn mech op déi Iddi bruecht huet, fir ëmmer erëm e bëssen an d'Vergaangenheet stöberer ze goen, well d'Vergaangenheet erkläert den aktuellen Zoustand vun eise Statsfinanzen.

M. Ben Fayot (LSAP).- Et kann een nach vill méi wäit zrëckgoen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Et kann een och nach aner Elementer opzielen.

Op jidde Fall, Här President, geet et der ARBED esou gutt wéi seele virun an aus der Industrie crépusculaire ass en Deel gi vun deem haut weltgréisste Stolkonzern, och en Deel vum Erfolgsmodell Lëtzebuerg, grad esou wéi d'SES.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Dank der Tripartite!

M. Lucien Weiler (CSV).- Ënner anerem och der Tripartite.

An dann, Här President, wëllt ech bei d'SES kommen, déi haut och ee vun de weltgréisste Betriber ass.

(Interruption)

Här President, ech mengen, d'Mme Wagener war deemools nach net hei an der Chamber, nämlech 1984, wéi et ëm d'Satellitegesellschaft gaangen ass, ware mat Ausnahm vun deenen, déi an deem Joer Statsminister waren an deenen, déi direkt hanner hinne stongen, der ganz wéineg, déi fir eng Satellitenindustrie waren.

1985 hu mer e Gesetz hei an der Chamber gestëmmt, wou fënnef Milliarde Frang hu missen als Statsgarantie fir d'SES, deemools nach GDL, gestallt ginn an net jiddereen huet dat Gesetz gestëmmt. Et gouf deemools méi wéi eng Kéier de Récktrëtt vum Statsminister gefuerdert.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Wien huet et dann net gestëmmt?

M. Lucien Weiler (CSV).- Här Asselborn, Dir wësst et. Dir kennt jo d'Geschicht. Deementspriedend brauch ech lech jo keng Oplklärung driwwer ze ginn.

Ech wëll just soen, Här President, haut si mer alleguer houfreg op d'SES a mir sonnen eis gäre bei deene grouse Momenter am Betzder Schlass.

Ech wëll, fir dese klengen historieschen Exkurs ofzeschleissen, nach e lescht vun de Kärstécker vun eisem Erfolgsmodell ervirsträichen. Et ass dat d'Reform vum Finanzement vun de Pensiounsregimer am Privatsektor. Dës Reform, déi jo laang Zäit a vu ville Säiten als deen ominöse Renteklau verschrië war, war a Wierklechkeet e wichteg Grondsteen, op där enger Säit fir eis wirtschaftlech Entwécklung, well duerch d'Iwwerhuele vum Stat vun engem Drëttel vun de Soziallaaschten, eis Betriber um Niveau vun de Lounniewekäschten net weider belaascht gi sinn, an an eng extrem virdeelhaft Situatioun par rapport zum Ausland bruecht huet.

Op där anerer Säit huet och dës Reform am Zesummespill mat anere Facteure selbstverständlech wesentlech dozou bäigedroen, dass haut d'Pensiounskeesse vum Privatsektor dee finanzielle Polster hunn, dee mer all kennen.

D'Reform huet deemools vill Courage verlaangt, 1984, kuerz virun de Wale. Net jidderee war domat d'accord. Et gouf hefteg Opposition a wann ech mer hei esou d'Bänke vun de sozialistesche Kolleegen ukucken, da gesinn ech kee méi, deen deemools matgemëscht huet an där Reform. Et ass am Fong geholl schued, well mir hätten eis do kënnen inspiréieren.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Du waart Dir nach net dobäi!

M. Lucien Weiler (CSV).- Dat stëmmt, mä Dir och net!

Dës puer Beispiller, Här President, beweisen, dass et net einfach ass en Erfolgsmodell ze begrënnen, mä mir hunn haut een. Et geet also net méi esou séier drëm, fir een ze kréien - dat haten déi Leit, déi virun eis do waren, schonn an d'Hand geholl -, mä dofir geet et ëmsou méi drëm en ze halen. Dee Budgetsprojert, dee mer haut diskutéieren, zesumme mat där Steuerreform, déi en integréiert, stellen an där Hinsicht Brécken an d'Zukunft duer.

Mä wann ee wëllt no vir marschéieren, Här President, da geet et net duer, fir sech mat der Vergaangenheet ze beschäftegen. Da muss een och an d'Zukunft kucken an dofir gëllt et op déi nächst Défien anzugeen.

D'Wahrscheinlechkeet, datt eis esou grouss Wërf, wéi mer dat an der Vergaangenheet haten, an Zukunft nach wäerte glécken, ass eigentlich kleng. Dofir mussen awer déi nächste Wërf net onbedéngt an noutgedronge méi kleng sinn. Et wäert just konzeptuell aner Wërf ginn, sécher net méi esou séier op e präzise Betrib oder op bestëmmte Wirtschaftszweiger bezéien, mä et muss eng positiv Astellung sech entwéckelen zu deem, wat mer d'Wëssensgesellschaft nennen, eng Wëssensgesellschaft, déi amgang ass an Europa ze entstoen an der Synergie tëschent Fuerschung a Wirtschaft, bei de Spëtzenteknologien, an der Kommunikatioun an der Biotechnologie, déi Gesellschaft, déi mer och hei zu Lëtzebuerg mussen ustriewen.

De Budgetsprojert fir d'nächst Joer gesäit dofir substantiell Augmentatiounen vun de Kreditter vir, déi der öffentlecher Fuerschung zur Verfügung gestallt ginn. Och den Enseignement supérieur gëtt ausgebaut, mat deenen adequate budgetäre Kreditter, fir der Fuerschung en institutionellen Ophänker an zum Deel e Kader ze ginn.

Deen Exercice, deen ze vollzéien ass, fir den Iwwergank an d'Wëssensgesellschaft ze packen, kann awer net vum Stat eleng gemeeschtert ginn. Et ass zwar wichteg, datt déi noutwendeg Kreditter zur Verfügung gestallt ginn, mä et muss virun allem zu enger Interaktioun an enger Synergie an deemem Beräich kommen tëschent Recherche a Wirtschaft.

Recherche a méi classeschen Domänen, déi mer kennen, mä Recherche och op neie Felder, an der Biotechnologie,

an der Kommunikatiounssécherheet, mä och an anere Beräicher. Datt mer Recherche am Beräich vun de Finanzen am wäiteste Sënn bedreiwen ass logesch a sënnvoll. D'Luxembourg School of Finance soll do deen Deel vun der zukünfteger Uni Lëtzebuerg ginn, deen dese Sachberäich ofdeckt.

Dëst sinn, Här President, d'Aktiounsterraine vun der Zukunft, wou eist Land, wann et sech déi noutwendeg Mëttel gëtt fir eng ambitiéis Politik ze maachen, grouss Chancen huet. An deem Sënn, denken ech, stellt de Budget fir d'nächst Joer eendäiteg Weichen an déi richteg Richtung.

Eng Rei vu Punkten, déi d'CSV-DP-Majoritéit an hirem Programm huet, fannen och dëst Joer hiren Nidderschlag am Budget fir dat nächst Joer. Ech denken u Prioritéiten: ech denken un d'Familljepolitik, un d'Sozialpolitik, d'Recherche an d'Investitiounspolitik.

Aner Punkte fanne sech leider, géif ech soen, net oder nach net am Budget erëm an dat aus där einfacher Ursaach, well dës Koalitioun, grad iwwregens wéi déi Koalitioun vu virdrun, an enger Rei vu Beräicher sech méi schwéier deet, fir vun der Plaz ze kommen, wéi mer eis dat eigentlech virstellen.

Ech denken do ënner anerem och un d'Unterrechtspolitik. D'Unterrechtsministerin huet an deene leschte Méint eng Rei vun Initiativen a Propositionen op de Wee bruecht, déi d'CSV-Fraktioun ausdrécklech begreist, mä eng Bildungs-offensiv, esou wéi se ugekënnegt gi war, gesinn net nëmme mir net.

Dëst wonnert eis eigentlech an deem Sënn och net an ass och kee Reproche un d'Unterrechtsministerin, well mir ëmmer der Meinung waren...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Dir hutt awer bei Ärer Jugendorganisatioun ganz anescht geschwat!

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, d'sozialistesches Jugendorganisatioun ass an der Tëschenzäit praktesch inexistent. Dofir héiert een näischt méi dovun. Do sinn aner Jugendorganisatiounen e bësse méi aktiv...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Dat do si Wonschdrem vun lech, Här Weiler. Dat ass awer net esou.

M. Lucien Weiler (CSV). - D'Jugendorganisatiounen sinn an deene seelenste Fäll op der Linn vun hirer Partei.

Ech wollt soen, dass dëst kee Reproche un d'Unterrechtsministerin ass, well mir ëmmer der Meinung waren, dass de Beräich vun der Erziéung keen Domän ass, wou ee ka mat militärescher Terminologie a Praxis zu Wierk goen. Bei enger offensivähnlecher Approche riskéieren nämlech vill vun deene Konzernéierten zu Schued ze kommen, wougéint mer jo awer gären hätten, dass der méiglech vill vun hinnen onbeschuet weiderkommen.

Dofir bedauere mir net, dass et zu kenger Operatioun "desert-storm" koom, déi wahrscheinlech méi Schued ugeriicht hätt, wéi se onbeschuet gelooss hätt.

Mä, déi vun der Demokratescher Partei ugekënnegt Bildungs-offensiv, déi mir an deem Sënn iwwerhaapt net wënschen an och frou sinn, dass se an deem Sënn net komm ass,...

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dir hätt gär, dass et soll esou bleiwe wéi et ass!

M. Lucien Weiler (CSV). - Neen, mir hunn e Koalitiounsaccord, Här Gibéryen. Dir musst deen emol eng Kéier am Detail liesen. Da gesitt Der emol wivill dass doranner steet.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Et sinn nach zwee Stéck hannerun eis, Här Weiler. Haalt op, ech panikéieren!

M. Lucien Weiler (CSV). - ...huet natierlech e groussen Erwaardungsdrock dobausse bei de Schüler, bei den Eltere povozéiert an et ass elo schwiereg, fir deem Erwaardungsdrock, dee wierklech esou staark ass, an deem Sënn gerecht ze ginn.

Här President, mir bedauern och, dass et zum Beispill dem Innenminister an der Unterrechtsministerin iwwer vill Méint, zevill Méint, net gelongen ass de Problem vun de Chargés de cours an de Grëff ze kréien, obschonn en Handlungsbedarf erkannt war, an obschonn et keng sechs verschidde Léisméiglechkeete gëtt.

(Interruptions diverses)

En anere Problem ass dee vun der finanzieller Participatioun vum Stat bei de Privatschoulen, wat d'Infrastrukturen an hir Gebailechkeeten an hire Fonctionnement ubelaangt. Ech weess, dass d'Unterrechtsministerin amgang ass dorunner ze schaffen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Et wär grad esou wichteg, wann iwwert d'Participatioun vum Stat bei den öffentleche Schoule méi haart géif nogeduecht ginn. Et ass nämlech och e Problem am Gemengesector. Et ass och schonn ugekënnegt ginn, Här Weiler, mä et ass awer näischt komm.

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, d'sozialistesche Fraktioun huet, wann ech dat richteg weess, wäit iwwer véier Stonnen, fir sech hei zu Wuert ze mellen. Ech géif den Här Di Bartolomeo biede mech a Rou déi Ausféierungen hei maachen ze loossen an da spéiderhin déi Korrektoren hei unzibréngen, déi hie mengt, dass e misst ubréngen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Op Wolke Nummer siwen!

M. Lucien Weiler (CSV). - Mir sinn, wéi gesot, frou, dass d'Unterrechtsministerin déi heite Fro ugaangen ass an dass se amgang ass hir Propositionen ze maache wat d'Participatioun vum Stat ubelaangt, well dëst ass jo u sech an deem Sënn keng extrem schwiereg Matière an deementspriedend hoffen an denke mer, dass mer deemnächst weiderkommen.

Här President, am Beräich vun der Santé stelle sech déi eng oder aner Froen, mä ech muss awer soen, datt een dem Gesondheitsminister muss zegutt halen, datt en net nëmmen, contrairement zu sengem Virgänger, endlech e Plan hospitalier op d'Schinne bruecht huet, mä datt en och eng méi schwiereg Successioun vun eisem fréiere Koalitionspartner huet missen untrieden an deementspriedend kënnen haut net all Froe beäntwert ginn.

Ech hunn awer eng Fro. Ech wéisst zum Beispill gär wat de Gesondheitsminister wëlles huet mat deene Propositionen, déi um Dësch louchen a puncto Beitrag vun den Dokteren à l'instar vun deenen anere Prestataires de soins. Sinn déi Propositionen vum Dësch? Ass dat keng Diskussioun méi, elo wou mer an enger anerer Situatioun si wéi virun engem Joer, oder awer huet d'Regierung wëlles hei nach eppes ze maachen? Et ass e Punkt, wou mer gären Oplklärung hätten.

En anere Punkt, deen eis an dësem Moment net absolut Satisfaktioun gëtt, ass dee vum Rehazenter.

M. Carlo Wagner (*Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*).- Wëllt Der dass ech direkt äntwerten oder wéi?

M. Lucien Weiler (CSV).- Neen, ech mengen, d'Regierung äntwert jo herno zum Budget.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här Weiler, wann Dir fäerdeg sidd ass keng Regierung méi do!

M. Lucien Weiler (CSV).- Dat kënnt lech jo nëmmen erfreen, Här Asselborn.

En anere Punkt, deen ech wollt uschwätzen, Här President, ass de Rehazenter. De Rehazenter kritt Retarden. Dat ass net d'Schold vum Minister, mä dat ass, well mer nun eben emol op engem anere Site sinn, well d'Prozedur mussen duerchlaf ginn, mä ëmmerhin denken ech, datt zu engem gewëssene Moment déi A.s.b.l., déi hannert dem Rehazenter steet, hir Aarbechten erëm ophuele wäert, datt deementspriedend och Käschten ufale wäerten, mä an der Tëschenzäit awer nach ëmmer d'Gesetz iwwert de Finanzement vun de Spidolsinfrastrukturen a puncto Rehazenter net ofgeännert ass. Et ass nach ëmmer Diddeléng, dat am Gesetz steet. Ech denken, datt et Zäit wier, fir dëse Projet op de Leescht ze huelen, fir datt, wann de Moment dann endlech komm ass, wou mer kënnen ufänken, mer och legislativ an der Rei sinn, fir dat do an de Grëff ze kréien.

M. Robert Mehlen (ADR).- Am Gesetz stong en zäitweilg am Norden!

M. Lucien Weiler (CSV).- Mir wëssen, Här President, datt, wann den Här Mehlen dat elo usprécht, datt dat am Mémorial zu engem Moment falsch stong, all Mënsch sech iere kann, mat Ausnahm vum ADR. Den ADR ass e Gruppement, dee sech ni iert. All déi aner Mënsche maache permanent nëmme Feeler. Ech wär

frou, Här President, wann ech dee Culot hätt, fir mech kënnen heihinner stellen ze kommen an ze soen, mir géifen ni ieren.

Ech hu vun de Feeler vun dëser Regierung geschwat, ech hu vun de Feeler vu Regierungen vu virdu geschwat. Et ass keen onfeelbar. Och keng Regierung an och den ADR net. Dat soll ee fir allemol däitlech gesot sinn.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Här President, ech wëll e Wuert soen zur Astellungspolitik vum Stat. De Stat huet an deene leschte Joren eng méi offensiv Astellungspolitik gemaach an deem Sënn, wou méi Leit agestellt gi sinn. Ech denken awer nach ëmmer, dass d'Regierung zevill hei op Sparflamme fiert. Wann ee Stat wisst, wann d'Ufuerderungen un e Stat wuessen, da muss och den administrative Kader dervun deementspriedend wuessen. Dass dat kascht, wësse mer, an dass et och engem Budgetminister an anere Ministere schwéierfällt, fir hei ëmmer déi noutwendeg Efforten ze maachen, do denken ech awer net, dass mer eis hei sollten esou an d'Hannertreffe komme loossen, dass mer iergendwann seriö Schwieregkeete kréien.

A wann ech gesinn, wéi all Joer iwwert de Wee vum Budgetgesetz eng Rei vu Poste musse mat Auslänner besat ginn, déi mer souwéiso net iwwert de Wee vum Recrutement mat Lëtzebuerger kënnen besetzen, dann denken ech, soll och d'Diskussioun iwwert d'Opmaache vun der Fonction publique ugefaange ginn, an dat och an anere Beräicher.

Et ass dat eng Diskussioun, mengen ech, déi ee kënnt en toute sérénité féieren. Net méi spéit wéi gëschter hu mer an der Kommissioun vun der Immigratioun, Vertrieeder vun der Fonction publique gehat. Ech muss lech soen, ech war iwwerrascht mat wat fir engem konstruktive Geescht déi Leit erugaange sinn un déi Fro an un d'Problematik vum Opmaache vun der Fonction publique fir Net-Lëtzebuerger, och an anere Beräicher. Dat ass keng Fro, déi wierklech hei ëmdreie geet. Et ass keng Fro, déi och d'Fonction publique net definitiv ëmdreift. Wa mer en temps utile an an engem rouegen Toun, an an engem rouege Gespréich, déi do Diskussioun féieren, da mengen ech, da kënnte mer gemeinsam an ouni vill Sträit zu Léisunge kommen an dat zu deem Moment, wou et eis noutwendeg schéngt.

D'lescht Joer gouf bei der Diskussioun vum Budget zimlech vill iwwert d'Sozialpolitik geschwat, iwwert eng méiglechst gerecht Ëmverdeelung an iwwert dat méi oder manner soziaalt Häerz vun deenen engen a vun deenen aneren.

Ech hat deemools gesot, dass mer sollten der Regierung eng Chance ginn an dass Verschiddener sech vläicht géife wonneren iwwert déi sozialpolitesch Imaginatioun vun dëser Majoritéit.

Abee, Här President, haut gesi mer méi däitlech a mir kënnen d'Temperatur vum sozialen Engagement vun der CSV-DP-Majoritéit zimlech genee moossen. An eisen Aen, an och an den Ae vu ville Matbierger an - dat ass ganz wichteg - och an den Ae vun de Gewerkschaften ass et eng remarquabel Temperatur, déi un déi héich waarm Deeg vun dësem Summer erënnert.

D'Steierpropositiounen vun der Regierung droen ënner anerem en eendeleitge soziale Charakter. De Projet iwwert d'Erhéijung vum Kannergeld läit vir a gesäit net nëmmen eng Majoratioun vun 1.000 Frang pro Kand vir, mä och eng ganz Rei vu punktuellen Verbesserungen.

Och huet d'Familljeministesche de Projet iwwert de finanziellen a soziale Statut vun deenen Handicapéierten op den Instanzewege geschéckt, e Projet, dee grad just deene Schwächsten an deene Benodeelegsten zu Hëllef kënnt an dee méiglechst vill Sécherheet a Protektioun bréngt.

De leschte Freideg huet de Conseil de Gouvernement den Avant-projet de loi iwwert d'Opbesserung vun de Pensiounen am Privatsektor ugeholl, e Projet, dee bekanntlecherweis och Auswierkungen op de Statsbudget huet, well an deem Projet d'Erzéungspauschal vun 3.000 Frang an d'Verbesserungen betreffend den RMG geregelt ginn. Mir wäerte bei der Diskussioun vun dësem Projet, speziell iwwert d'Erzéungspauschal, vill Geleeënheet kréien, fir am Detail dorop anzugeen.

Zur Erzéungspauschal wëll ech haut just Folgendes soen: Déi 3.000 Frang pro Kand, déi mir proposéieren, sinn am Fong geholl eng elementar Èremguttmaachung vis-à-vis vun deenen dausende vu Fraen, déi ganz dacks, aus deene verschiddearten Grënn, net konnte berufstäteg sinn oder awer sech geziilt fir d'Kannererzéiung decidéiert haten an dobäi, wann ech e bësse méi wäit zrëckkucken, ganz oft iwwerhaupt net oder ganz wéineg konnte profitéieren vun deene ville Méiglechkeeten, déi de Stat an d'Gemengen haut de Mammen offréieren a puncto Crèche an aner Facilitéiten.

Déi 3.000 Frang schafen, contrairement zu deem wat behaupt gëtt, net manner mä méi Gerechtegkeet tëschent berufstätegen an net berufstätege Fraen. Dat, wat mir wëllen, an de Gros vun de Fraen dobause gesäit dat och eraus, dat ass, dass de Stat den Effort fir d'Kannererzéiung honoréiert, ob eng Fra berufstäteg ass oder net.

D'Diskussioun ëm dee rentepoliteschen Aschlag vun de Babyjoren an de familljepoliteschen Aschlag vun der Erzéungspauschal ass fir eis eng reng akademesch Diskussioun, déi näischt mat Gläichbehandlung an déi näischt mat Gerechtegkeet ze dinn huet.

Am Résumé wëll ech nach eng Kéier soen: Kannergeld, steierlech Dispositiounen, Mindestakommes fir Handi-

capéiert, Verbesserung vum RMG, Opbesserung vun de Pensiounen am Privatsektor, Erzéungspauschal, Babyjoren.

Dir gesitt, de soziale Geescht an de soziale Bols vun dëser Koalitioun stinn an näischt deene vun hire Virgängerinnen no, wat jo och, an dat freet mech besonnesch, vun de Gewerkschaften, an hei virun allem vum OGB-L, fairerweis a gebührend ervirgestrach gëtt.

Ech wëll nach just op ee Punkt agoen, deen de Rapporteur a sengem Rapport zimlech prezis an detailléiert behandelt huet. Et ass dee vun den iwwerquellende Keesse vum Stat, dee primitive Slogan, de Stat géif am Geld schwammen.

De Rapporteur huet drop higewisen, wéi d'Situatioun effektiv ass. Déi Gelder, déi de Stat huet, an et si substantiell Gelder, dat streit kee Mënsch of, déi leien net an iergendenger Keess, déi iwwerquellt, mä déi sinn an den Investitiounsfongen. An déi Gelder, déi an den Investitiounsfonge sinn, sinn engagéiert fir déi Projeten, déi mer nach wëlle maachen, fir déi Infrastrukturen, déi mer baue wëllen, fir eist Land virzebereeden op déi Défien, déi eis bevirstinn. Dat ass kee Geld, wat do läit, wat nëmmen drop waart fir ausginn ze ginn. Et ass Geld, wat engagéiert ass, wat deementspriedend affektéiert ass an deementspriedend och net méi eng zweete Kéier, eng drëtze Kéier an eng véierte Kéier kann ausgi ginn.

De Budgetsrapporteur huet hei gesot, dass, wann een emol theoretesch Hypothees géif opstellen, da géif ee gesinn, wa keng Speisung vun de Fonge méi géif virgeholl ginn, mer dann am Joer 2002, wa mer déi Projeten exécutéiert géife kréien an där Period, déi mer wëllen, d'Fongen eidel wäeren, wa keng normal Dotation budgétaire méi géif gemaach ginn, esou wéi déi elo virgesinn ass. A wann nëmmen déi normal Dotation budgétaire géif gemaach ginn, da géife mer bis 2005 kommen, da wär näischt méi do an da géife mer do stoe mam Fanger am Mond, wéi d'Bomi gesot hat.

Dofir ass et fir klor an däitlech all deenen ze soen, déi mengen, si kënnte mat dem Slogan vum "de Stat schwëmmt am Geld" operéieren an dobause grouss Versprieden a grouss Fuerderungen opstellen, deem ass net esou. De Lëtzebuerger Stat huet vill Moyenen, mä de Lëtzebuerger Stat huet dës Moyenen, an do ware mer alleguer dermat d'accord, an d'Investitiounsfonge gesat, fir dat, wat noutwendeg ass hei am Land un Infrastrukturen, an Dir wësst wéi bluttnoutwendeg, dass se a verschidde Beräicher sinn, ze realiséieren. Deementspriedend sinn déi Gelder net méi do, fir haut déi eng oder déi aner, esou gutt gemengt se och ëmmer ass, Fuerderung kënnen ze erfëllen.

Dir gesitt, fir Politik an dësem Land ze maachen, e Land wat räich ka schéngen, et net ëmmer ganz esou einfach ass. Dat ass ëmsou wouer zanter dem 11. September,

wou mer wëssen, dass d'Fragilitéit vun der Weltwirtschaft insgesamt méi grouss ass, wéi mer eis dat ëmmer virgestallt haten a mir mussen agesinn, dass d'Zäiten net méi einfach an d'Problemer net méi kleng gi sinn.

Erliewe mer definitiv d'Enn vun der Spaassgesellschaft oder krée mer souguer à terme dat, wat emol fréier een hei am Haus genannt huet "belsch Verhältnissen"?

Ech denken, dat éischt kënnt emol gutt sinn, well mer an enger eeschter Zäit liewen, déi méi wéi jee Eeschthaftegkeet a Virsiicht an der politescher Aarbecht erfuerdert. Belsch Verhältnissen, denken ech, sinn net op der Dagesuerdnung, esou gutt wéi se och virun 10 Joer net op der Dagesuerdnung waren.

Eist Sozialnetz, dat kascht. Eis Infrastrukture kaschten. Eise Stat kascht. Dat alles musse mer am Grëff behalen, dat alles musse mer gëréieren an Zäite vu méi gedroenem Wuesstum.

Dee virleiende Projet vum Budget fir d'nächst Joer setzt an eisen Aen déi richteg Akzenter. Et ass ee realistesch Budget. Et ass ee cibléierte Budget. Et ass en zukunftsorientéierte Budget. Et ass een, deem eist Land infrastrukturell weider stäerkt, eis sozial Leeschtungen ausbaut an den Iwwergank an d'Wëssensgesellschaft finanziell begleet.

Et ass ee Budget vun der Zukunftsentwécklung, deem Zoustëmmung verdénkt an dofir kritt en d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir erlaabt mer aganks déi eng oder déi aner Remarque iwwert dat, wat mäi Virriedner elo hei erzielt huet, ze maachen.

Ech hunn net richteg kënnen novollzéien Äert Rasonnement, Här Weiler, wou Der sot, et ass keng Kritik ze üben, et fënnt ee keng Kritik. Eng hallef Stonn hutt Dir Geschicht gemaach a Vergaangenheitsbewältegung. Okay, do ass keng Kritik méi ze üben. Mä dann iwwer Bildung, iwwer Gesondheet, iwwert d'Personal beim Stat féiert Der nëmme Kritik. Entweder ass Kritik ze féieren oder et ass keng ze féieren. Dir hutt lech hei e bëssen a Widderspréch verstréckt.

Ech muss lech och soen, enthaalt lech de Kommentaren, wann Der wëllt Lektione ginn iwwert d'Aarbecht an de Kommissiounen, vu Kriticken, déi do komm sinn. Ech kënnt och hei iwwert d'Aarbecht an der Finanzkommissioun schwätzen, iwwert d'Steieren. A bon entendeur, salut!

(Protestations)

Ech hunn net wëlles mer Lektione ginn ze loosse iwwer Kriticken, déi mir gemaach hunn an der Kommissioun an déi mir net gemaach hunn. Ech kënnt jo och munches hei erzielen.

Här Weiler, e bësse Bescheidenheet.

M. Lucien Weiler (CSV). - Sot mer, Här Krecké, wou ech eng Kritik gemaach hunn iwwert d'Aarbecht an de Kommissiounen.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Mir hätte bis elo um Budget, an dat war jo ugespillt un eis Kommissiouns-aarbecht, keng Kritik geübt. Leet Äre Kapp a Rou, dat kënnt nach alles.

M. Lucien Weiler (CSV). - Ech mengen, Dir musst méi genee nolauschten.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ech wëll och net mat lech op den Terrain goe vum parteipolitesche Gespills. An hei muss ech soen, ech hu keng Loscht Kommentare vu Chefredakteren vun Zeitungen, egal wellecher Kultur, ze kommentéieren. Et gouf scho Chefredakteren, déi si mat a Wale gaangen an déi hate vläicht net dee Succès, dee se geduecht hunn. An dat eent erkläert dat anert vläicht. Si sinn alleguer opgefuerdert, vläicht e bësse Bescheidenheet ze hunn, wa se Kritik un de Politiker üben.

Da muss ech soen, Ären Exkurs an d'Geschicht, dee mécht een net oder et mécht een e komplett. En ass liicht lückenhaft. Wann Dir hei den Erfolgsmodell wëllt ënnersträichen an dobäi als ee vun de Punkten d'Tripartite duerstellt, wou Är Partei Stuerme gelaf ass géint de Modell Tripartite an de Joren 1974 bis 1979, an där Koalitioun. Ech wëll lech dat just an Erënnerung ruffen. Et kënnt ee munches doriwwer erzielen, mä och dat wäert ech net maachen, well et ass haut net de Moment fir an d'Vergaangenheet ze goen, esou wéi et net de Moment ass, fir iwwert d'Joer 2050 hei ze rieden. Zu enger eenzeger Saach kann ech lech Recht ginn dës à présent: De Budgetsrapporteur, deem aus Äre Reie kënnt, huet eng ganz zolidd an anstänneg Aarbecht gemaach. Dat muss een him bezeien, och als Oppositioun, och wann ee mat eenzelne vu sengen Theesen net kann averstane sinn, mä en huet sech extrem vill Méi ginn, fir eng Rei Reformakzenter ervirzestrichen, déi et schwéier war ze fannen.

Ech muss unerkennen, et ass eng zolidd Aarbecht gewiescht. Et war eng Aarbecht, déi ganz vill Recherchen néideg gemaach huet an dofir huet en och vun eis, Här President, Félicitatiounen kritt, ouni dass mer säi Budgetsrapport gestëmmt hunn.

Dir wäert lech wonneren, wann ech lech soen, dass d'sozialistesche Fraktioun dëse Budget net wäert stëmmen. A well mer en net stëmmen, erklären ech lech unhand vun zéng Argumenter oder Theese firwat. Ech beschäftege mech fir d'éischt mat e puer

politeschen allgemengen Optiounen, wëll dann awer och eenzel Elementer aus dem Budget kommentéieren. Kollegen a Kolleginnen, déi no mir kommen, wäerten déi puer Punkten, déi ech aganks évoquéiere wäert e bësse méi genau développéieren.

Éischt Thees:

Dës Regierung ass d'Regierung vum Reformstau an der Immobiliteit. Si léisst einfach emol d'Dossiere leien an der Hoffnung, d'Léisunge géinge vum selwe kommen.

Dës Regierung ass jo net nëmmen, wéi e Mataarbechter vun eis viru kuerzem geschriwwen huet, déi lëschtste Regierung säit laangem, mä si huet och eng Tugend an de leschte Wochen un den Dag geluegt oder eng Ontugend, wéi ee wëllt, an dat ass d'Dossieren einfach emol leien ze loossen oder einfach emol ze soen, mir maache ganz gemittlech. E puer Beispiller:

D'PISA-Etüd beschäftegt ganz vill Leit a vill Leit fülle sech veronséiert: Elteren, Jugendlecher, Enseignanten. A wann hei driwwer Rieds geet, ass d'Reaktioun vun der Bildungsministesch keng Panik awer mir kucken emol.

De Statssekretär gëtt gefrot, wéi et da mat de fällege Lounverhandlungen am öffentleche Secteur ass, wou den Accord salarial den 31. Dezember ofleef. E seet op seng Aart a Weis: Dat maache mer ganz roueg a gemittlech.

Ech schwätzen nëmme vun deene leschte puer Deeg.

Bei der Reform vum Statsbeamtestatut huet deeselwechte Statssekretär, obschonn et scho säit laangem fir d'Fréijoer ugekënnegt war, nach näischt virgeluegt. Mir gi weider ganz gemittlech vir.

De Justizminister war gefrot ginn, fir an der Telefonsaffär ze kucken. Mir haten eng Diskussioun driwwer. E sot: Ech hunn et emol op d'Säit geluegt an hunn nogeduecht.

Säin Noper, de Statsminister, hat och eng Hausaufgab deeselwechten Dag kritt, nämlech e Gesetzesprojet ze bréngen iwwert de Service de renseignement. Och hien hat u sech gesot, bannent engem Joer wier dat méiglech. Wat mécht en? E leet se op d'Säit, en denkt driwwer no a seet, Ouschtere kënnt.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat. - Ech mengen, Dir vereinfacht d'Saach e bëssen.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - De Budgetsminister selwer sollt den 13. Mee d'Konten vun 2000 dohinner leeën. Ech hunn dat am September gefrot, e puer Méint duerno. En huet mer gesot, en hätt e bësse Schwierigkeeten. Mir si Mëtt Dezember an ech hu se nach ëmmer net gesinn. Op jidde Fall ware se de Moien nach net a mengen Courrier électronique.

An esou kënnt ech weiderfueren, Här President, mä ech mengen, e kubanescht Spréchwuert - d'Chamber hat jo

eng Kéier eng Delegatioun a Kuba geschéckt, déi opmierksam nogelauschert huet, wat déi kubanesch Bevölkerung do seet - géif den Äifer vun dëser Regierung gutt résuméieren: "Wien d'ganz Nuecht schléift, huet am Dag och emol Usproch op e bësse Rou". Ech hunn d'Impressioun, datt Dir e bëssen no deem dote Motto schafft.

Dobausse verännert d'Welt sech vill, Här Statsminister. Dir hutt dat jo évoquéiert. Ech hunn d'Impressioun, fir déi Regierung hei ass den Tempo vläicht ze héich.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat. - ...ganz gemittlech!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Et stellt een e regelrechte Reformstau fest. Déi Regierung kënnt net no a kann och net driwwer ewechtauschen, wa se déi eng oder aner Moossname bei der Deklaratioun zur Natioun ukënnegt.

Zweetens, Här President, schwätzt dës Regierung léiwer iwwert dat wat am Joer 2050, an elo, nodeem ech den Här Weiler héieren hunn, och léiwer iwwert dat, wat an de 60er Jore war, wéi iwwert dat, wat haut a muer an deem Land ze geschéien huet.

Et geet wierklech net duer, dass een higeet an hei iwwer 2050 schwätzt. Mir hu Problemer a Suergen haut. Ech hu recht wéineg héieren, Här éierbare Fraktiouns-virsätzenden, vun Äre Propositionen, déi Dir ze maachen hätt zu deene Suergen, mat deenen d'Leit haut behaft sinn. Et ass jo net wéi wa mir hei an engem Schlaraffenland géinge liewen an alles wier an der Rei. Mir ginn haut mat deene 450.000 Awunner a muer mat deene 500.000 Awunner relativ schlecht eens op eenzelnen Domänen, déi ech nach wäert évoquéieren an dann huet et kee Wäert, dass mer elo fir d'éischt kucke wéi et am Joer 2050 ausgesäit.

Mir brauche keen Zukunftsdësch. D'Chamber ass outilléiert. Si huet der am Fong ze vill, déi op deem Punkt wëlle spillen, déi eng um Niveau vun der Nohaltegkeet, déi aner um Niveau vun der Immigration. Ee mécht deem anere Konkurrenz. Mir hunn d'Méiglechkeete fir et hei ze maachen, wa mer et géuerdnet an anstänneg maachen, wa mer eis net drop beschränken Aufsätz ze maachen, mä wa mer probéiere Léisungen erbäizeféieren.

Iwwregens, wann et der Regierung an och dem Budgetsminister eescht gemengt ass, wier ech der Meenung, Dir sollt dem Budgetsrapporteur seng Propositionen eescht huelen. Wann Der an d'Zukunft kuckt, mam Bléck no vir, da maacht Äre Programme pluriannuel vläicht fir e bësse méi wéi fënnef Joer. Mir froe keng 50 Joer. Mä ech mengen, seng Propositiounen vun zéng Joer wier eng absolut verstänneg an Dir sollt lech déi zu Häerz huelen. Mir brauchen net ze kucken, wéi den Investitiounsvolume wäert ausgesinn am Joer 2050.

Mir hunn haut e Programme directeur an der Landesplanung. Dee gëtt eis ganz vill Méiglechkeeten. Do läit e ganze Koup Virschléi um Dësch, fir d'Entwécklung vun dësem Land ze begleeden. Ech weess net, ob dat keen interesséiert oder arrangéiert et d'Regierung net, mä op deem Punkt komme mer op alle Fall net virun.

D'Nohaltegkeet, am Fong eent vun den Ziler, dat een ustriift, huet en Instrument, dat do heescht, Ëmweltpolitik. Mir bréngen et emol net fäerdeg, fir déi Nohaltegkeet ze moossen, eng Rei Miessinstrumenter a Parametere ze ginn. Mir bleiwe stiechen. A wat vun dëser Regierung de Moment vun Ëmweltpolitik kënnt, dat geet wierklech net op eng Kouhaut. Doriwwer ass net geschwat ginn, well dat vläicht net d'Thema Nummer eent ass, mä et misst en awer sinn, eleng op Grond vun deem wat déi Partei, déi haut den Ëmweltministère huet, alles vu sech ginn huet an där Zäit, wou si selwer net an der Verantwortung war.

Op d'Problematik vun de Steuerreduktiounen an der Steuerreform wollt ech eréischt d'nächst Woch agoen, quitte dass dat e grouse Bestanddeel heivunner ass. Mä, ech wëll just eppes soen. Mir sollen net de Geck maache mam Ausland. Ech hat d'Impressioun, dass dat esouwuel vu Regierungssäit wéi och vu Leit heibanne mat Momenter gemaach ginn ass, an elo zum Schluss nach, Här Weiler, de Geck mat de belschen Zoustänn ze maachen. Ech wëllt, mir hätten de Belsch hir Resultater an der PISA-Etüd, fir nëmmen déi ze nennen.

Mä ech wëll lech awer eent soen. Mir sollen net de Geck mam Ausland maachen, a mir sollen et och net maache wat d'Budgetspolitik an d'Steierpolitik ubelaangt. Dat hunn ech hei vu Regierungssäit héieren.

Dir braucht lech net ze wonneren, wann zu deenen Aussoen, déi mir hei maachen, wou mir triumphéieren an deenen anere soen, wéi gutt dass mir sinn a wéi schlecht, dass si u sech net kapabel sinn, déi immens gutt Steuerreduktiounen ze maachen, déi mir un den Dag leeën, eng Retourchaise kënnt. An d'Retourchaise ass eng Risegefor dës Woch. De Stats- a Finanzminister sëtzt dës Woch jo a Gremien, wou anerer vläicht eng Kéier gelies hunn, wat hei erzielt ginn ass iwwert eisen Erfolgsmodell an iwwer hir Onzoulängechkeeten. Et ass net gutt, wann een de Geck mécht.

Just ee Wuert zur Quellesteuer an zur Problematik Kapitalbesteuerung. De Moien hu mer et kuerz an der Finanzkommissioun ugeschwat an ech konnt nëmmen dat widderhuelen, wat ech elo schonn e puermol gesot hunn am Numm vun eiser Partei.

Mir hunn eng verstänneg Haltung an där doter Positioun gehat an déi hu mer och nach weider. Mä mat Sécherheet wäerte mer awer och déi zoustänneg Regierung erënneren un dat, wat si eis hei verzielt hunn an de Wee, dee si gewëllt war ze goen. Do krute mir

gesot wéi dat sech soll entwéckelen a wéi virun allem d'Verhandlung mat anere sech géingen entwéckelen an dozou hu mir eis Zoustëmmung ginn. Da muss ech soen, dorunner gëtt een dann och selbstverständlech gemooss. Dat just zu deem klengen Intermezzo, dee mer de Moien an der Finanzkommissioun haten.

Här President, mäin drëtter Punkt geet ëm d'Ëmverdeelungspolitik, do wou et heescht Geld verdeelen, quasi dat eenzeg wat dës Regierung mécht, mä net emol dat mécht se gutt, fir net ze soen ongerecht.

Mir wäerten an den nächsten Deeg iwwer eng Rei substantiell Steuerreduktiounen hei schwätzen. Mir wäerten eis och freeën, datt mer dat kënne gegebenefalls stëmmen. Et wäert och vill Leit glécklech maachen, besonnesch déi, déi vill Steiere bezuelen. Et wäert awer och eng ganz Rei Leit net betreffen. Dat soll eis net onsensibel loossen. Do sinn iwwer 100.000 Leit, déi näischt mat deene Reduktiounen ze dinn hunn, well hinnen iwwert dee Wee net ka gehollef ginn. Dofir sollte mer och eng gewësse Bescheidenheet un den Dag leeën an haut un déi denken, wa mer iwwert dee Pak vu soziale Begleetmoosname schwätzen, wa mer soen, déi Regierung hei huet zu enger Rei Proposen, déi mir gemaach hunn, daf Ouere gewisen.

Mir hate proposéiert d'Kannergeld, wéinst de Problemer, déi eenzel Leit hunn, lues a lues aus de Steieren erauszehuelen an d'Kannergeld, um Niveau vun deem wat d'Kannergeldskeess ausbezilt, an d'Luucht ze hiewen. Mir wollten esouguer vill méi wäit goe wéi dat wat d'Regierung haut gemaach huet, well mer et vill méi gerecht fannen. Do kréich jiddfer Kand weinegstens datselwecht. Haut soe mir, iwwert d'Steiere maache mir dach vill fir d'Kanner. Dat ass ganz richtig, mä fir wivill Leit maache mer dann näischt, déi Kanner hunn?

Kuckt emol eng Kéier bei wivill Dausend Frang een hautdësdags keng Steiere bezilt, an do si vill Famillje mat Kanner drënner. Dofir hätte mir léiwer gehat, mir wieren op de Wee vum Kannergeld gaangen a mir wieren duebel esou wäit gaangen, esou wéi d'Propositioun vum Lucien Lux dat virgesäit.

Och beim Mindestloun hate mer gesot, mir mussen un déi Leit denken. Wa mer soen, Dir spuert 50% Steieren, wat hu se dann dovun, wa se vu 500 Frang d'Joer 50% spueren. Dofir hu mir gemengt, et wier un der Zäit an enger Situatioun wéi där heiter hinzegoen, wou mer jo awer eng gewësse Rou an der Inflatoun haten, a méi generéis ze sinn op deem dote Punkt.

Beim Mindestakommes hu mer datselwecht gesot. Wat hunn dann déi Leit um Mindestakommes vun all deem, wat mir d'nächst Woch hei um Niveau vun de Steieren decidéieren. Mir hate proposéiert, et sollt een net bei 3,2% stoe bleiwen, esou wéi d'Regierung dat proposéiert huet, well dat reng d'Upassung vun der Lounentwécklung ass an am Fong net engem Nohuele

vun deene Leit, déi d'Méiglechkeet hunn iwwert d'Steieren elo e substantielle Gain ze kréien, wat hir Kafkraaft ubelaangt.

Dir hutt gesot, dës Regierung hätt eng immens Imaginatioun an der Sozialpolitik. Och do, Här Weiler, wann ech gelift e bësse Bescheidenheet. Wéi déi 3.000 Frang Erzéiungspauschal op de Rentendësch komm ass, war déi esou ausgegoren, esou inkoherent bei den Äntwerten, déi mer kruten, wéi mer Froe gestallt hunn, datt iwwer Téitschen, déi Der lech geholl hutt lénks a riets, dat do elo lues a lues inhaltlech Format kritt. Lues a lues hutt Der gemierkt, datt dat, wat Dir am Ufank virgeluegt hat, flagrant ongerecht war. Firwat sidd Der elo awer op eemol deen dote Wee gaangen? Well Är Proposition war jo guer net déi, déi Der haut maacht. Ech ka mech nach genau erënnere wat Der vun Äntwerte ginn hutt, wa mer lech konkret Froe gestallt hunn, wien dat elo kritt, wéi dat ze geschéien huet, wat mat de Babyjore geschitt? Elo op eemol gitt Der hin a maacht Kompensatiounen. An den Här Meyers ass mäin Zeien, well him hunn ech d'Froe gestallt. Ech weess net, ob hien den Urheber war, mä hie war mäin Adressat. Ech hunn déi Froe gestallt an ech muss soen, dat wat ech haut gesinn ass net méi dat wat Der deemools geäntwert hutt.

Mir hunn déi Propos gemaach a mir hunn lech Damp gemaach, fir datt et endlech zu enger Gläichstellung kënnt, datt eng Fra oder een, deen d'Erzéiung mécht, genau datselwecht kritt wéi deen aneren. Mir hätten dat gär, mä mir sinn nach wäit ewech hautdësdags. Dir hutt en Deel Wee gemaach, fir eis entgéint ze kommen, mä mir sinn awer nach meilewäit dovun ewech.

Am Wunnengsbau huet de Premier elo scho säit zwee Joer de Bauspekulanten ugekënnegt, e géif Baurainen op de Maart geheien, déi dem Stat gehéieren, fir domat de Marché anescht ze regléieren. Effektiv hätt ee sech kënne virstellen, datt doduerch d'Präisser géingen erofgoen.

Et huet sech awer, esou wäit ech dat kann novollzéien, erausgestallt, datt de Stat net vill Méiglechkeeten huet dat ze maachen, well en net déi gëeegent Terrainen a wahrscheinlech och net a gëeegenter Zuel dofir huet. Ech weess also net, firwat en déi Diskussioun esou vum Stapel gelooss huet, well et gött jo och eng Rei Spekulant, déi de Moment op Terraine sëtzen, déi sech Gedanke maachen.

Wa mir vu 700.000 Awunner schwätzen, wa mir wëssen, datt déi Entwécklung, déi do un d'Wand gemoolt ginn ass, déi och heescht, datt d'Baupräisser nach wäerten an d'Luucht goen an nächster Zäit, da muss een extrem oppassen, wéi een dee Problem do ueet.

Ech kann der Regierung, wat de Wunnengsbau ubelaangt, net ganz vill virwerfen. Ech muss soen, si mécht ganz vill Efforten an et gött eng Rei Gemengen,

déi sech mussen e Beispill huelen, besonnesch wann ee weess, wat fir eng Hëllef, datt déi Gemenge kënne kréien. Wann ee bedenkt, datt d'Gemenge vum Stat 40% Hëllef kréien, wa se Wunnenge bauen, déi se an de Locatif ginn an et gesäit ee wéi wéineg datt dat geschitt. D'Stad Lëtzebuerg ass en immens schlecht Beispill dofir, déi quasi guer näischt doranner mécht a seet, de Fonds de Logement baut jo vill. Dofir muss ech soen, ganz vill hunn ech der Regierung um Niveau Bauen net virzwerfen, mä ech mengen awer, datt mer eis eescht Gedanke musse maachen, well déi aktuell Subventiounspolitik net méi adaptéiert ass. Firwat? Wann een iwwert de Fonds de Logement eng Wunneng ka kréien, oder se zur Verfügung gestallt kritt, quitte datt een dofir bezilt, entweder Kaf- oder Mietwunneng, dann huet een eng Chance.

Wann ee vill Suen huet, kritt een och gehollef iwwert de steierleche Wee. Dertëscht fale ganz vill Leit an e Lach, déi guer net esou vill verdéngen, datt se sech et haut kënnte leeschten en Terrain ze kafen, en Haus ze bauen oder esouguer en anstännegt Appartement, wann net hannendrun eng Bomi oder e Bopi ass, mat enger ganz décker Pensioun, net ze schwätze vum Verméigen, oder wann ech géierft hunn. Dat ass awer eng Situatioun hei zu Lëtzebuerg, där mir net einfach esou sollen nokucken. Ech géing hei en Appel maachen, och un d'Gemengen, net nëmmen un d'Regierung, fir deem opzehëllef. Ech wier frou gewiescht, wann d'Regierung awer aus hirem Immobilismus erauskomm wier an op eng Rei Propose vun eis dann och emol eng Äntwert ginn hätt.

An der Interpellatioun vum Mars Di Bartolomeo zum Wunnengsbau hu mir jo eng Rei Proposen op den Dësch geluegt. Wat ass geschitt? Mir hunn et emol an en Débat d'orientation verweisen, fir Zäit ze kréien. Et wier jo och schued gewiescht, wann een hätt misste soen, dat, wat d'sozialistesche Partei do proposéiert huet, ass gutt an dat misste mer vläicht iwwerhuelen. Elo musse mer dat iergendwéi an der Kommissioun nach laang debattéieren, fir vläicht herno zu deene selwechte Resultater ze kommen. An der Tëschenzäit verléiere mer vill Zäit.

Véiertens: Här President, d'Land erstéckt a groussen Deeler dagdeeglech am Verkéier an d'Regierung bitt eng Null-Léisung un.

D'Verkéispolitik, esou wéi se haut bedriwwen gött vun dëser Regierung, féiert direkt an eng total Sakgaass a mir kënnen dat all Dag feststellen. Deen, deen de Courage net huet - an deen huet dës Regierung net an deen huet virun allem dësen Transportminister net -, fir hei ee Big-bang ze veranstalten, well anescht ass et net méiglech bei där Entwécklung, dee läit doniewent.

D'Leit verplemperen hir Zäit an de Stauen an den Transportminister huet just eng Null-Léisung, och wann et eng Null-Plus-Léisung ass, unzebidden. Ech soen lech,

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass e gravéiernde Witz. Wann een hei net de Courage huet en neit, e ganz anert, effikasst, attraktivt Transportmëttel - a wann Der et gär hätt, da soen ech lech et nach Kéier, dat war de BTB, dat hätt och kënne eppes anescht sinn, mä wéi de Statsminister eng Kéier gesot huet, mat Sécherheet de BTB net ze maachen - ze maachen. An dat geschitt, well déi Léisungen, déi elo um Dësch leien, bréngen hannen a vir guer näischt fir déi Problemer, déi mer am Moment hunn.

Mir hu jo eng atypesch Situatioun, déi vläicht keen anert Land an deem Mooss huet. Wat fir e Land huet dann esou en Zouhuele vun de Frontaliere pro Joer, wéi mir et hunn, einfach a Prozenter ausgedréckt an net an absoluten Zuelen? Stellt lech emol vir, 10.000 Leit komme vun engem Joer zum anere méi iwwert d'Grenz heihinner a mir hunn am Moment keen attraktivt, effikasst Transportmëttel. Mir mussen eis dat einfach agestoen.

Mä stellt lech vir, mir kréichen déi souguer esou wäit an déi géingen och nach den Zuch huelen. Mä déi komme jo op enger Gare un, an déi meescht kommen op der Gare hei zu Lëtzebuerg un.

An dann, wat maache mer da mat hinnen? Da luede mer se an e Bus. A wéi vill Busse ginn dat? Dat gi mindestens honnert Bussen. A wou gi mer déi da sichen? An da kutschéieren nach eng Kéier honnert Busse méi duerch d'Stad. Wat soll dat dann? Dat geet hannen a vir net op. Dir kënnt lech nach laang mat deem Gepiddels do ausenanersetzen, well et ass a mengen Ae Gepiddels a féiert zu näischt.

Deenen, déi mengen en Ausbau vu Spuren op der Autobunn géif eis dee Problem léisen, kann ech nëmme soen: Spure léise guer näischt, a wa mir sechs Spuren op der Autobunn hätten, iergendwann sinn déi Leit an a ronderëm d'Stad an iergendwann ginn aus deene sechs Spuren zwou oder nëmme eng an dann hänke se. Dat eenzeg wat mer dann erreecht hunn ass, dass de Stau net méi esou laang, mä dofir méi breet ass.

Dat do ass wierklech eng ganz schwaarz Geschicht, a mengen Aen, an der Politik hei zu Lëtzebuerg. Seelen hunn ech gesinn, dass mat sou Mëttelen, mat sou enger verréckten, verantwortungsloser Demagogie a Wale virgaang ginn ass.

Wann déi Traceféierung vum BTB sou e grouse Problem war, hätt ee jo diskutéiere a kucke kënne, ob een op eenzelene Deeler hätt ënnerierdesch fuere kënne. Dat wär fir den öffentliche Transport net gutt gewiescht, mä et wär jo awer vläicht d'Méiglechkeet gewiescht. Et hätt ee bei der Traceféierung och eng aner Trace diskutéiere kënne, wéi déi iwwert de Boulevard d'Avranches, déi am Gespréich gewiescht ass. Et louchen esou Virschléi um Dësch. Awer neen, dem Drock vun e puer Lobbyen - ënner anerem dem Lobby

vun dem Stater Geschäftsverband, déi et fäedeg bréngen, schonn 20 Joer laang a jiddfer Dossier doniewent ze leien - ass nogi ginn. Op deen Drock ass nogi ginn vun deenen zwou Parteien...

(Interruptions)

Op alle Fall grouss Deeler vun hinnen, déi haut an der Majoritéit sinn. An déi musse sech déi Kritik gefale loosse. Et ass mat engem Slogan wéi "Keen Zuch duerch d'Stad" operéiert ginn. Domadder gewënnt een effektiv Wale, dat hutt Dir jo bewisen, awer domadder regéiert ee kee Land an domadder regéiert een och a kenger Stad.

Et ass traureg, dass hei d'Amiperas-Section gutt genuch war fir d'Theese vun der enger an der aner Partei beweisen ze mussen, Parteien, déi déi al Leit einfach näischtnotzeg mëssbraucht an hinnen Angscht gemaach hunn, mat deem Resultat, wat mir haut hunn.

Da kënnt Der lech elo gefale loosse, dass mer lo permanent dorop hiweisen. Déi, déi déi do Theesen an de Wale vertrueden hunn, mussen de Spigel och virgehale kréien.

M. Lucien Weiler (CSV).- Wat seet Är Fraktioun dann zur Budgets- a Finanzpolitik vun der Regierung?

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir verléiert näischt, Här Weiler.

(Interruptions diverses)

Dir hutt eng Hallef Stonn iwwer Geschicht geschwat. Ech hu keng eng Zuel vun lech héieren an där Zäit. Ech wëll lech dat just soen.

(Interruptions diverses)

An Dir hätt och besser gehat, lech mat dem Verkéier an dem öffentliche Transport ausenanerzesetzen. Well, ech wëll lech eent soen: Et ass net just eng Fro vun der Liewensqualitéit vun de Leit, déi an de Quartiere wunnen oder vun deenen, déi am Stau setzen, mä et ass muer den Atout vu Lëtzebuerg, deen a Fro gestallt ass. Wat war den Atout vu Lëtzebuerg? U sech, dass de Betriber op allen Niveauen recht wéineg Barrieren oder Schwierigkeete gemaach ginn ass, sief dat steierlech oder wat d'Sécurité sociale oder d'Verwaltung betrëfft. Et ass ëmmer gesot ginn, Lëtzebuerg ass relativ onkomplizéiert. Et kënnt ee schnell un e Minister, Députéierten oder Buergermeeschter, et kann ee mat hinne schwätzen. Mer hunn nach eng Rei Atoutë gehat. Awer ech soen lech, dass mer ee verléieren, an zwar dee vun der Mobilitéit. D'Mobilitéit ass fir e Betrib muer en Atout. Vläch kenne d'Ausländer am Moment eis Problemer, déi mer haut dagdeeglech hunn, nach net. Mä wa se se géife kenne, géife se sech Froe stellen. Wat soll en Handwierker haut soen, deen zu Walfer etabléiert ass an deem seng Camionette - mettons - op Bouneweg op e Chantier fuere muss, dat ass jo net immens wäit.

(Interruptions diverses)

Ech kann och e Beispill huele vun engem Handwierker, dee vun Ettelbréck op Esch fuere muss.

Wann ech dat stéiert, Mme Beissel. Ech weess, datt ech dat stéiert, well et wéi deet, wann een de Spigel virgehale kritt vun deem Blödsinn deen ee veranstalt huet an de Walen. Wat sollen déi Handwierker da maachen, se kommen hannerzeg...

M. Niki Bettendorf (DP).- Däerf ech lech eng Fro stellen, wann ech glift?

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech maache mäin Développement fäerdeg an da kënnt Der – Dir packt lech jo net, Här Bettendorf – Froe stellen.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här Krecké, ech wollt lech nëmme froen, ob Der nach ëmmer der selwechter Meenung sidd wéi 1988, wou Der dogéint waart, dass de Contournement vun der Stad Lëtzebuerg gebaut soll ginn.

Plusieurs voix.- Oh!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech mengen, déi Majoritéit...

(Interruption)

...hei bréngt franchement näischt fäerdeg, wéi an der Vergaangenheet ze schaffen. Dir musst kucken, wat Der an der Zukunft maacht. Ëmmerhi waren et d'sozialistesche Ministeren, déi dat doten trotzdeem gemaach hunn. Ech fannen et e bësse bëlleeg, just d'Vergaangenheet hei wëllen ze bewältegen: Schwätzt vun der Zukunft! A wa mir vun der Vergaangenheet schwätzen, da schwätze mer vu Walen, déi Dir op eng bëlleeg Aart a Weis gewonnen hutt.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Et geet jo net eleng ëm den Handwierker hei am Land. Da kuckt emol, wéi oft et hei am Land scho virkomm ass, dass d'Leit, déi a Betriber schaffen, guer net op hir Aarbecht kommen. Am Ausland gëtt jo heiansdo gesot, dass Sozialkonflikter sou Problemer mat sech bréngen an dass et en Atout vu Lëtzebuerg war. Ech soen lech, dat bleift op déi doten Aart a Weis net méi laang en Atout. Mir mussen higoen an drastesch Moossnamen huelen an e ganz neit, attraktiiv Transportmëttel fir den öffentliche Transport virweisen an da kënne mer de Leit mat guddem Gewësse soen: "Dann huelt dach wann ech glift den Auto net méi!" An da maache se dat och net méi, well se besser ewech kommen, wa se dat anert Transportmëttel benotzen.

Ech kommen elo op meng fënneft Thees. D'Bildungsministerin an hir Partei ginn an d'Wale mat dem Slogan: "D'Bildungsoffensiv rullt direkt." Geschitt ass awer näischt oder net vill. D'Parteipresidentin huet gesot: "Den Dag no de Wale rullt d'Bildungsoffensiv." Jiddereen huet geduecht, bei där Iwwerzeegung, déi do un den Dag geluegt ginn ass, déi doen hu vläicht e Konzept, un dat mir nach net geduecht hunn. Jidd-

fereen huet sech e schlecht Gewësse gezillt a gesot: "Déi doen hunn awer vläicht Saachen entdeckt, déi mir nach net entdeckt hunn." Jiddereen war och frou, wéi déi Partei de Bildungsministère och kritt huet. Mer hu geduecht, da kënne se dat doten jo och ëmsetzen, fir dann awer no kuerzer Zäit d'Bildungsministerin eng erstaunlech Erkenntnis - déi ee jo virun de Walen net hätt kënne hunn, wéi hätt een och op dee Gedanke komme kënne -, soen ze héieren, dass am Unterrecht am Fong alles méi komplizéiert ass, an dass all Reform u sech laang Zäit brauch. Dat ass eng Erkenntnis, op déi mir effektiv net komm waren. Alleguer déi, déi geduecht haten, dass den Tirang voller Léisunge wier, hu gemierkt, dass en eidel ass. Scho laang besteet d'Iddi, dass et a gewësse Situatiounen fir Primärschoukanner besser ass, déi éischt zwee Joer an dräi Joer ze maachen. Dat ass scho plazeweis realiséiert. Déi aner Iddi ass, dass et noutwendeg ass, Fördercoursen am Lëtzebuergeschen sou fréi wéi méiglech unzibidden. Ech hat geduecht bei der Education précoce, wéi mer Diskussiounen hei geféiert hunn, hätte mer dat doten alles duerchexercéiert an et wier haaptsächlech dowéinst, datt mer dee Wee gaange wieren. Mä neen, dat ass elo scheinbar déi grouss Erkenntnis, gekoppelt domadder, dass d'Hausaufgaben elo dee wichtigste Punkt sinn an d'Léisung. D'Eltere wäerten lech merci soen, Mme Bildungsminister.

D'PISA-Etüd huet jo och an eenzele Punkte gewisen, wat eis Schwächte sinn. Sécherlech ginn et eng Rei Explikatiounen, déi d'Schwieregkeeten opweisen, déi eis Kanner hunn an anerer net, a sief et haaptsächlech, dass eis Kanner net deen Test an hirer Mammesproch maache konnten, mä an enger hinnen dach friemer Sprooch. Dat ass sécher een Deel vun der Explikatioun. Mä ech muss lech awer soen, et ass trotzdeem beängstegend, wann ee gesäit, dass bei eis net nëmme schwaach Schüler, mä och Schüler, déi u sech spéider op d'Uni goe wëllen, wann och déi Schwierigkeeten hunn. Genau do louch jo och bei eis den Trugschluss, vläicht bei eis alleguer laang Zäit, mir hu geduecht, mir géifen haaptsächlech eng Schoul maache fir eng Rei Eliteschüler a mir hunn eis mat där Notioun oft erausgeriet. Mir hu gesot, déi Villsproochegkeet wier en immensen Atout an eis Leit wiere besser gewappnet op den Unien: Dat ass net noutgedrungen de Fall an dat hei gëtt eis mat Sécherheet ze bedenken.

An et soll eis och ze bedenke ginn an et soll eis net egal sinn, dass Schüler aus sozial méi schwaache Milieue ganz schlecht ofgeschnidden hunn. Et weist awer och eppes, nämlech, datt déi aktuell Virgehensweis, haaptsächlech wat de Préparatoire ubelaangt, direkt an d'Sakgaass fiert. Et ass scho bedenklech, wann ee gesäit, dass, laut der Studie, 90% vun de Schüler, déi Modularunterrecht kréien, sech, wat Lieskompetenz ugeet, op där ënneschter Stuf befannen.

Wéi laang hu mir schonn net méi, mat Ausnahm vum Här Zanussi, dee sech heiansdo domadder beschäftegt, iwwert de Préparatoire geschwat? Do si méttlerweil ganz vill Kanner, déi eis net egal solle sinn. Dee Coup, dee mer hei duerch dës Resultater kréien, soll wéinstens dozou féieren, dass mer endlech Léisungen op den Dësch leeën. Eleng mat Dialog kënn een net wäit. Dat war gutt virun de Wale; do konnt een de Leit ëmmer virwerfen: Dialogéieren! Dialogéieren! Mä iergendwann ass et eriwwer domadder, iergendwann muss een Entscheedungen treffen. Lo ass déi Regierung zwee an en halleft Joer am Amt a genau sou laang huet och eng aner Partei den Unterrechtsministère a gëtt et eng nei Bildungsministerin. Wat hu mir dann u sech u grouss Moossname geholl an där Zäit? De fräie Samschdeg, d'Promotiounsfach Relioun. Wat hu mer nach gemaach? Wou huet d'Chamber Dossiere virleien, wou hei an der Bildungspolitik grouss a wesentlech Ëmännerunge komme sollen? Wou hu mer eis ausenanergesat mat der Komplexitéit vun eisen Inhalter an eise Methodologien angesichts der Villsproochegkeet vun eise Leit. "Back to basics" als eenzeg Äntwert op déi dote Suerge geet bestëmmt net duer. "Back to basics" ass ganz bestëmmt net onwesentlech, mä et ass awer nëmmen e ganz klengen Deelaspekt.

Déi Partei, déi virun de Wale sou vill geschwat huet, wat et fir en Hohn wier, dass mer nach net a genügendem Mooss Schoulgebaier hätten, huet do och nach näischt op d'Bee gestallt. Wat ass dann do geschitt an deenen zwee an en halleft Joer? Et huet jo kee verlaangt, dass d'Regierung an deenen éischte sechs Méint e Projet virweist, awer lo, no zwee an en halleft Joer hu mer hei an der Chamber ëmmer nach kee sprochräife Projet vun engem neie Schoulgebaier gesinn, wat déi heie Regierung, wat déi heie Bildungsministesch decidéiert hätt. Ech hat eng Kéier ugedeit, Dir kritt sécher keng Schoul anzeweihe, ma wann Der esou virumaacht, kritt Der mol kee Grondsteen ze leeën.

Ech muss soen, wann ee wéi Dir sou demagogesch bei de Wale virgaangen ass an d'Leit an d'ganz Bevölkerung gleewe gedinn hutt, et géif ee wësse wéi een et mécht, an da mat esou klenger sablecher Moossname kënn, wéi mer se bis elo gesinn hunn, dann, muss ech soen, wier ech e bësse méi bescheiden an dann huet et och kee Wäert, wéi eenzelner ze mengen oder virgeschéckt ze ginn fir ze mengen, et géif net un der Bildungsministesch leien, mä et wieren net genügend finanziell Mëttelen do. Do kann ee sech jo nëmmen un de Kapp gräifen, wa mer op eemol déi dote Schinn fueren.

Meng sechsten Thees ass, dass dës Regierung trotz hire groussen Ukënnegungen e gestéiert Verhältnis zu enger moderner a fortschrëttlecher Gesellschaftspolitik huet. Wat kann ee sech erhoffe vun enger Majoritéit, déi, wann et mol méi konkret, méi kriddelech gëtt an

d'Diskussiounen dobaussen mol méi hefteg ginn, direkt ëmfält? Geschitt ass dat an der Fro vum Drogegesetz; e fortschrëttlecht Drogegesetz ass nach ausgehandelt gi mat dem Här Fischbach vun der Chamber a mat enger ganzer Rei Virschléi vun eis awer och vun anere Leit. Dat Gesetz ass awer da schnell "noge bessert", a Wierkechkeet wesentlech verschlechtert ginn, mat deem Resultat, dass mir lo mat dat réckschrëttlecht Drogegesetz wäit a breet am Verglach mam Ausland hunn.

Wat soll een da vun enger Regierung denken, déi, wann et e bësse Wand gëtt, direkt bei esou engem Projet ëmfält? Wat sollen dann déi Leit denken, déi sech op Grond vun deem, wat de Statsminister mol eng Kéier gesot huet, oder op Grond vun eise Propositionen, Hoffnungen gemaach hunn an déi gesinn, dass déi Leit, déi déi Propositionen an déi Hoffnungen an d'Welt gesat hunn, esou schnell ëmfalen? Wat sollen déi Leit denken a wat kënnen se sech erhoffen, déi op eng Gläichstellung vun anere Partnerschaften an d'Ofschaffung vun der Diskriminatioun vun onbestuete Koppele vis-à-vis vu bestuete Koppele waarden? Op wat kënnen sech déi Leit da verlossen, wann déi Leit, déi déi Theesen an d'Welt setzen, hir Meinung sou einfach änneren.

Ee sot mer: "Du wäerts gesinn, de Statsminister wäert forcéiert sinn a sengem Etat de la Nation nach eng drëtter Kéier unzekenegen, wat an der Gesellschaftspolitik erfollegt, well en a sengen eegene Reien net domadder duerchkënn." Ech géif mol gär wëssen, ob mer dann och eng Kéier a wesentleche Froen, wéi der Union libre, oder Euthanasie, déi do ugeschwat gi sinn, weiderkommen.

Et ass Gesellschaftspolitik, wann een Diskussiounen féiert iwwert d'Individualiséierung vu sozialen, zivilen a steuerleche Rechter. Och dat ass eng Fro vu Gesellschaftspolitik a mir wäerte bei de Steuern och nach eng Kéier doriwwer schwätzen. Ech fannen nämlech, dass et net ze vertrieben ass, fir, wa mer d'Individualbesteuerung optionnel aféiere wëllen, dat eréischt am Joer 2005 oder 2006 virzugesinn. Ech mengen, dat kéint ee vill éischter maachen. Et kann ee sech eens ginn ouni eng Polemik ze féieren. An esou hätten déi Leit, déi sech an där Hinsecht eppes erwaarden, endlech och e Resultat. Doriwwer kënnen mer nach eng Kéier schwätzen, wa mer iwwert d'Steieren diskutéieren.

Meng siwent Thees oder, wann Der esou wëllt, mä siwent Argument dofir, dass mir net fir de Budget stëmme kënnen, ass, dass dës Regierung eng Aschätzung dovunner huet, wat de Stat maachen an net maache soll, déi an eisen Aen inakzeptabel ass. Den Transportminister schreift: "Et kann een doriwwer diskutéieren." Mir hunn dozou och eng gewësse Meinung. Der Eisbunn, do wou se fréier op der Schinn gefuer ass an haut Leit mat Bussen transportéiert, dëscht Recht

ofzehuelen an ze dekretéieren, dass dat an Zukunft privat Entreprisë si mussen, ass eng schlecht Iddi vun engem Stat. Ech hunn net verstanen, wat déi privat Entreprisë fir e risegen Avantage duerstellen, et sief dann, dass se nëmmen hir Leit vläicht méi schlecht bezuelen. Awer de Stat muss jo awer dach a leschter Instanz hëllefen a bezuelen, an dat do nennt ee just enger Rei privaten Entreprene Aarbechten zouschousteren, déi am Moment eng öffentlech Entreprise, e Service public assuréieren. A wann een net gutt war, dann hätt een e solle verbesseren, dann hätt een e solle méi attraktiv maachen, mä dat do ass d'Léisung net.

Mä et gëtt nach méi schlëmm. Deen heitegen Transportminister huet jo tatsächlech wëlles richteg hoheitsrechtlech Elementer aus sengem Ministère elo ze privatiséieren. Ech verstinn, dass en Transportminister seet, dass ee kënnt eng privat Gesellschaft, eng Société commerciale ustellen, d'Autoen ze kontrolléieren an ze soen, ob déi Autoen an der Rei sinn oder net. Dat muss net eng staatlech Administratioun sinn, mä hien ass deen, dee schlussendlech muss entscheiden, ob deen Auto dierf fueren. Déi aner solle just eng Meinung driwwer ofginn, ob deen Auto an der Rei ass. Mä ech kann net domat d'accord sinn, an eis Partei wäert sech och vehement dogéint wieren, dass elo d'Gestioun an d'Ausstellung vum Führerschäin, eng absolut hoheitsrechtlech Aufgab vun engem Stat, an eng kommerziell Gesellschaft soll ausgegliddert ginn, mam zousätzlechen Argument, déi staatlech Administratioune wieren net kapabel dat do ze maachen.

Fir d'éischt léisst een eng Situatioun verfaulen. Et stellt ee keng Leit an, well wann de Stat dofir do ass, fir déi Aufgab ze erfëllen, da muss e sech d'Mëttel ginn, déi e brauch, fir dat do ze maachen. Da kann en net engem aneren et ginn. Wann een elo d'Situatioun verfaule léisst, dann ass et llicht ze beweisen, dass eng Privatbranche dat an enger éischter Phas besser mécht, mä et ass inakzeptabel, dass mir bereet sinn, deen dote Wee ze goen. A méi kokass gëtt et jo nach, wann ee bedenkt, dass och elo d'Examen an domat d'Décisiounsgewalt iwwert d'Ausstellung vum Führerschäin nach solle privatiséiert ginn. Mat deene selwechten Argumenter wäerte mer sécher muer higoen an d'Examenskommissioun an de Schoulen och privatiséieren.

Am selwechte Ministère ass den Aéroport, wat warscheinlech keen Hasard ass.

(Interruptions diverses)

Wann Dir gär de Flughafen hätt, domat hunn ech kee Problem.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat. - D'Fléiplaz!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Dat bréngen ech net iwwer meng Lëppsen, Här Statsminister.

Mä ech muss soen, dass ech och ka verstoen, datt een d'Gestioun vun engem Flughafen net iwwer eng staatlech Administratioun maache léisst. Et gëtt eng Rei Spezifisitéiten an dofir kommen eng Rei Leit aus dem Ausland, déi do musse mathëllefen. Ech denken un d'Fluglotsen an anerer. Ech versti schonn, dass een dat net kann enger staatlecher Administratioun iwwerloossen, fir eng gewësse Flexibilitéit ze hunn.

Mä et soll awer ee mir erklären, bei där besonnescher Situatioun, déi mir hei zu Lëtzebuerg hunn, firwat dass een dat do enger kommerzieller Gesellschaft gëtt. Mir hunn duerch d'Situatioun vun eisem Flughafen esou no bei der Stad an esou no bei den Awunner vun deenen anere Gemengen e Problem wéi seelen eng aner Grousstad en huet. Dat bedéngt e Spannungsfeld a virprogramméiert Konflikter tëschent den Anrainer an der Entwécklung vun deene Loftfaartgesellschaften, déi do ugesiedelt sinn. Dat ass dach evident. An dann hinzegoen an eng kommerziell Gesellschaft dertëscht ze maachen. Déi Gesellschaft ass jo dauernd de Puffer tëschent den Interesse vun den Anrainer an den Interesse vun enger Loftfaartindustrie, déi op Ausdehnung bestreift ass, wat een och versteet. Ech kann dat do net vollzéien.

Dat hätt misse weider en Etablissement public bleiwen, aus deem einfache Grond, well déi an hir Objektivier kënne schreiwen, dass se esouwuel dat eent wéi och dat anert maachen. Eng kommerziell Gesellschaft ass jo do fir Kommerz ze maachen. Firwat hu mir eng kommerziell Gesellschaft gemaach, fir de Flughafen ze exploitéieren? Och en Etablissement public kann ouni staatlech Hëllef auskommen. Mir hunn der, déi dat beweisen. Et wier also duerchaus méiglech gewiescht an et hätt een dann do en Instrument gehat, wou d'Interesse vun deenen engen a vun deenen anere wäit aus besser opgehewe gewiescht wieren, wéi dat elo de Fall ass.

Ech kënnt esou weiderfueren, Här President. Dës Entwécklung ass net akzeptabel. Mir mussen eis eng koherent an eng propper Philosophie ginn, wat de Rôle vun enger Statsverwaltung ass, wat de Rôle vun engem Etablissement public ass, vun enger konventionnéierter Institutioun oder Vereenegung, vun enger Entreprise publique a vun enger kommerzieller Gesellschaft mat staatlecher Bedeelegung. Mir hu keng Philosophie, mä mir mussen eis eng ginn, well soss féiert dat effektiv zu engem Duerchenaner, wou een net méi versteet wat geschitt.

8. Dës Regierung huet eng Duerstellung vun der eigentlecher finanzieller Situatioun, déi absolut net der Realitéit entsprécht, Här President.

"Si l'on veut disposer d'un aperçu fidèle de la situation financière de l'Etat, il s'avère indispensable de prendre également en compte le degré d'endettement de l'Etat, l'encours des garanties financières accordées par l'Etat à

des sociétés emprunteuses, les participations de l'Etat dans le capital d'organismes tiers, le montant de la réserve budgétaire et, finalement, le total des avoirs et de l'encours à long terme des fonds spéciaux de l'Etat".

Dat huet d'Cour des Comptes geschriwwen an ech kann dat nëmmen ënnersträichen. Déi, déi sech d'Méi gemaach hunn deen Avis ze liesen, hu gemierkt, dass sie déi Elementer geliwwert huet, wou ee sech eréischt e richtegt Bild ka maache vun de finanzielle Méiglecheete vun dësem Stat an net d'Regierung. Mir hu laang misste streiden an der Kommisoun, fir dass se iwwerhaapt huet dierfen en Avis maachen. Ech hoffen, dass dat elo endlech "tempi passati" ass.

Dir hutt lech verstoppt hanner fadenscheinegen Argumenter, fir der Cour des Comptes net ze erlaben en Avis ofzeginn. Déi Cour des Comptes huet och eng Rei Elementer opgeworf, déi och déi viiregt Regierung mat ze verantworten huet, mä dat ass awer kee Grond, fir net dorop zrëckzekommen.

Firwat gi mer net hin a maachen eng propper Situatioun, beispillsweis wat d'Contribution sociale, ëmmerhin 2,8 Milliarden, ubelaangt, esou wéi si et proposéiert huet. Ech hunn dem Budgetminister och proposéiert, dass mer dee sougenannte Bensinsfrang, grad wéi den Impôt de solidarité solle schéi propper an eis Recetten huelen an et doniewent erëm eng Kéier als Ausgab opweisen, esou wéi mer dat och maache fir aner Saachen.

Datselwecht kënnt ee maache mat der Energiecontributioun vun der Assurance dépendance. Et géing einfach zu méi Klorheet féieren. Ech hat geduecht, dës Regierung wier jo op méi Transparenz aus. Ech weess, dass dat do keng Revolutioun ass an et interesséiert och d'Leit dobaussen net, mä et wier, wann ech d'Loi de comptabilité à la limite huelen, wesentlech méi gesetzeskonform. Ech hunn domat keng grouss Polemik gefouert, mä ech fannen awer, dass ee soll doriwwer diskutéieren, och wann dat scho laang hier ass.

Datselwecht ass déi Abgab, déi mer un d'Europäesch Unioun ginn. Déi zéie mir einfach vun der TVA of. D'TVA selwer, dat verstinn ech, mä net dass mer bei där, déi baséiert um PNB, och nach iwwert dee Wee fueren, anstatt dass mer de Rescht vun der TVA als eng indirekt Steuer direkt afléisse loosse an eng diesbezüglich Dépense op déi aner Säit schreiwen.

(Interruption)

Här Statsminister, Dir maacht mer dat do awer net falsch. Dat ass eng Diskussioun, déi mer wëlle féieren. Déi ass nach eng Kéier opbruecht gi vun der Cour des Comptes. Dat ass eppes wat schonn zrëck an d'Geschicht geet, mä ech mengen, elo wou mer déi Norme budéaire e bëssen desakraliséiert hunn, kënnt een op deen dote Wee goen.

Och wat d'Speisung vum Fonds communal de dotation financière ugeet, kënnt een higoen a soen, esou vill vun

den direkte Steiere ginn dohinner, esou vill vun der TVA geet dohinner an esou vill vun der Autossteuer geet eriwwer, anstatt dass mer alles vun der TVA ofzéien an dann op e Chiffer kommen, deen am Budget net méi der Realitéit als solchen entsprécht.

Ech hunn opmierksam nogelauschert wat de Budgetminister déi leschte Kéier hei erzielt huet iwwert d'Réserve budgétaire. No laangen Ausféierungen huet e vun enger Zomm vun 20 Milliarde geschwat, déi hie géing betruechten als Réserve budgétaire cumulée, no der Affektatioun vun de Plus-valuen op den 1. Januar 2002.

Ech hunn de Raisonement vun der Cour des Comptes novollzunn a kommen op 30 Milliarden, also 50% méi. Ech hunn d'Impressioun, dass do e grouss Klärungsbedarf ass. Do si Saachen eragerëtscht, déi menger Meinung no net eranzerëtschen hunn, nämlech Fongen, déi de Gemengesector uginne an déi Dir ganz anescht berechent. Här Budgetminister, ech mengen d'Noutwendegkeet besteet, fir emol hei ze erklären, wéi et méiglech ass, dass déi eng op 30 Milliarde kommen an Dir op 20 Milliarden.

Här President, Dir verstitt, dass mer Bedenken hunn an eist Vertrauen an de Budgetminister an där doter Fro net grenzenlos ass.

9. Dës Regierung huet eng Aschätzung vun hire Recetten, déi absolut net der Realitéit entsprécht.

Ech muss soen, Här Budgetminister, wann Der net Äre laangen Exkurs gemaach hätt, wier ech jo net méi dorop zrëckkomm, mä nodeem dass Der hei bal schoulmeeschterhaft duergestallt hutt no welcher Theorie an no welchem Schema Dir d'Recetten definéiert. Ech hat lech dunn en Zwëscheruff ginn iwwert d'Taxe d'abonnement. Soll ech lech emol an Erënnerung ruffen, wat ech lech d'lescht Joer gesot hunn zu deem Thema.

Du hunn ech lech gesot, d'Taxe d'abonnement ass am Moment 14 Milliarden. Haut komme schonn 18 Milliarden eran a si gëtt geschätzt op 20 Milliarden.

Dir hutt awer gemaach, wéi wann ech vum Mount géing kommen. Här President, ech hu jo keng hellseheresch Qualitéiten. Ech si jo dee Chiffer do iergendwou siche gaangen, an zwar an de Compte prévisionnel vun Ärer eegener Administratioun, nämlech dem Enregistrement. Do war dee Chiffer schonn an der Finanzkommissioun. Dir hutt en net wëllen asetzen. Dir sidd bei Äre Milliarde bliwwen, déi grondfalsch waren, anstatt dass Der se richteg ageschriwwen hätt, well de Compte prévisionnel huet dat do schonn ausgewisen. Kommt eis also hei net verzielen, Dir hätt grouss Schemaen an Theorien. Dir kacht och nëmme mat Waasser an dat do Beispill beweist et. Dir hutt absolut Onrecht behalen. D'Realitéit ass eng ganz aner. D'Realitéit ass déi, déi ech lech déi leschte Kéier virgehalen hunn. Dir waart rechthaberesch an där doter Fro, eng schlecht Tugend fir e Minister, fir e Politiker tout court.

Souwisou hu mer lech scho gesot, Dir sollt Är Chiffere vum leschte Joer revidéieren, well Dir géingt op Plus-valuë kommen, déi en Ausmooss kréichen, dee mer bis elo nach net kannt hunn. Wat ass geschitt? Mir hate ronn 20 Milliarden Excécents de recettes a mir hunn haut 35 Milliarden. Dir hutt gemaach, wéi wann Der eng grouss Theorie hätt, fir bei Äre Chifferen ze bleiwen. Et war falsch fir dat Joer. Et ka fir en anert Joer richtig sinn, dass een erëm Chifferen zrëcksetzt. Da soll een dat maachen, mä wa mer hei iwwer e Budget schwätzen, da sollen déi Zuelen och stëmmen.

Déi wëssenschaftlech esou profund Erklärung, déi Der eis ginn hutt déi lescht Woch, muss ech soen, dierft och de Majoritéitsparteien net gefall hunn. De Lex Bodry wäert nach dorop zrëckkommen.

10. Dës Regierung huet och eng Aschätzung vun der Situatioun vun hiren Investitiounsfongen, déi absolut net der Realitéit entsprécht.

D'Cour des Comptes huet an hirem Avis monéiert: "Les données pour l'exercice 2000 ne se basent pas sur les recettes et les dépenses effectivement réalisées par les fonds spéciaux".

Ofgesinn dovun, dass een och besser hätt déi richtig Nimm vun de Fongen anzesetzen, muss ee soen, dass, wat d'Dépenses ubelaangt, an den Annexë vum Budget, wat jo awer offiziell Dokumenter sinn, reng virtuell Zuelen stinn.

Ech ginn lech en éischt Beispill: Ech vergläichen de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux a kucke mer d'Ausgabe vum Joer 2000 un an dräi vun lech offiziell erstallten Dokumenter, an zwar d'Budgetgesetz, d'Plus-values-Gesetz - déi zwee Dokumenter si méi oder wéineger déiselwecht Zäit, nämlech am Juli, zustane komm - an de Budgetsrapport, deen ech natierlech opmierksam gelies hunn.

Soll ech lech soe wat do bei den Dépenses steet. Am Budgetgesetz stinn 8,9 Milliounen Euro. Am Plus-values-Gesetz, dat déiselwecht Zäit erauskënnt, sti 15,3 Milliounen Euro, also en Ënnerscheed vun 72%. Wou kënnt dat hier an deem kuerzen Zäitraum, dass Dir net een eenzege Chiffer an Ären zwee Dokumenter gitt?

Ech hunn da gekuckt wat de Budgetsrapporteur fir Zuele genannt huet. De Budgetsrapporteur huet 8,9 Milliounen Euro gesot. Du hunn ech geduecht, elo hues de den Trick eraus. De Budgetsrapporteur huet sech all Kéiers baséiert op d'Budgetgesetzdokument.

An da ginn ech weider. Da ginn ech kucken an d'Konte vum Fonds des Routes. Am Budgetgesetz stinn 116,8 Milliounen Euro, am Plus-values-Gesetz 119 Milliounen Euro, an de Budgetsrapporteur schreift dann 118,2 Milliounen Euro an de Rapport. Ech ginn dovun aus, dass hie sech dat och net aus de Fangere gesuckelt huet an dat och net extra berechent huet, mä dass en et vun der Administratioun geliiwwert krut.

Mir bréngen et also fäerdeg, dräi verschidde Chiffren iwwert d'Ausgabe vum Joer 2000 ze ginn.

Dat nächst Beispill, wat ech awer, muss ech lech soen, Här Budgetsminister, méi schlëmm fannen: d'Avoiren am Fonds des routes. Ech hunn opmierksam d'Theorië vun der Cour des Comptes gelies, déi an de Comptes généraux vun 1999 stinn. Ech verstinn och nach, dass dat eent oder dat anert ka schiflafen, wat d'Dépenses ubelaangt, erkläert mir awer, wéi et mat den Avoiren ass.

De Stand vun den Avoiren vun all eenzelne Fong op den 1.1.2000. Mëttlerweil ass et scho bal 1 1/2 Joer hier. Ech gi kucken an zwee Dokumenter, déi Dir zäitgläich erausgitt: d'Budgetgesetz an d'Plus-values-Gesetz. Wat fannen ech doran? 94 Milliounen op där enger Plaz, 20 Milliounen Euro op där anerer Plaz, an dat zäitgläich an an zwee offiziellen Dokumenter vum Budgetsminister. An deem engen Dokument fannen ech eng Zuel an an deem aneren Dokument fannen ech eng Zuel, awer déi, déi ass 4-, 5-mol méi héich, an dat net bei den Dépenses, mä de Stand vun den Avoiren vum Fong op den 1.1.2000.

Wann een och nach kënnt verstoen, dass an den Ausgaben emol eng Rechnung vläicht net mat berücksichtegt gi wär, da ginn ech awer dervun aus, dass mer elo, bal 1 1/2 Joer duerno, awer wësse mussen, wat mer an de Fongen den 1. Januar haten.

A wann een an d'Plus-values-Gesetz kucke geet vun 1999 an et geet een an d'Dokument iwwert d'Konte vun 1999 kucken, da fënnt een nach zwee aner Chiffren, wat de Stand vun den Avoiren op den 1.1.2000 ubelaangt.

Ech muss lech soen, Här President, wat een Duerchenaner. Ech waarden drop, eng Explikatioun ze kréien, wéi ech véier verschidde Chiffren iwwert d'Avoiren a véier verschidde Dokumenter ka virfannen, woubäi zwee Dokumenter deeselwechte Moment erauskomm sinn. Do kann ech nëmme soen, kee vun eis kann esou e Budget stëmmen.

Här President, d'Zukunft fänkt haut un, mä ech muss awer festhalen, dass dës Regierung e Reformstau an eng Immobilitéit un den Dag leet, déi bedenklech sinn.

Ech muss och feststellen, dass dës Regierung

- léiwer schwätzt iwwert dat, wat am Joer 2050 ze geschéien huet wéi iwwert dat, wat haut muss geschéien;
- eng Ëmverdeelungspolitik mécht, wou se léiwer Geld verdeelt an dat emol net gutt mécht, well ongerecht mécht;
- e Land erstécke léisst am Verkéier an dofir eng Null-Léisung ubitt;
- wou eng Bildungsministerin an hir Partei an d'Wale gaange sinn an d'Mme Minister mécht, wéi wa se alles léise kéint awer näischt geschitt;

- e gestéiert Verhältnis huet zu deem, wat e modernen a fortschrittliche Stat soll maachen;

- e gestéiert Verhältnis huet zur Gesellschaftspolitik; an

- och nach onzoulässlech Elementer an hiren eegene Budgetsdokumente huet, déi mat sech bréngen, dass mam beschte Wëlle mir dee Budget net stëmmen kënnen, an Dir alleguer hätt besser, Dir géngt datselwecht maachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, mä Virriedner ass dat liewegt Beispill wéi schwéier et fir d'LSAP-Fraktioun ass, de Budget 2002 ze kritiséieren, well da mécht een et wéi hien, dat heescht et wäicht een op Nieweplazen aus oder et hält een e gudden Deel vun der Ried an darselwechter Teneur wéi déi, déi ee gëschter an der Gemeng Lëtzebuerg am Gemengerot gehalen huet an et weist een, dass een och net iwwer alles, wat d'Bildungsoffensiv mat sech bréngt, au courant ass. Mä vläicht kann den Här Zanussi...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Den Här Weiler huet gemengt, et géif keng Bildungsoffensiv ginn.

(Interruptions diverses)

An d'CSV ass géint d'Bildungsoffensiv!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert net.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, säit leschem Joer ass am Préparatoire a 14 Klassen en neie System agefouert ginn. Dat hätt de President vun der Fraktioun vun der LSAP misse wëssen, an en hätt och misse wëssen, dass dat laanscht de Législateur leeft.

(Interruptions diverses)

An en hätt weider misse wëssen, dass d'Resultat no engem Joer äusserst favorabel Echoen huet.

Mä dat hu mer jo schonn d'lescht Joer op darselwechter Plaz gemierkt, wéi mer de Budget 2001 diskutéiert hunn, do huet de Chef vun der sozialistescher Aarbechterpartei e bëssen an déiselwecht Kerb gehaen. En huet Folgendes gesot: "Dese Budget ass en Zuelespill, dat labber opgeet, selbstverständlech, mä wou d'Konture vun enger zukunftsorientierter Politik net ze erkenne sinn." Dës Ausso konnt den Här Asselborn deemools nëmme wéineg crédibel beleeden an ech stelle fest, dass d'LSAP sech och dëst Joer erëm schwéier deet, Alternativen oder Géigepropositionen zur Regierungspolitik opzezeichnen. An deene meeschten Dossieren ass se iwwregens jo och mat der Regierung d'accord. An den

Nuancé mengen se dann heiansdo en Ënnerscheed ze gesinn. D'LSAP-Opposition ass op alle Fall, an dat hu mer elo erëm gemierkt, wéineg iwwerzeegend, well se weder fir de Budget 2001 nach fir de Budget 2002 konkret Alternativen zu der Regierungspolitik opgewisen huet.

Dat ass och kee Wonner - ee vu mengen Virriedner, de President vun der CSV-Fraktioun huet dat och scho gesot -, well bal all Chambre professionnelle, esou wéi och de Conseil d'Etat, hunn an hiren jeweilegen Avisen d'Regierungspolitik approvéiert. Et gëtt der, déi soen, dass Kriticken zu deem Budget schwéier sinn, wann eng Regierung vill Geld zur Verfügung huet. Mä mir wëssen, dass Geld eleng net duegeet. Dës Regierung gesäit dat och esou an dofir gëtt vill Geld an de Bierger an a seng Liewensqualitéit investéiert.

Beim Budget 2002, esou liese mir e wéinegstens, steet de Mënsch am Mëttelpunkt. Ech ka mech net erënneren, dass bis haut iergendee Budget esou vill direkt a positiv Mesur fir de Bierger a seng Famill engersäits a fir d'Wirtschaft anersäits beinhalt huet. Ech ka mech och net drun erënneren, dass mir bis elo e Budget hei an der Chamber gehat hätten, wou wierklech bal all Leit am Land op iergendeng Aart a Weis vun der Politik vun der Regierung direkt profitéieren kënnen.

Wann ech vum Budget a vum Budget profitéieren schwätzen, da schwätzen ech natierlech och vun deem Geld, wat mer de Leit d'nächst Joer méi an der Täsch loossen a vun deem Pouvoir d'achat, dee se méi hunn. Hei handelt et sech ëm konkret Mesuren am Intérêt vun eise Bierger.

- Massiv Steiererlicherungen no der sougenannter zweeter Phas vun der Steuerreform, déi de Leit, déi hei am Land Steiere bezuelen, esou wéi déi Betriber, ob grouss oder kleng, vill Geld - et si kumuléiert ronn 27 Milliarde Frang fir d'Bierger a ronn iwwer 13 Milliarde fir d'Entreprises - an der Täsch, beziehungsweise an der Keess wäerte loossen.

- Eng konsequent Rentenerhéijung, déi mir am Summer all zesumme mat de Sozialpartner um Rentendesch beschloss hunn.

- Eng Erhéijung vum Kannergeld ëm 1.000 Frang, ouni dass deen diesbezügliche Steuerabatement ëm 12.000 Frang pro Joer erofgeet.

- Familljen -, a sozialpolitesch Begleitmesuren, déi mer um Rentendesch och prinzipiell festgehalen hu mam Zil, fir virun allem d'Hongerrenten aus der Welt ze schafen a fir de Fraen, déi Kanner erzunn hunn, bei hire Pensiounsrechter entgéintzekommen, sief et iwwer de Wee vun engem Forfait d'éducation, sief et iwwer eng Extensioun vun de Babyjoren.

- Mesuren, déi d'Regierung beschloss huet, fir den handicapéierte Matbierger finanziell méi entgéintzekommen.

All Regierung an all Parlament an Europa an op der Welt wäer frou, wa si esou e geballte Pak u Mesurë fir hir Bierger kënnen décidéieren, a wann duerno och nach wéi zu Lëtzebuerg genuch an der Keess wär, fir aner Mesuren ze finanzéieren.

Alles dat brénge mir zu Lëtzebuerg fäerdeg, well mer d'Moyenen hunn a well mer dofir suergen, dass mer och déi Moyene behalen. Dëst finanziellt Réckgrat erlaabt et der Regierung, de Mënsch a seng Liewensqualitéit an de Mëttelpunkt ze stellen an duerch d'Modernisatioun, beziehungsweise den Ausbau vun den öffentliche Infrastrukturen a gezielten Investissementen, d'Zukunft vun eisem Land ze preparéieren.

Et ass besonnesch an dësen Zäite wichteg, dass een de Leit deen néidege Spillraum léisst, fir individuell Léisunge fir sech an hir Famill ze sichen, dass een dogéint als Stat oppasst, sech och selwer deen néidege Spillraum ze loosser, fir weiderhin handlungsfäeg ze bleiwen.

Dës Spagat ass dëser Regierung gutt gelongen a gëtt hir och um finanzielle Plang eng Spëtzepositioun an Europa, eng Spëtzepositioun net nëmme wat d'Héicht vun de budgetären Iwwerschëss ugeet, wat d'Finanzkapazitéit vum Stat a wat déi niddreg Verschëldung vum Stat ugeet, mä och wat d'Léin betrëfft, beziehungsweise wat vun de Léin iwwreg bleift, wann d'Steieren an d'Sozialaaschten ofgezu sinn, a wat d'Héicht vun de Renten oder vum Kannergeld ugeet.

Mir sinn um finanzielle Plang iwwerall am Spëtzepeleton derbäi. Dat huet och de Rapporteur, de Claude Wiseler, deem ech vun dëser Plaz aus merci soen, fir seng excellent Aarbecht a fir dee gudden Rapport, gewisen.

Wann een alles dat aus deem Bléckwénkel kuckt, da misst ee jo wierklech mengen, mir géngen op enger Wuelstandsinsel liewen, wou et eis vun Dag zu Dag besser geet a wou ee kaum Suergen hätt.

Zënter dem 11. September, haut op den Dag genau virun dräi Méint, huet déi sougenannten industrialiséiert westlech Welt gesinn, dass si net op enger Insel leeft. Och Lëtzebuerg, a virun allem d'Lëtzebuerger hunn dat gespuert. De Schock, dee mer nach all an de Glidder hunn, war net nëmme duerch déi grausam Biller bedéngt, e war doduerch bedéngt, dass mer alleguer gesinn, wéi schnell en Evénement wéi dat eist Liewe verännert a wéi schnell och esou en Evénement e ganze System un d'Wackele brénge kann.

Eis globaliséiert Welt huet et mat sech bruecht, dass esou en Evénement an e Krich, deen, wann en nach esou wäit ewech ass, eist Liewen direkt beaflosse kann.

Déi ugekraazte Psyche huet de Boursen an domat villen Entrepreneuren an hire Mataarbechter de leschte Coup ginn. Dës Phenomeneen ass och net ganz laanscht Lëtzebuerg gaangen, wann ee bedenkt, dass d'Chômagezuel fir eis Verhältnisser de leschte Mount staark geklomm ass an et och vill Failliten hei am Land gëtt.

Dës Phenomeneen wäert och sécher nach an der Zukunft Reperkussiounen op Lëtzebuerg kréien, nämlech dann, wa sech zum Beispill d'Rezessioun an Däitschland an de Geschäftsbücher zu Lëtzebuerg néierschléit.

D'Wirtschaft vun den USA ass um wackelen, soen déi eng, déi aner soen, si géng sech erëm schnell erhuelen. A Japan bereet ee sech op déi zweet Rezessioun innerhalb vun zéng Joer vir. Aus eisem Finanz- a Bankemilieu héiert een, dass d'Geschäfte riskéieren net méi esou gutt ze goen, engersäits well ëmmer méi Banken aus dem In- an Ausland fusionnéiere géngen, well et de Maisons mères net méi esou gutt géng goen, well d'Käschten explodéieren an d'Nischengeschäfte manner Rendement wéi soss géngen ofwerfen.

Dat alles awer sinn Donnéeën, déi beleen, dass mer net op enger einsamer Wuelstandsinsel liewen, dass mer net vun allem onbedéngt musse verschount bleiwen, an dass mer all Dag weider un eiser Zukunft, sief et déi vum Fridden, sief et déi vum Wuelstand, musse schaffen.

Wa mer eng Lektioon vum 11. September mussen zéien, dann ass et déi, dass näischt méi selbstverständlech ass.

Och dës Budget ass an dem internationale Kontext, an deem mer liewen, net selbstverständlech. Den Här Frieden huet eis d'lescht Woch versicht ze erklären, wat d'Beweeggrënn vun der Regierung waren, de Budgetentwurf net ze iwwerschaffen.

A mengen Aen ass et wichteg, dass mir un eis selwer gleewen an och un d'Kapazitéit vun eise Matbierger, och an enger schwiereger Zäit, konsequent um Wuel vum Land a vun der Gesellschaft matzeschaffen.

D'wirtschaftlecht Ëmfeld ass schwierig, mä wéi oft virdru war dat och scho schwierig a wéi oft virdru hu mir et awer gepackt, fir eis Ekonomie konsequent weider ze développéieren.

Wa mer de Sozialisten a virun allem de Gréngen hire Rot befollegt hätten, fir de Budget nach emol ze iwwerschaffen, da fäerten ech, hätte mer no bausse gewisen, dass mer net un eis gleewen, dann hätte mer e falscht Zeeche gesat. Huele mer als Beispill de Bundesfinanzminister Eichel an Däitschland: Och dësen SPD-Mann kämpft derfir, dass säi Land net muss e Konjunkturprogramm ausschaffen, wou erëm zousätzlech Scholde gemaach ginn. Esouguer an enger Phas vu Rezessioun ass déi sozialdemokratesch gefouerte Regierung an Däitschland gewëllt mat Courage un hirem Kurs festzehalen.

Ech stelle just fest, dass dës Regierung gewëllt ass, sech an d'Matbierger hei am Land net aus der Rou bréngen ze loosser. Dat fanne mir vun eiser Fraktioun jiddefalls richtig. Mir fannen et ëmsou méi richtig, well déi vill

Mesuren, déi ech virduun opgezielt hunn, wéi zum Beispill d'Steierreform fir d'Privatleit an d'Entreprises, d'Rentereform, wäerten d'Lëtzebuerger Economie weider op engem vertriebären héijen Niveau dréie loosse.

(M. Willy Bourq prend la Présidence)

Ech sinn also net d'accord mat der Appréciatioun, datt d'Steierreform d'Finanzkapazitéit vum Stat géng a Fro stellen. Wann een dee fir d'drëtt aktualiséierte Stabilitéitsprogramm vun der Regierung fir d'Period 2000-2004 kuckt, da stellt ee fest, datt der Regierung hir Budgetplanung, an déi d'Steierreform sech jo abett, sech op konkret wirtschaftlech Donnéeën bezitt, déi d'Regierung jo awer net einfach erfonnt huet. Dofir fannen ech dat, wat d'lescht Woch op der Pressekonferenz vun deene Grénge gesot ginn ass, ganz geféierlech, well si jo dës offiziell Dokumenter, bezéiungsweis d'Donnéeën guer net a Considératioun zéien.

(Interruption)

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Dir wäert lech nach wonnere!

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Firwat soll ech mech doriwwer wonnere?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Den Här Rippinger wonnert sech ni iwwer eppes!

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Fir 2002 geet d'Regierung vun enger Croissance vum PIB vu 5,3% aus, fir 2003 vu 5% a fir 2004 souguer vu 5,6%. Da wëll ech drop hiweisen, datt d'Capacité de financement vun der Administration publique tëschent 1990 an 1999 en moyenne 2,7% vum PIB bedroen huet. Fir d'Period 2000-2004 wäert se sech en moyenne ëm 3,9% vum PIB beweegen. D'Dépenses totales wäerte sech 2004 ëm 38% vum PIB beweegen géint 44% am Joer 1990.

Dës Zuele beweisen, Här President, datt mir eis nu wierklech net, trotz alle Schwierigkeeten, an engem Katastrophenszenario beweegen, deen eis interpelléiere misst an deen eis zu schnellem Handeln zwénge géif. Dofir nach emol fannen ech déi Kritik, déi d'lescht Woch do ugeklonge war, nu wierklech net ubruecht. Dës Kriticken, an net d'Steierreform, sinn op Sand gebaut.

M. Alex Bodry (LSAP). - Nennt déi richteg Zuelen!

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Jo, et ass scho bal en Ufank vu Panikmache an enger Situatioun, wou et dofir kee Grund gëtt.

Den 1. Januar 2002, bei der offizieller Aféierung vum Euro, hu mer all, ob mer wëllen oder net, e Stéck Europa an der Täscher oder an der Hand. Europa gëtt doduerch de Bierger vill méi konkret.

E Statsbudget ass awer och den Ausdrock vun enger europäescher Politik. An Europa si Grenzwärter fest-

geluegt ginn, fir Budgetspolitik ze maachen, un déi sech d'Länner an der Eurozon an do ganz besonnesch Lëtzebuerg och halen. Dat ass vläicht elo keng extra Leeschtung vu Lëtzebuerg. Fir eis Nopeschlänner, déi eis jo besonnesch wéinst der Stabilitéit vum Euro mussen interesséieren, ass et awer kloer erëm eng Leeschtung, jo scho bal en Akrobatestéck, dat si musse vollbréngen. Och hei gesi mer, dee leschte Programme de stabilité, deen op Bréissel geschéckt ginn ass, weist, datt Lëtzebuerg excellent Notë kritt.

Wann ee vu Budget an Europa schwätzt, da muss een och op eis Aussepolitik an d'Kooperationspolitik ze spriechen kommen. An enger globaliséierter Welt dierf eis net just dat Schéint, dat Gutt an dat Praktescht interesséieren. Am "globalen" Duerf gëtt et och Problemer a Misär, déi eis interpelléieren. Och hei weist dës Regierung, datt si, oder och grad well mir e klenge Land sinn, duerch hir Diplomatie an hir konkret Hëllef an den ärmste Länner vun dëser Welt eppes beweegen wëll an och kann.

D'Aussepolitik an d'Entwécklungshëllef hunn och an dësem Budget e staarken Nidderschlag fonnt, dee mer nëmmen ënnerstëtze kënnen. 0,8% vum RNB fléissen der Entwécklungshëllef zou, d'Kreditter si gehéicht gi fir Missiounen, wou Lëtzebuerger sech fir d'Erhale vum Friden an Europa an an der Welt asetzen. Lëtzebuerg muss och weiderhin, wann och nëmmen eng kleng, esou dach awer eng aktiv Roll um internationale Plang, zesumme mat eise Bündnispartner, spillen.

Här President, d'Politik résuméiert sech net nëmmen op Wäerter, déi een an enger Kontabilitéit opféiere kann. Et gëtt Wäerter, déi si schwéier ze moossen, wéi zum Beispill d'Liewensqualitéit, well si berout op engem subjektiven Émfannen. An dach ass si einfach ze résuméieren: Et muss vun allem dat Beschit sinn.

Propper Loft, propper Waasser, déi beschtméiglech Gesondheitsinfrastrukturen, schnell Transportweeër, esou vill wéi méiglech Loun, esou mann wéi méiglech Abgaben, en Daach iwwer dem Kapp, am beschten en Eegenheim, déi beschtméiglech Ausbildung, asw.

D'Kombinatioun vun deene Wäerter mécht der Politik d'Liewe schwéier, well déi Wäerter sech deelweis vermeindlech an och deelweis esouguer wierklech widdersprieche.

Den Här Frieden huet de leschte Mëttwoch de Budget éischter an den internationalen a finanzpoliteschen Kontext gesat. Dat ass och richteg esou. Mä et kann een dës Budget och liesen virum Hannergrond vun der Diskussioun ëm d'Liewensqualitéit hei am Land, haut a muer. Et brauch ee just d'Akzenter vun dëser Regierung ze kucken, déi mir am Budget erëmfannen. Et brauch ee just d'Dotatioun vun den Investitiounsfongen ze considéieren, déi iwwer 30% méi héich läit wéi d'lescht Joer. Am Commentaire vum Budget kann een zu dësem Punkt Folgendes liesen:

"Le Gouvernement entend satisfaire les besoins collectifs en matière d'infrastructures publiques par la poursuite et même par l'intensification d'une politique d'investissement ambitieuse dans le domaine de la création des infrastructures publiques".

Ech mengen, datt dëst e kloert Bekenntnis vun der Regierung ass, datt si alles dru setzt, fir mat der Entwécklung Schrëtt ze halen an doduerch dem Bierger seng Liewensqualitéit, wat den öffentleche Beräich ugeet, ze verbessern. Mä nach geet et eis net schnell genuch an dofir si mer oft ongehalen an ongedëlleg. De Problem, dee sech stellt, huet de Claude Wiseler och a sengem Rapport nach emol opgefouert, nämlech dee vun der laanger Dauer vun engem Bauprojet, vun der Planung bis zur Ouverture.

Et kann net sinn, datt mer am Schnëtt 8,5 Joer plangen a baue mussen. Do ass keng Verhältnisméissegkeet méi do. Ech wier dofir frou, wann d'Chamber d'Initiativ géing ergräifen, fir sech nach eng Kéier mat der Bauteministesch an hire Servicer zesummesetzen an ze iwwerpräifen, wéi mir d'Prozedure vereinfache kënnen, och esouguer dann, wa mir als Chamber légiféiere mussen.

Här President, Liewensqualitéit huet och eppes mat Bildung ze dinn. Een, deen eng gutt Bildung an Ausbildung huet, huet am Prinzip d'Méiglechkeet eppes fir seng Liewensqualitéit, dat heescht, säi perséinleche Wuelstand ze maachen. Gutt forméiert Leit hunn awer och d'Méiglechkeet eppes fir hir Matbierger an hir Ëmwelt ze maachen, wa se justement fäeg si Problemer ze erkennen a Léisungen ze erschaffen.

Ech hu virdru vun den Zuele geschwat, wou Lëtzebuerg un éischter Stell steet. Et si meeschtens Zuele wou et ëm d'Finanze geet. Wat d'Schoul ugeet, sti mir an der Statistik ganz wäit hannen.

Dës Kéier ass net d'Statistik Schold, neen, dës Kéier ass et beluegt, datt et d'Kanner selwer waren, déi schlecht ofgeschnidden hunn an dat am internationale Verglach.

D'PISA-Etüd, vun där ech schwätzen, ass fir verschidde Leit en Desaster. Just Länner wéi Brasilien a Mexiko sinn hanner eis klasséiert. Well mir awer viru Jore schonns wossten, datt mir grave Problemer an eise Schoulen hätten, huet d'Demokratesch Partei mat der Bildungs-offensiv op de Bildungsmisär opmierksam gemaach.

Mir hunn de Fanger op d'Wonn wollte leeën. "Offensiv" stong net fir eng militäresch Aktioun oder eng Attack, mä fir op de Problem opmierksam ze maachen, deen d'Sozialisten net erkannt haten, a fir de Problem, deen eng gewëssen Ampleur huet, resolut unzegoen.

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Et war Literatur, déi Der gemaach hutt an an der Praxis sidd Der méi schwach!

M. Jean Asselborn (LSAP). - Waren dat d'Sozialisten?

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - D'Mme Minister ass nure Curateur vun der Faillite vum Enseignement!

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Här President, Dir kënnt den Här Asselborn berouegen. Ech kommen nach eng Kéier dorobber zréck.

Wann een zréckgeet op den Abrëll 2000, wou d'PISA-Etüd entstanen ass, da constatéiert een, datt déi deemoleg Situatioun schonns quasi...

M. le Président. - Här Rippinger, loosst Der zou, datt den Här Di Bartolomeo lech eng Fro stellt?

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Neen, elo net!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Also net op meng Fro, ob Är Bildungs-offensiv Äre Programm war?

M. le Président. - Här Di Bartolomeo, loosst den Här Rippinger schwätzen!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Selbstverständlech, Här President.

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Den Här Di Bartolomeo kann herno déi Froe stellen, déi e wëllt. Momentan verzichten ech op säi Commentaire.

Ech muss also nach eng Kéier op dee Bildungsnoutstand hiweisen, deen duerch déi PISA-Etüd nach ënnerstrach ginn ass. An der Tëschenzäit ass vill geschafft ginn, esou datt dës Offensiv a mengen Aen net nëmmen eng "certaine ampleur" hat, mä awer och eng "ampleur certaine".

Datt eis Aussoen deemools schaarf waren, ass haut, gutt zwee Joer duerno, eigentlech egal. Net egal ass awer, datt déi sougenannte PISA-Etüd eis wierklech gewisen huet, wéi Recht mir deemools mat eise Kriticken haten. Dat ass den eigentleche Skandal vun der Saach. Net de Slogan, mä datt mir - leider muss ech dat soen - Recht behalen hunn.

Mir mussen also aus dëser Situatioun eraus, och wa mer se net verschëllt hunn. Ech wier dofir frou, wann all Parteien, ouni Ausnahm, sech méi konstruktiv mat dësem Sujet géingen ofginn, wéi just erop an erof ze deklinéieren, wou dann elo d'Bildungs-offensiv géing bleiwen.

Et ass besonnesch de Verdéngscht vun der Ministesch, hire Mataarbechter an den Acteuren um Terrain, déi mat engem ongebremschte Wëllen un d'Saach eruginn, ze verdanken, datt sech trotz allem op deem Gebitt viles beweegt.

D'PISA-Etüd muss, trotz allen Efforten, déi lafen, ganz eescht geholl ginn an zwar vun allen Acteuren um Terrain. Net d'Schüler eleng hunn eng schlecht Note kritt. Och déi aner Acteuren an a ronderëm d'Schoul, wéi zum Beispill och d'Elteren, musse sech d'Fro stellen, ob si wierklech an deem Zesammenhank alles gemaach hu wat néideg ass.

Um Budget krankt d'Schoul net, well wéi huet jo de Conseil d'Etat geschriwwen: "Le Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports est un des grands nantis du budget des dépenses avec un accroissement de 13,7% des crédits inscrits".

Wann et also net un de Sue läit, wou bestinn dann d'Problemer? D'PISA-Etüd huet ënner anerem gewisen, datt ënnerschiddlech sozial Milieuen, de Fait, datt e Schüler doheem mat sengen Elteren eng aner Sprooch wéi Lëtzebuergesch schwätzt, sech am Lëtzebuerger Schoulsystem katastrophal auswierkt. Déi Länner, déi gutt ofschneiden, wéi zum Beispill Finnland oder Kanada an och Neuseeland, hunn déi Problemer net, well si besonnesche Wäert op d'Integratioun leeën.

Am Educatiounsministère ass an zwee Joer scho vill geschitt, nonobstant dat wat meng Virriedner hei gesot hunn, a besonnesch de Vertrieeder vun der sozialistescher Fraktioun. Well de Conseil d'Etat confirméiert dat, wann e Folgendes schreift:

"Le Conseil d'Etat constate que les mesures de prise en charge d'élèves en difficulté, d'enfants de migrants et de réfugiés, d'aide aux devoirs à domicile et de prise en charge d'enfants en dehors des heures de classe en portent témoignage".

Wann ech dann de Pressecommuniqué vun de Sozialiste vun der leschter Woch liesen, wou si fuerderen, datt endlech soll gehandelt ginn, wou se da fir d'Chancëgläichheet an der Schoul plädéieren a wou se der aktueller Ministesch d'Schold an d'Schong drécke wëllen, da fannen ech dat schonn extrem bëlle, dat ëmsou méi well d'Sozialiste jo deemools och Regierungsverantwortung haten an haut esou maachen, wéi wa se wierklech ni eppes domadder ze di gehat hätten.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Mir haten 1979 en Educatiounsminister, deen eis e gutt Stéck virubuecht huet an duerno ass et bierga gaangen.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Da kënnt nach en zweete Punkt. D'sozialistesche Fraktioun huet et nach net emol fäerdeg bruecht, obwuel si gefrot gi war, hir Alternativen an der zoustänneger Kommissioun zur "école de l'intégration" eranzerechen. Dofir ass et richtig, wann ech froen: Wou sinn dann hir Alternativen?

Här President, mir sollen op Grond vun der PISA-Etüd elo keng Panik ausbrieche loossen, mä d'Resultater seriö huelen an eis selbstkritesch mat där Fro ausenanesetzen. Mir sollen awer net mengen, datt alles vun haut op muer besser gëtt. Dofir huelen ech zu dësem Sujet en Zitat aus "Die Zeit" vun der leschter Woch, dat folgendes seet: "Die Schulen können spürbar besser werden, wenn man sich nur hartnäckig darum bemüht. Nicht mit einem Ruck, aber in einem Zeitraum von 10 bis 15 Jahren".

M. Jean Asselborn (LSAP).- Da musst Der nach laang an der Regierung bleiwen, Här Rippinger!

Une voix.- Dat wäert sinn!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dir kënnt eis jo dann hëllefen!

M. Robert Mehlen (ADR).- Da kréie mer vill schéi PISA-Etüden!

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Loosst den Här Rippinger schwätzen!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, loosst eis ëm dach äntwerten!

M. le Président.- Dir kënnt dat herno maachen. Elo ass et um Här Rippinger.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här President, den Här Rippinger soll och eng Kéier no riets kucken an dem Här Weiler an d'Aen an dat alles soe wat en eis seet!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech kucke gewéinlech an d'Mëtt.

Här President, wann ee vu Liewensqualitéit hei zu Lëtzebuerg schwätzt, da kënnt een net derlaanscht - an den Här Krecké huet dat jo ausgiebeg gemaach an dofir wäert ech mech och deem Thema ausgiebeg unhuelen -, fir iwwert d'Transportproblematik hei am Land ze schwätzen. Dat ass dee Beräich, wou vill Leit hei am Land an och an der Oppositioun gutt liddien hunn. Mä wann ee se awer héiert schwätzen, da mengt een, et wier alles schrecklech einfach an alles wat en un Argumenter dofir oder dergéint gëtt, géingen net méi zielen.

D'Regierung, d'CSV an d'DP zesummen, an de Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg hu beschloss, kee BTB duerch d'Stad Lëtzebuerg fueren ze loossen. Dat ass eng Entscheedung, déi net wéinst dem stater Geschäftsverband, mä aus villen anere gudde Grënn geholl ginn ass, wat iwwregens déi stater Bierger den 10. Oktober 1999 an engem Vote bestätegt hunn, op deen ech net méi brauch anzegoen. Dee Vote war eindeutig.

D'Etüden, déi gemaach gi sinn, hu gewisen, datt de BTB eise Problem net léist.

(Interruptions diverses)

Da sot Dir dat, ech soe mäint.

Beim BTB hutt Dir de Reflex wéi en Hond beim Reflex de Pavlov. Dat ass ëmmer d'selwecht.

M. le Président.- Här Rippinger, sidd Der dermat d'accord, dass den Här Bausch lech eng Fro stellt?

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Neen.

M. le Président.- Här Rippinger, da fuert weider a loosst lech net stéieren.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ech hoffen, dass den Här Rippinger da muer de Mueren um 9 Auer hei ass, fir mir nozelauschteren, wann ech him dann d'Fro stellen, well ech dann d'Méiglechkeet um Pult hunn.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Wa meng Fraktioun déi Minute guttgeschriwwen kritt, da kënnt Dir déi Fro stellen.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, den Här Rippinger seet hei, de BTB-Konzept war vun alle Studië widderluegt ginn. Ech wollt e froen, ob en net méi an Erënnerung huet, wat säin eegene Minister eis gesot huet, wéi en d'Etüd Basler virgestallt huet - Etüd, wouriwwer säin eegene Minister jo d'Responsabilitéit huet -, wou am Szenario 3 vun deem Basler Studiëbüro steet, dass, wa mer e Wirtschaftswuesstum kréien wéi deen, dee mer elo schonn hunn an dee mer ëmmer nach méi héich ustriewen, dann allefalls dee Modell, wéi en an den 90er Jore presentéiert ginn ass, duerchwegs adequat fir Lëtzebuerg war.

Ech froe mech, ob den Här Rippinger déi Chiffren net méi an Erënnerung huet, well ansonst kann ech mir net virstellen, dass en esou Aussoe wéi déi elo hei kënnt maachen.

Et ass net, well ech speziell allergesch sinn, wann ech d'Wuert BTB héieren, mä ech sinn allergesch zesumme mat ville Bierger hei zu Lëtzebuerg, wann ech dee Verkéierschaos dobause gesinn a gesinn, dass des Regierung keng Léisung drop huet.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech hunn nëmme gesot, dass d'Etüden, déi gemaach gi sinn, gewisen hunn, dass de BTB eise Problem net léist.

Des voix.- Dat ass awer falsch, Här Rippinger.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Äre Problem ass: D'Partei léist en net. Dat stëmmt.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dat ass ganz aneschters wéi den Här Bausch gemengt huet ze verstoen.

M. Robert Mehlen (ADR).- Kaaft jiddferengem e bloe Velo.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- De Sujet ass ganz interessant an ech biedenlech alleguer den Här Rippinger dach schwätzen ze loossen. Déijéineg, déi zu deem Thema eppes soe wëllen - d'Leit vun der Sozialistescher Aarbechterpartei an och déi Gréng -, kënne dat maachen. Se solle sech wann ech glift dann aschreiwen.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, ech soenlech merci, mä d'Reaktioun vun de Sozialiste weist, dass mer se wierklech am Häerz treffen.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir sidd e Witzbold.

Une voix.- Den Här Rippinger muss selwer laachen.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- D'Sozialiste behaupten, dass den Transportminister kee Konzept hätt, fir Lëtzebuerg en attraktiven a modernen öffentliche Transport ze ginn.

Och d'Presidentin vun der CSV huet an engem rezenten Artikel am CSV-Profil tëschent den Zeile gemengt, dass et anscheinend net séier genuch mat dem Ausbau vun der Offer vum Transport public, besonnesch um Kierchbierg, virugeet, an huet och hei an der Chamber erëm de BTB erwähnt.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Dat war couragéis.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ofgesinn dovun, dass des Kriticker wëssen, dass d'Planung an d'Realisatioun vun neien Eisebunnsgleiser net méi séier ëmgesat kënne gi wéi aner öffentliche Bauten, wéi zum Beispill d'Planung an den Ausbau vu Schoulen oder vum Stroossennetz, ass et, a mengen Aen, liicht audacieux ze hoffen an ze verlaangen...

M. Jean Asselborn (LSAP).- Dir schwätzt vu virun 1999.

M. le Président.- Här Asselborn, wann ech glift.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, ech hunn 33 Joer Affekot um Bockel a mech bréngt kee méi aus der Fassung, och den Här Asselborn net.

M. le Président.- Mir mussen awer e bëssen Disziplin weisen. Ech loosse ganz vill zou, mä et geet elo duer. Här Rippinger, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Mir wësse ganz genau, dass ee fir Eisebunnsschinnen ze bauen an den Ausbau vun de Gleisen ze maachen, genau esou vill Zäit an der Planung an an der Exécutioun brauch, wéi fir den Ausbau vu Schoulen oder den Ausbau vum Stroossennetz, an dofir ass et an eisen Aen audacieux ze hoffen an ze verlaangen, dass all déi Projeten, déi ugekënnegt an och ëmgesat ginn, vun haut op muer misste realiséiert sinn. Dofir wëll ech mech méi eingehend mat deem Volet vum Budget beschäftegen.

Ech stelle fest, dass den Transportministère sech en ambitieuse Programm virgeholl huet, fir dee mir jiddefalls den Henri Grethen begléckwünschen.

D'Zilsatzung ass ganz kloer d'Erreeche vun engem Modalsplit vu 25 zu 75%, dat heescht 25% öffentlichen Transport a 75% Individualverkéier. Doniewent sollen d'Sécherheet an de Confort vum Utilisateur verbessert ginn a virun allem sollen d'Leit erëm Loscht kréien, fir den öffentlichen Transport ze benotzen an den Auto doheem ze loossen.

Fir des Objektiver ze erreechen, kënnt et zu engem konsequenten Ausbau vun den aktuelle Kapazitéite vum Persounentransport. Esou wäert d'Schafe vun enger

Centrale de mobilité et de Co-voiturage, déi och fir d'Koordinatioun tëschent deenen eenzelnen Transport-opérateuren zoustänneg ass, a vu cibléierte Campagnes de sensibilisation et d'information vun de potentiellen Utilisateuren, den öffentleche Persounentransport méi schmackhaft an attraktiv maachen an d'Leit motivéieren, fir vum Auto an de Bus oder an den Zuch ze klammen.

Als exemplarescht Beispill fir dës Efforten, wëll ech de Budgetsposte vun der Participatioun vum Stat am Aménagement vu P&R-Parking an an den Equipement de sécurisation am Interessi vum Transport public ervirsträichen, dee sech op déi considéabel Zomm vu 625.000 Euro beleeft.

Eleng dës Fakte beleeeën, dass vill ënnerholl gëtt, fir d'Leit dobausse fir den öffentlechen Transport ze sensibiliséieren. Awer sensibiliséieren eleng geet net duer, et mussen och Zuch- a Busverbindunge moderniséiert, beziehungsweise ausgebaut ginn.

An dësem Kontext wëll ech un d'Gesetz vum 24. Juli 2000 erënneren, dat der Regierung erlaabt, 13 Milliarde Frang an den Ausbau an an d'Moderniséierung vum Réseau ferroviaire ze investéieren. Well elo schonns virauszegesinn ass, dass dës Enveloppe net duergeet a well d'CFL an hirem Investitiounsprogramm nach weider Projeten ageschriwwen hunn, wäerten an deenen nächste Joren nach weider considéabel finanziell Efforten néideg sinn.

Et kann een net genuch ënnersträichen, dass an deenen nächste Joren Investitiounen programméiert sinn, déi de Montant vun 1 Milliard Euro dépasséieren. Et ass scho laang hier, dass esou vill Suen an den öffentlechen Transport investéiert gi sinn. Den Henri Grethen ass zënter ville ville Joren deen éischten Transportminister, deen erëm de Bau vun neien zousätzleche Schinnen hei am Land an Optrag ginn huet.

Den Ausbau vun eisem Schinnennetz gëtt konsequent virugedriwwen a stooft all déi Ligen, déi nach ëmmer behaapten, d'Regierung hätt kee Konzept a géing dem Verkéierskollaps onmächtég entgéintkucken. Ech wëll lech nëmmen e puer Beispiller ginn:

1. Am Beräich vun der Ubannung vu Lëtzebuerg un d'Réseaux ferroviaires européens gëtt am nächste Joer déi éischt Tranche vun der Lëtzebuerger finanzieller Participatioun um TGV-Est iwwerwisen. Wéi wichteg dës Projet fir Lëtzebuerg ass, brauch ech wuel kengem heibannen ze soen.

En zweeten internationale Projet ass d'Ax Bréissel-Lëtzebuerg-Stroosbuerg, wou regelméisseg zu Recht monéiert gëtt, dass de miserablen Zoustand vun dëser Liaison fir Lëtzebuerg onwürdeg wier an dem Stellwäert vu Lëtzebuerg als Site vun den europäeschen Institutiounen schuede géing.

2. Déi zweet Prioritéit ass d'Amélioratioun vun der Offer vun den Transports publics transfrontaliers. Hei läit de Modalsplit fir de Moment bei där déiwer Moyenne vu 7 zu 93%. Dës weist, dass an dësem Beräich nach vill Verbesserungsbedarf noutwendeg ass an dass d'Regierung, mat hir un der Spëtzt den Transportminister, amgaangen ass konsequent Initiativen ze huelen, déi sech opdrängen.

E puer Beispiller:

- A Richtung Frankräich kënnt et zu enger Verlängerung vun der Eisebunnslinn Esch bis Audun-le-Tiche a bis Micheville an zu enger Verlängerung vum Eisebunns-gleis Beetebuerg-Diddeleng bis Volmerange-les-Mines.

- Am Beräich vum Eisebunnsverkéier a Richtung Belsch läit eent vun den Haaptobjektiver an der Verbesserung vun den Accords tarifaires fir déi belsch Frontalieren, dat heescht, et soll op eis Fräen engem Frontalier méiglech sinn den Zuch ze huele bei sech doheem an der Belsch an dës zu den Tariffer, déi e Lëtzebuerger hei bei eis fir den Zuchticket bezuelt.

- A finalement ginn a Richtung Däitschland nei Bus-linnen ageriicht, och zu eise Fräen, déi déi däitsch Frontaliere bis op Lëtzebuerg op hir Aarbechtsplaz féiere sollen.

3. Déi drëtt Prioritéit läit am Ausbau vum Schinnennetz zu Lëtzebuerg. Esou gëtt envisagéiert, fir d'Liaison Péiteng-Lëtzebuerg integral zweegleiseg auszubauen an nei Liaisonen Lëtzebuerg-Beetebuerg a Lëtzebuerg-Esch ze realiséieren.

Am öffentlechen Transport huet niewent dem Zuch och de Bus seng Plaz. Esou bestinn um regionalen Niveau säit dem 1. Dezember nei Fahrpläng fir d'Buslinien tëschent de Südgemengen Esch, Leideleng, Monnerech, Recken a Suessem an um iwwerregionalen Niveau tëschent de betrouffene Gemengen an der Stad Lëtzebuerg.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Zwee Ballungsraim brauchen awer besonnesch Opmierksamkeet. An zwar de Süde ronderëm d'Frichen a selbstverständlech verschidden Deeler ronderëm d'Stad Lëtzebuerg.

Wat de Süden ugeet, wëll ech de Plan sectoriel transport ervirhiewen, deen an Zesummenaarbecht tëschent dem Intérieur, den Travaux publics an dem Transportministère fir de ganze Bassin minier erstellt gëtt. Andeems dass déi gesamt Friches industrielles abezu ginn, wäert dës Plan sectoriel e koherent Gesamtkonzept fir dës ganz Regioun duerstellen, wou de Bus an den Zuch eng Haaptroll spille wäerten.

Wat dann elo d'Stad Lëtzebuerg ugeet, esou besteet och do e Verkéierskonzept fir de Verkéier an a ronderëm d'Haaptstad. Nodeem sech erausgestallt huet, dass de

BTB-Projet nëmmen eng insignifiant Rentabilitéit par rapport zu der Variant Null-plus huet, sinn an dësem Dossier déi richteg Entscheedunge getraff ginn.

Op där anerer Säit huet sech awer erweisen, dass de Kierchbierger Plateau, opgrond besonnesch vu senger demographescher a wirtschaftlecher Entwécklung, nach vill Nachholbedarf an en enorme Potential opweist fir den Ausbau vum öffentlechen Transport. Den trauregen Niveau vun dem aktuelle Modalsplit um Kierchbierg vu 7 zu 93% deckt eendäiteg dësen Ausbaupotential op.

Ech denken do virun allem un de Raccordement ferroviaire vum Kierchbierg, un d'Eisebunn via Findel an de Senningerbierg mat engem Raccordement un d'Linn Waasserbëlleg an un d'Ligne du Nord an enger Connexion un déi nei Aérogare.

Et kann also kee méi hei behaapten, am Transport géing näischt lafen. Hei gëtt vill geschafft a vill gutt Aarbecht gemaach, fir d'Liewensqualitéit vun de Leit an dësem Beräich ze verbesseren an et kann een net vu Verkéierskollaps schwätzen.

D'Liewensqualitéit moossen ech awer och an der Gesondheitspolitik. De Minister Wagner huet versicht duerch déi eng oder aner Etüd oder Ëmfro an duerch d'Carte sanitaire dat Villt, wat am Uerge long, erëm an d'Riicht ze setzen.

Mir hunn zënter dem Mäerz en neie Spidolsplang, dee fir déi éischte Kéier an der Lëtzebuerger Geschicht op fiabel Donnéeën vun enger Carte sanitaire baséiert, déi all Joers nei erstallt gëtt.

Lëtzebuerg wäert och geschwënn iwwert e Rehazenter verfüge kënnen, deen dohinner gebaut gëtt, wou hien higehéiert, no beim Patient an no bei grouse Spideeler.

M. Jean Asselborn (LSAP). Wéini ass "geschwënn", Här Ripinger?

M. Jean-Paul Ripinger (DP). No mengen Informatiounen ass schonn d'Autorisation de construire amgaang erdeelt ze ginn.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Ah!

M. Jean-Paul Ripinger (DP). - Jo, déi Procédure leeft.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Den Här Minister huet gesot, virun 2003 géif net ugefaange gi mat bauen, Här Ripinger!

M. Jean-Paul Ripinger (DP). - Mir hunn den éischte Schratt gemaach, fir den Neibau vun engem neie Statslaboratoire, dee scho säit Jorzéngte gefuerdert gëtt. De Laboratoire ass nämlech eng Institutioun, déi scho vill ze vill laang an engem regelrechte Provisorium liewe muss. Mir hunn elo endlech eng Gesondheitspolitik, wou de Patient definitiv am Mëttelpunkt steet.

Ech hunn nach eng ganz Rei vu wichtege Punkten, déi och an deem Ministère, am Gesondheitsministère

realiséiert ginn. Erlaabt mer nëmmen an dësem Kontext un e puer Prioritéiten ze erënneren: d'Préventioun, d'Ëmweltmedizin, d'Liewensmittelsécherheet. Alles dat ass vun eminenter Wichtigkeet. Nach ni ass hei am Land esou vill fir déi Drogekrank an Drogenofhängeg gemaach ginn.

Besonnesch wëll ech hei...

(Interruption et hilarité)

Ech hunn hei dofir den Artikel, dann zielen ech lech et op. Dir sidd eppes, wéi den ungläubigen Thomas.

(Hilarité)

Maladies de dépendance: Participation de fonctionnement de services oeuvrant dans le domaine des toxicomanies: 3.597.867 Euro, dat ass eng Steigerung vu 35% par rapport zum Budget 2001 oder hei, de Poste fir Subsidies divers à des associations oeuvrant en matière d'action socio-thérapeutique, deen ëm 18% op de Montant vun 81.308 Euro erop geet.

Et kéint een elo nach mat weidere Beispiller d'Opzielung weiderféieren. Et kéint ee soen, datt de Kreditposten "Programme de lutte contre les drogues et le SIDA : acquisition, stockage et destruction de seringues" mat 309.420 Euro fir d'Joer 2002 dotéiert ass.

Trotz alle Kritik muss ee soen, datt dank dem Asaz vum Gesondheitsminister den 9. Februar 2001 am Ministerrot eng Léisung ugeholl ginn ass, fir de Service d'urgence et de nuit vun de Médecins généralistes ze reorganisieren. Dëse Berechtschaftsdéngscht vun de Generaliste schléit zu Buch mat 1.620.000 Euro.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här Ripinger, wéini geet dat dann un?

Une voix. - Mir schwätzen hei vum Budget.

Une autre voix. - Du därfs keng Fro stellen.

M. Jean-Paul Ripinger (DP). - Ech sinn net Minister, ech hunn hei vun den Artikelen aus dem Budget geschwat.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dir liest nëmmen dat, wat Der virgeschriwwé kritt.

M. Jean-Paul Ripinger (DP). - Dat ass dach Quatsch.

Une voix. - Oh!

M. Jean-Paul Ripinger (DP). - Dat ass esou e monumentale Quatsch.

Une voix. - Den Terrain ass anescht, Här Ripinger.

M. Jean-Paul Ripinger (DP). - Mir schwätzen hei vum Budget an ech hunn lech hei déi Artikelen aus dem Budget virgelies.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat, wat mir ënner Développement durable verstinn, ass de richteg

Wee fir méi Liewensqualitéit ze kréien. D'Diskussioun ëm den ominösen 700.000-Awunner-Staat - an dovunner hu jo och meng Virriedner geschwat - uerndet sech kloer dem Développement durable ënner. Mir hunn an deene leschte Wochen a Méint festgestallt, wéi déi Diskussioun geféiert gëtt. Si ass jo awer ugaange beim Rentendësch. D'Diskussioun vun de Renten ass elo vum Dësch...

Une voix.- Oh! Oh!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- ...an huet Plaz gemaach fir méi fundamental Iwwerleeungen iwwert d'Zesummeliewe vun de Bierger. Mir sollen trotz allem net d'Feeler maachen a Konklusiounen aus enger Diskussioun zéien, déi bis elo an - ech widderhuele mech - op eng zum Deel grotesk Aart a Weis an der Öffentlechkeet gefouert ginn ass. Et ass och net gutt, datt mir op eng kënschtlesch Aart a Weis Angscht virun der Zukunft a virum Progrès opbauen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Da sot dem Här Juncker dat!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech halen et do éischter mat dem Victor Hugo, dee seet: "Le pas collectif du genre humain s'appelle le progrès. Le progrès marche."

Duerfir ass et nach net esou, datt mir eis aussiche kënnen, wéivill Wuesstum mir wëllen. Mir kënnen net soen: Dëst Joer wëll ech 2% an d'nächst Joer 3%. Duerfir gëtt et ze vill Acteuren, déi um Wuesstum an och um PIB bedeelegt sinn.

Dës Regierung seet e kloere Jo zum Wuesstum! D'Sozialisten haten an de leschte Méint e puer méi nuancéiert Aussoe gemaach, hunn dat dunn awer si gelooss. Och an de Chambres professionnelles gëtt sech fir de Wuesstum ausgeschwat. D'Chambre de Commerce huet dat jo och a sengem Avis op de Punkt bruecht.

D'Fro vum Wuesstum ass just: Wéi wëlle mir da wuessen? Nohalteg soll alles sinn. Frësch Loft a proppert Waasser solle garantéiert ginn, schnell Transportweeër wëlle mer och, asw.

Well all déi Beräicher sech iwwerschneiden, sech géigesäiteg beaflossen - positiv an awer och negativ -, well wichteg Choix getraff gi mussen, huet d'Demokratesch Partei sech am Oktober dofir ausgeschwat, datt mir an der Chamber e Gremium kreéieren, dat eng horizontal Kompetenz iwwer all déi Beräicher hätt: E Gremium, dat mir "Conférence parlementaire" genannt hunn - wat mir natierlech och aneschtlers nenne kënnen - an dat parlamentaresch Vertrieeder aus de verschiddenen, bei eis a Kommissiounen agedeelte Kompetenzberäicher hätt, an zwar aus alle Reie vun der Majoritéit an der Oppositoun.

Et gëtt nämlech an dëser Debatt ëmmer gären iwwer Konzepter a Strategië geschwat. Déi Wieder kléngen zwar gutt. Allerdéngs ass bis elo nach kengem vun eis alleguerten e richteg duerchduechtent Konzept agefall.

All Fraktioun heibannen mécht sech Gedanken iwwert d'Liewensqualitéit, iwwert d'Zukunft vun dësem Land. D'Chambres professionnelles hu sech och an hiren Avisen Gedanken gemaach iwwert déi Sujeten, déi si spezifesch interesséieren. An d'Gewerkschafte maachen dat och. Also loosst eis am Kader vun der Chamber d'Diskussioun strukturéieren a kanaliséieren, fir datt mir op e gréngen Zweig kommen.

Als Konklusioun wëll ech soen, datt d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei gutt lieve ka mat de Kritiker an deene Kriticken, déi hei gesot gi sinn.

Mir hunn awer - contrairement zu deem, wat mäi Virriedner gesot huet - Vertrauen an dës Regierung, well mir der Meenung sinn, dass si déi gliddech Eisen upéckt: D'Rente ginn erhéicht, d'Steiere gi massiv erofgesat an d'Problemer am Bildungswiesen sinn amgang no an no behuewen ze ginn. Am Transport geschitt esou vill wéi 15 Joer virun net. Am Ëmweltberäich gi vill gutt duerchduechten an équilibréiert Mesurë geholl. An ech kéint esou virufuere mat där Lëscht.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Gleeft Dir dat dann alles selwer?

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Meng Fraktiouns-kollege wäerten no mir nach méi prezis op déi eenzel Beräicher agoen.

Eist Land steet viru groussen Erausforderungen heiheim an och dobaussen. Froe vun der Liewensqualitéit, Froe vun der Roll vu Lëtzebuerg am erweiderten Europa vu muer beschäftegen eis Bierger. Dës Regierung, dës Majoritéit gëtt ganz kloer Äntwerten. Si gefale vläicht net jidderengem, si gi Verschiddenen och vläicht net schnell oder net wäit genuch. Dat maach sinn, dat soll och jidderee fir sech selwer jugéieren. Wat eiser Meenung wichteg ass, ass datt d'Richtung stëmmt. Duerfir verdéngt dës Regierung eist Vertrauen, an duerfir wäert meng Fraktioun och fir de Budget stëmmen.

Ech soen Iech merci!

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll och gläich ufanks vu menger Interventioun dem Rapporteur, dem Kollege Claude Wiseler, merci soe fir säin interessante Rapport, deen en eis virgeluegt huet. Et ass eigentlech eng ganz Rei vun interessante Voleten an deem Rapport opgefouert.

Selbstverständlech, mengen ech, entbënnt dat eis awer trotzdeem, fir dësem Budget mussen zouestëmmen. Mä déi Aarbecht soll awer hei gelueft ginn. De Budget, deen dëst Joer hei zur Diskussioun an zum Vote steet, dat ass ee Budget, deen op enger gesonder finanzieller Situatioun vum Lëtzeburger Stat opbaut. Et ass och

deen éischte Budget, deen an Euroen integral zum Ausdrock kënnt, quitte datt d'Debatt, sou wéi mer et de Mëtteg gemierkt hunn an och an deenen nächsten Deeg wäerte weider mierken, sech gréisstendeels nach wäert a Frangen erëmispigelen.

D'Recetten an deem Budget gi praktesch ëm 10% an d'Luucht; d'Statsschold ass enorm niddreg mat 28 Milliarden oder 3,18% vum PIB. De Reservefong vun der Dette publique deckt dee gréisstendeels of, a wann alles richt leeft, ass am Joer 2008 d'Statsschold ewech.

D'Réserve budgétaires cumulées hunn ee Solde vun iwwer 20 Milliarden, a mat den Excédentë vum Budget vum leschte Joer ginn d'Reserve vum Stat an deene verschiddene Fonge mat der Réserve budgétaire cumulée wäit iwwer 100 Milliounen.

Et ass wichteg, dass mer dës Reserven hunn. D'Projete ginn awer net esou séier viru wéi dat virgesi war an doduerch klammen zousätzlech d'Reserven, 1. duerch d'Retarden an 2. well eben nach nei Reserven dobäi kommen.

Als ADR wäerte mer d'nächst Woch och nach Motiounen hei deponéieren, am Kader vun deem Projet de loi, fir zwee nei Fongen ze schafen: ee Sozialfong fir d'Reserve vun de Pensiounskeesen ze stäerken, an een zweete Fong fir d'Kompensatiounsmoosname vis-à-vis vun de Gemeengefinanzen duerchzesetzen.

(Interruption)

Wat sot Der, Här Weiler?

M. Lucien Weiler (CSV). Deen éischten ass och zoustänneg fir Är Fuerderungen. Fir 20 Milliarde supplementar ze bezuelen, dofir brauch ee scho Fongen.

M. Gast Gibéryen (ADR). Selbstverständlech, Här Weiler. Mä Dir sidd amgang lech um gudden Wee ze befannen a Schrack fir Schrack eis Fuerderungen ze realiséieren, an duerfir ënnerstëtzt eis an allen Iddien, och an där heiten, fir datt mer dat Ganzt kënne realiséieren. Ech sinn ëmmer frou, wann ech vun der CSV Ënnerstëtzung fir eis Fuerderunge kréien.

De PIB ass am Joer 2000 ëm 8,5% an d'Luucht gaang, 2001 ëm 5,6%, 2002 - laut de Previsiounen vun der OECD ëm 5,5 - laut Budget ëm 4%. D'Inflatioun louch am Joer 2000 bei 3,2%, 2001 an 2002 wäert se sech op ëm 3% belafen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen alleguer, datt d'Finanzsituatioun gréisstendeels vum Finanzsecteur ofhänkt, an duerfir ass et och wichteg, datt, op deem Sommet, deen dës Deeg zu Laeken ass, eis Regierung déi Positioun vertritt, déi mer hei am Parlament ëmmer ënnerstëtzen. Mir wëssen, datt am November 2000 nom Sommet vu Feira hei an der Chamber eng Debatt war, wou mer iwwer eng EU-wäit Quellesteier diskutéiert hunn, a wou de Statsminister den 28. November 2000 hei

an der Chamber deklaréiert huet, an dat op Grond vun der Décisioun vu Feira: "Dat heescht am Klortext, datt et zur Aféierung vun enger EU-wäiter Aféierung eréischt kënnt, wann déi Gespréicher mat den Drëttstaaten, wou musse gläichwäerteg Moosname getraff sinn, a mat den ofhängegen Territoiren - Isle of Man, britesch Kanalinselen an déi associéiert an independent Territoiren an der Karibik - ofgeschloss sinn."

Dat gehéiert mat zur Beschlussgrondlag, déi muss do leien, wann d'Finanzministere virum Enn vum Joer 2002 sech endgültig iwwert de Contenu vun enger Direktiv iwwert d'Kapitalertragsbesteuerung eenegen. Et ass dës eng wichteg Fro fir eist Land. Praktesch all Fraktiounen hunn sech deemools hannert d'Deklaratioun vum Statsminister an der Regierung gestallt, a mir mengen, et wier wichteg, dass dës Message och virum Sommet vu Laeken nach eng Kéier géif erneiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun iwwert de Budget vun engem Stat sinn awer net nëmme Chifferen, Statistiken oder Geld, mä villméi, wat fir eng Politik mat deem Geld gemaach gëtt. Mir hunn dës Joer déi zweet Etapp vun der Steuerreform. Déi éischt Etapp den 1. Januar 2001 fir déi physisch Persounen an der Héicht vun 10 Milliarde Frang. Déi zweet Etapp den 1. Januar 2002 fir physisch Persounen an der Héicht vun zousätzleche 7.500 Milliounen Frang. An de Virdeel, datt de Statsminister an d'Regierung d'lescht Joer déi zweet Etapp direkt mat ugekënnegt huet, besteet virun allem dodran, dass déi Demokratesch Partei et dës Joer matkritt huet, dass eng Steuerreform géif kommen, wat se d'lescht Joer verpasst hat an aus der Zeitung huet missen erfueren.

D'Entreprise kréien dës Joer eng Erliichterung an der Héicht vun 13,8 Milliarden. Zesumme gëtt dat Steuerermässeunge fir déi zwee Joer fir d'physisch Persounen an d'Betriben vu praktesch 41 Milliarden.

D'Diskussioun féiere mer am Detail déi nächst Woch bei deemem Projet; elo just awer e puer prinzipiell Iwwerleeungen: Iwwer 40 Milliarde Steuererliichterungen an zwee Joer an ee groussen Deel vun de Bierger kritt heivun awer kee Frang. Genau Chiffere gëtt et net, mä et gëtt mat iwwer 100.000 steierpflichtige Leit gerechent. Et ass awer kee Cadeau, wat d'Regierung hei mécht, mä et ass un éischter Stell e Retard vun der Inflatioun, wat d'Steiertabell ubelaangt, déi an der Vergaangenheet net regelméisseg ugepasst ginn ass.

Deen Débat iwwert d'Steuerreform war ursprüngelech fir de 6. Dezember, also Niklosdag virgesinn. Well dat aus zäitleche Grënn net méiglech war, soll dat elo d'nächst Woch, viraussichtlech den 19. Dezember - also kuerz viru Chrëschttag - sinn.

Et war am Fong ugeholl ginn, datt de Statsminister déi Debatt gäre géif Niklosdag maachen, well de Kleesche sollt bei d'Leit kommen; lo soll d'Chrëschtkeendchen da

kommen. Mä dem Kleeschen an dem Chrëscht Kand gëtt hei Onrecht gedoen, well déi gi bekanntlech bei all Kanner. De Kleesche Juncker geet awer nëmme bei déi Besserverdëngend an en hält dohin Titercher mat,...

(Interruptions)

...Här Weiler; sou hält en zum Beispill eng Tiitche mat bei eng bestuete Koppel mat engem Kand, déi 5 Milliounen steierpflichtege Revenu huet. Déi kréien eng Tiitche vun 327.760 Frang. An de Kleesche geet bei eng Famill mat engem Kand, déi 3 Milliounen steierpflichtege Revenu huet, mat enger Tiitche vun 207.000 Frang. Da geet de Kleesche Juncker bei eng Famill mat engem Kand, déi 2 Milliounen steierpflichtege Revenu huet, mat enger Tiitche vun 130.000 Frang.

Mä bei deen, deen nëmme 100.000 Frang de Mount hei am Land verdéngt - eng Famill mat engem Kand -, do geet net de Kleeschen, mä den Houseker Juncker hin, well déi kréie just eng Tut voll Loft, wou näischt dran ass.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här Gibéryen, sot eis emol, wéi eng Tiitchen Dir da kritt. Gitt äis an de Lëtzebuerger, déi lech nolauschteren, emol Opschloss, wéi Är Tiitchen dann ausgesäit.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Huel Äi Tiitchen an dann halbéiert Der se eng Kéier.

(Hilarité)

Déi Leit mat klenger Léin a Pensioune kréien näischt, net een eenzege Frang vun dese 40 Milliounen. Den ADR huet am Oktober 2000 eng Proposition gemaach, fir net acceptabel Steuerungerechtegkeeten auszegläichen, an en huet duerfir d'Applikation vun enger Negativsteuer berechent; eis Propositione ka jiddereen am Internet nolosien.

Des Weideren hu mer eng Vereinfachung vum Steuersystem mat nëmme dräi Steuergruppen an d'Aféierung vun der individueller Besteuerung proposéiert. Den Detail vun dese Propositione wäerte mer d'nächst Woch bei dem Steuerreformprojet virstellen.

Wat elo mä Beispill vun der Koppel mat engem Kand ubelaangt, sou beweist dat des Weideren, datt, wann ee 5.327.000 Frang Steuererspuernisser an engem Joer kritt, dëst 6,6% vun deem sengem Revenu ausmécht.

Bei enger Koppel mat engem Kand mat engem Revenu vun enger Millioun kritt ee keng Steuererleichterungen, also geet säi Revenu ëm 0% an d'Luucht. Déi Reform bréngt also mat sech, datt Leit, déi hei am Land 5 Milliounen steierpflichtege Revenu hunn - ech schwätzen ëmmer vun enger Koppel mat engem Kand -, hire Revenu duerch des Steuerreform ëm 6,6% netto an d'Luucht geet a bei Leit, déi eng Millioun d'Joer hunn, do geet en ëm kee Frang d'Joer an d'Luucht.

D'Ongerechtegkeet gëtt awer nach vill méi krass, wéi folgend Beispill weist, wat d'Abatementer ubelaangt.

Eng Koppel, mat engem Kand, mat engem steierpflichtege Joresrevenu vun 1.200.000 Frang, mécht eng Liewensversicherung vun 81.000 Frang. Da spuert déi Koppel op där Zomm ganzer 405 Frang iwwert de Wee vu Steieren. Déiselwecht Koppel, déi 3 Milliounen verdéngt an och eng Liewensversicherung vun 81.000 Frang ofschléisst, déi spuert 13.121 Frang Steieren, an eng selwecht Koppel, déi 5 Milliounen steierpflichtege Joresrevenu huet an eng Liewensversicherung vun 81.000 Frang mécht, spuert ganzer 20.205 Frang vun deenen 81.000 Frang Liewensversicherung.

Dat kann dach net méiglech sinn an et beweist, dass déi Reform, déi des Regierung an den Här Juncker eis hei presentéieren, absolut keng Steiergerechtegkeet zum Ausdruck bréngt.

Ech kënnt elo nach eng ganz Rei vu sougenannte Freibeträg uféieren, a bei all deene Beispiller kéim iwwerall datselwecht Resultat eraus: Déi, déi vill verdéngen, maachen e grouss Erspuernis a gewannen enorm Steieren, an Normalverdënger kréien iwwerhaupt näischt. Et kënnt ee bal mengen, dëst wär eng Reform vun décke Gehälter.

Den ADR huet net fir näischt a sengen Iwwerleeunge fir eng gerecht Steuerreform drop higewisen, dass all Betrag, déi mat Steuermoderationen ze dinn hunn, wéi Liewensversicherungen, wéi Abatementer fir Reesekäschten an dargläicher, linear fir jiddereen déiselwecht Steuererspuernisser sollten duerstellen, well ëmmerhi sinn d'Reesekäschte vun enger Vendeuse, déi vun lechternach an d'Stad kënnt, an der Steuermoderation déiselwecht wéi déi vun engem Bankdirekter. Mä steierlech huet dat Meedchen dovun guer näischt, an de Bankdirekter kritt vun där Zomm praktesch 25 bis 30% zgutt geschriwwen.

Iwwert d'Gewerbesteier wäert ech herno beim Kapitel iwwert d'Gemegefinanzen ze schwätze kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deene leschten Deeg gouf d'Fro oft gestallt, esouwuel am Ausland wéi och hei, ob een d'Statsbudgeten net misst no ënne revidéieren opgrond vun den Evénementen vum 11. September. Als ADR fanne mir d'Décision vum deser Regierung, zu deem Zäitpunkt keng Revision ze maachen, richteg, an dat aus verschidde Grënn:

- Eischtens wär et fir eis ee falscht Signal un d'Ekonomie an un de Konsument, déi duerch esou eng offiziell Décision nach méi veronséichert géife ginn.

- Zweetens huet d'Vergaangenheet bewisen, datt d'Regierung systematesch d'Recett staark ënnerschätzt huet a mer regelméisseg Iwwerschëss a Milliardenhéicht haten.

- Drëttens ass de Statsbudget op e Wirtschaftswuesstum vu 4% opgebaut an international Statistiken, sou zum Beispill d'Prognos vun deene fënnf Waisen, déi fir déi

zwielef Länner aus der Eurozon hiren Avis viru 14 Deeg ofginn hunn, gi Lëtzebuerg 5,2% an d'OECD 5,5%.

Aus all dësen Iwwerleeunge si mer wéi gesot der Iwwerzeegung, dass opgrond vun den Evénementen vum 11. September eise Statsbudget net no ënne brauch reviséiert ze ginn an dass nach genuch Spillraum an dësem Budget dran ass.

E puer Wieder iwwert d'Roll vum Stat: D'Roll vum Stat besteet net nëmmen doran, d'Gelder ze verdeelen, mä et geet virun allem drëm, fir dës Gelder gerecht a sozial ze verdeelen. Net méi Steieren, wéi e Stat fir ze funktionnéiere brauch, soll e vun senger Bierger respektiv vun de Betriber anzéien. Geld ass net alles. D'Regierung breet sech awer nëmme mam Sueverdeelen. Suen, déi se de Leit an de Betriber fir d'éischt awer aus der Täsch gezunn huet.

A wann een de Statsminister, de Budgetsrapporteur an de Budgetsminister an deene leschten Deeg héieren huet, oder de Mëtteg de Fraktiounsprésident vun der CSV oder vun der Demokratescher Partei, huet een ëmmer nëmmen héieren, wéivill Geld si de Leit ginn; Gelder, déi se awer virun de Leit zevill ofgehol hunn; dat hunn se vergiess ze soen.

Et schéngt, wéi wann all déi aner Wäerter, wéi dat mënschlecht a gesellschaftlecht Zesummeliwen, hei zu Lëtzebuerg net méi géifen zielen. Et gëtt ëmmer nëmme vun deem räichste Land vun der Welt geschwat; et seet keen, dass de Chômage bei eis awer klëmmt, dass d'Zuel vun deene Leit, déi den RMG bezéien, ëmmer weider an d'Luucht geet, dass d'Kriminalitéit zouhëlt, dass eis Prisongen iwwerfëllt sinn, dass d'Suicidé Rekordzifferen erreechen, dass eist Schoulwiese katastrophen ass, dass den Drogekonsum hei zu Lëtzebuerg am Verglach mat aneren europäesche State rekordverdächtig ass, dass Rekorder vu Failliten opgestallt ginn, dass d'Waardezäite fir an d'Fleegebetter nach ëmmer d'selwecht laang sinn, dass de Rehazenter nach ëmmer net gebaut ass, dass de Wunnengsbau vun Dag zu Dag méi katastrophen gëtt an ëmmer méi Leit sech et net méi kënne leeschten, hei zu Lëtzebuerg eng Wunneng ze bauen.

D'Verkéiserssituatioun gëtt all Dag méi problematesch, och wann de Fraktiounsprésident vun der Demokratescher Partei elo kuerz viru mir hei versicht huet, de Géigendeel ze beweisen. Hei huet den ADR och eng Proposition gemaach a fir den Transport, den öffentliche Transport, de Stroosseverkéis am Süden ee Konzept entwéckelt, wat allgemeng ee positiven Uklang fonnt huet.

Den Här Weiler huet iwwer all déi Problemer do net geschwat, mä en huet léiwer 30 Joer an d'Vergaangenheet zrëckgeekuckt an Zitater zebréiert, déi haut kee méi kann novollzéien an déi och net méi ubruecht waren, fir sech eben net méi där aktueller Situatioun,

wéi se sech haut dem Land an de Bierger stellt, brauchen ze stellen.

D'Reforme administrative: Dës Regierung ass ugetratt mat dem erkläerten Zil, staatlech Verwaltungen ze reforméieren; dat hat schonn déi viregt Regierung ugekënnegt an duerfir huet se souguer ee Minister an seng Verwaltung een Titel bäikritt, nämlech de Ministère de la Fonction publique ass och nach "et de la Réforme administrative" genannt ginn.

Zwee an en halleft Joer sinn erëm eriwwe an zwee an en halleft Joer ass erëm näischt geschitt. An deenen éischten zwee Jore si praktesch all Gruppen an Ënnergruppen, déi et beim Stat gëtt, beim Statssekretär emfaange ginn; lo ginn d'Parteien konsultéiert an dann ass nees d'Legislaturperiod erëm an et ass awer näischt geschitt.

Konkret ass, wat d'Verwaltungsreform ubelaangt, eppes geschitt: Et ass eng nei Telefonsnummer agefouert ginn. Soss, wa gären een eng Verwaltung ugeruff huet, huet en de 478-1 gedréint an en ass weiderverbonne ginn; dann huet e meeschtens keen op den Telefon kritt. Lo dréint een den 8002-8002 an da gëtt ee weiderverbonnen, an et kritt een och meeschtens keen op den Telefon.

Den Ënnerscheed ass, dass ee soss véier Nummere gedréint huet fir keen ze kréien, an elo dréint een der aacht fir keen ze kréien, mä soss ass näischt geschitt.

Wann een eng Verwaltungsreform wëllt maachen, da muss ee mat System virgoen an et dierf ee kee Gepiddels maachen, wéi dat am Abléck de Fall ass, an et muss ee virun allem, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Courage hunn, fir Auditer vu Verwaltungen ze maachen an déi extern maache loosse. Leit, déi vu baussen an de Betrib ginn a kucken, wéi de Betrib funktionnéiert, quitte dass se, an dat ass selbstverständlech, déi Leit am Betrib mussen an d'Diskussioun mat abezéien. Mä bis elo ass, ausser an enger klenger Verwaltung, absolut guer näischt geschitt. Et sinn zwee an en halleft Joer erëm, a wann der sou virufuert, dann hutt Der vläicht e puer Auditen do leien, wann dës Legislaturperiod erëm ass, ouni dass eppes geschitt ass. Mä et muss een de politesche Courage hunn, fir do virzegoen.

Mat enger Verwaltung iwwer eng Verwaltungsreform ze schwätzen, Här President, dat ass datselwecht wéi wann der mat de Gänse géift iwwert de Chrëschtmenü schwätzen. De Stat muss de Courage hunn, fir eben hei Neel mat Käpp ze maachen. Eng Verwaltung wéi de Stat, dee praktesch 20.000 Leit beschäftegt, muss hir Servicer permanent a Fro stellen.

Mir gesinn zum Beispill haut, dass d'Informatik bei eiser Police nach ass wéi bei kengem Private méi am Land. Ech war des Lescht op enger Polizeistatioun, déi haten ee PC do stoen an all déi aner, op deenen se geschafft hunn, déi hunn d'Polizisten sech vun doheem misste matbréngen, fir der iwwerhaupt ze hunn. Ech war op enger Steierverwaltung an engem Büro, wou ee mer gesot huet: "Mir hunn zu aacht ee PC an all déi aner, déi hei stinn, déi hu mir vun doheem matbruecht, fir iwwerhaupt kënnen ze schaffen".

Wann dat d'Verwaltungsreform ass, déi dës Regierung wëllt duerchzéien, da kann et engem nëmmen Angscht fir d'Zukunft ginn.

Wa mer wëssen, dass d'Regierung haut net méi amstand ass, mat dëser Verwaltung eist Land uerdentlech ze verwalten an et gesäit een dann, datt dem Statsminister säin Dada ass - an hien dreemt permanent dovun -, fir e Stat vu 700.000 Leit ze kréien, wou am Wunnengsbau, weinst der Versiedelung vum Land, haut, wéi scho gesot, d'Präisser schonn esou héich sinn, dass kee Mënsch se méi ka bezuelen, da kann et engem Angscht ginn.

Schoule feelen, Stroosse feelen, den Transport ass schlecht organiséiert a praktesch all aner Infrastrukturen, d'Kriminalitéit klëmmt, d'Verwaltunge sinn haut schonn iwwerfuert.

Et soll een d'Integrationsméiglechkeeten net iwwerfuerderen, soe mir als ADR hei fir Lëtzebuerg. D'Lëtzebuerger gi mat där doter Politik lues awer sécher eng Minoritéit an hirem eegene Land. D'Suerg vun enger kultureller a politischer Minoriséierung gëtt vun Dag zu Dag bei de Leit am Land méi grouss a berout op handfesten Tatsaachen.

Den 1. Januar 2001 hu vu 441.300 Awunner hei zu Lëtzebuerg 164.700 Bierger eng aner Nationalitéit oder 37,3% net d'Lëtzebuerger Nationalitéit gehat. 1971 war deen Undeel 19,5%. D'Integratioun ass duerfir vu grousser Wichtigkeet an duerfir ware mer och frou, wéi d'Regierung eis Proposition ugeholl huet an hire Projet de loi iwwert d'Nationalitéitgesetz dohinner ëmgeännert huet, dass d'Lëtzebuerger Sprooch eng Konditioun huet misse ginn, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien.

Mir waren och domat averstanen, fir et ze erliichteren, fir d'Nationalitéit ze kréien, de Wunnsätz hei am Land vun zéng op fënnef Joer erofzesetzen, fir domat d'Integratioun méi lichter ze maachen.

D'Schoul ass awer dee wichtegsten Integrationsfaktor, dee mer hunn, an dofir si mer och frou, dass de Précoce agefouert ginn ass, fir och d'auslännesch Kanner esou fréi ewéi méiglech an eise Schoulsystem ze integréieren an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, iwwert de Précoce an iwwert de Préscolaire d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren, fir herno genau esou wéi all déi aner Kanner an der Lëtzebuerger Sprooch kënnen an de Primaire eran ze goen.

Dës soll am Interessen, souwuel vun deenen auslänneschen, wéi och vun de lëtzebuergesche Kanner geschéien. D'Integratioun war bis elo keen Thema hei zu Lëtzebuerg an dat op Grond vun de Kulturkreeser. Wann an Zukunft op Grond vun der wirtschaftlecher Entwécklung zousätzlech Aarbechtskräfte bei eis kommen oder komme müssen, an esou laang déi aus zukünftigen europäesche Memberstate kommen, wéi Polen, der Tschechei, Slowenien oder Ungarn, da kann d'Integratioun, wa se sech a vernünftege Grenze beweegt, och an Zukunft problemlos gemeeschtert ginn. Dat géif sech awer drastesch änneren, wann dës Zouwanderung aus engem anere Kulturkrees géif kommen.

Als ADR verlaange mir duerfir, dass éischters d'Integratioun verstärkt gëtt, fir d'Ghettoiséierung ze évitéieren, zweetens d'Lëtzebuerger Sprooch als Ëmgangssprooch an domat als Hauptintegrationsfaktor ze maachen, an drëtzens d'Recht, fir sech u Chamberwalen ze bedeelegen, soll nëmmen iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit zum Ausdrock kommen.

Duerfir verlaange mer och, datt solle massiv Kreditter zur Verfügung gestallt ginn, fir quiesch duerch d'Land vum Stat a vun de Gemenge kënnen Course fir d'Erléiere vun der Lëtzebuerger Sprooch unzëbidden.

Ee weidere Problem, deen eis beschäftigt, ass de Chômage.

D'Entwécklung vum Chômage. Wa mer kucken, wéini dass dës Regierung 1999 ugefaangen hat, hate mer deemools 5.534 Demandeurs d'emploi a mir hate 1.718 Leit a Beschäftigungsmoosnamen. Dat sinn zesumme 7.252 Persounen, déi keng Aarbecht haten.

Am Joer 2000 hate mer 4.964 Demandeurs d'emploi an 1.922 Leit, déi an enger Beschäftigungsmoosnam waren, zesumme 6.886 Leit, déi no enger Aarbecht gesicht hunn. Elo am Oktober 2001 hu mer 5.237 Demandeurs d'emploi an 2.353, déi an enger Beschäftigungsmoosnam sinn, also ronn 7.500 Leit, déi hei am Land keng Aarbecht hunn.

De Chômage ass also net, wéi fälschlecherweis dobaussen ëmmer behaupt gëtt, erofgaangen. Prozentual ass en erofgaangen, well eben den Effektiv vun de Salariéen hei am Land an d'Luucht gaangen ass, awer d'effektiv Zuel vun de Chômeuren ass an deene leschten zwee Joer, op 1999 zrëckgekuckt, an d'Luucht gaangen, dat trotz Wirtschaftswuesstum an trotzdeem mer praktesch all Joer an deene leschte Jore méi wéi 10.000 Aarbechtsplaze pro Joer netto hei am Land geschaf hunn. Dat och, trotzdeem datt mer d'ADEM iwwert de gesetzleche Wee verbessert hunn.

Verschiddenes huet sech och op deem Niveau - zum Beispill, wat d'Ausbezuule vum Chômage ubelaangt - verbessert. De grouse Problem bleift awer d'Aarbechts-

plazverméttlung, d'Demandeurs d'emploi, déi méintelaang keng eenzeg Proposition gemaach kréien, fir eng aner Aarbecht ze sichen.

Den ADR hat deemools eng Reform vun der ADEM proposéiert, a mir bleiwe bei där Meenung:

- 1) eng intern Trennung vum Service, dee Chômage-Gelder ausbezilt, an deem Service, deem Aarbechtsplaze vermëttelt;
- 2) de Service, deem Aarbechtsplaze vermëttelt, sollt privatiséiert ginn;
- 3) d'Schafe vun engem finanziellen Ureiz fir d'Aarbechtsplazverméttler pro Plaz, déi vermëttelt konnt ginn;
- 4) méi eng grouss Transparenz, wat d'Vermëtteler vun den Donnéeën ugeet, souwuel vun deene Leit, déi eng Plaz sichen, wéi vun den Entreprises, déi Leit sichen.

Mir hunn am Abléck hei am Land eng Diskussioun, wat de Mangel un Aarbechtskräften ubelaangt, a mir hu souguer eng Kommissioun hei an der Chamber agesat, déi soll kucken, wuer mer déi Aarbechtskräfte solle siche goen, déi eis hei feelen.

Den ADR refuséiert, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sou Moosnamen zouzestëmmen, sou laang wéi mir nach 7.000 Leit hei am Land am Chômage hunn. Mir kënnen net domat d'accord sinn, datt mer Leit wäit siche ginn an eise Leit hei keng Aarbechtsplazen ubidden. Fir all Plaz, déi hei am Land un een Net-Resident vergi gëtt wou Certificate mussen ausgestallt ginn, sief dat am Kader vun der Regularisatioun vun de Sans-papiers oder sief et Leit déi mer aus Net-EU-Staten heihinner komme loossen, verlaange mir, datt d'Administration de l'Emploi fir d'éischt muss Certificaten ausstellen, datt ënnert deene 7.000 awer och wierklech keen ass, deem déi Aarbechtsplaz kann iwwerhuelen. Wann dat eréischt de Fall ass, da si mir domat averstanen, datt ee Leit kann heihinner komme loossen.

Ee weidere wichtege Punkt, Här President, sinn eis d'Gemegefinanzen.

D'Roll vun de Gemengen ass eng ganz wichteg an eiser Gesellschaft. D'Gemengen an eiser gesellschaftlecher Struktur ass deen Deel, deem am nooste beim Bierger ass, deem d'Besoine vun de Bierger am beschte kennt, an déi Problemer sinn haut an deene klengen, wéi an deene grouse Gemengen déiselwecht. Haut hu se och an deene kleng Gemenge Précocé, Crèchen, Garderieën, Kantinen, Structures d'accueil, sportlech a kulturell Infrastrukturen, Wunnengsbau, an sou weider. Mir wëssen awer, datt mer haut e katastrophale Wunnengsbau hei am Land hunn, wou déi meescht Leit net méi kënnen bezuelen, a well ee weess, datt haut um Land scho Präisser bezuelt ginn, déi duebel esou héich si wéi um Lampertsbiereg - wann ee sech zum Beispill wëllt en Appartement kafen -, da wësse mer, datt mer hei e groussen Nohuelbedarf hunn, fir ebe Wunnengsraum ze schafen.

An duerfir mussen d'Gemengen och deen néidege finanziellen Spillraum kréien, well wann d'Gemengen deen net kréien, da maache se och keng Erweiterung vum Perimeter.

Mir hu gekuckt wéi d'Entwécklung vun de Gemengen am Verhältnis zum Lëtzebuerger Stat ass, an de Rapporteur huet do a sengem Dokument ganz interessant Tabell public gemaach. Vun 1974 bis haut féieren déi Tabellen op, wéi déi uerdentlech Recetten am Verhältnis zwësche Stat a Gemeng geklomme sinn. Hunn d'Gemengerecett virun ongeféier 20 Joer ëm 25% ausgemaach, sou si se regelméisseg bis haut op 22% gefall. Mir hunn emol ausgerechent, wat dat u borem Geld ausmécht. Mir hu gerechent, dass d'Moyenne vun deenen zéng Joer, tëschen 1974 an 1983 24,9% war, wat d'Verhältnis vun den uerdentleche Recett vum de Gemenge vis-à-vis vun den uerdentleche Recett vum Stat ass. Wann een dat ausrechent wat d'Gemenge bis haut zousätzlech u Recett kritt hätten, wann de Prozentsaz vu 24,9% bis haut ugewannt gi wier, da sinn dat genau 35 Milliarden, déi d'Gemengen am Laf vun deene leschten 20 Joer net kritt hunn.

Dës Chiffere sinn nach net aktualiséiert an inflatiounsberengegt. Suen, déi an der Staatskeess bliwwen sinn, mam Resultat: De Stat huet Reserven an d'Gemengen hunn zesumme 17 bis 18 Milliarde Schold.

D'Gewerbesteier ass fir d'Gemengen eng vun deene wichtegsten Einnahmequellen; et si praktesch 1/3 vun de Gemengerecetten. Et ass dës Joer vill driwwer diskutéiert ginn, well d'Regierung an enger éischter Phas décidéiert hat d'Gewerbesteier integral ofzeschaffen; d'Gemenge sinn op Oppositionskurs gaangen an op hire Generalversammlunge vum Syvicol ass hire Comité beoptraagt ginn, fir mat der Regierung nei Verhandlungen opzehuelen. Mir mussen allerdéngs soen, datt d'Enttäuschung, op Grond vun deem Resultat, fir vill Leit grouss ass, an déi kleng Presenz vun de Gemengen op der zweeter Generalversammlung vum Syvicol, mengen ech, huet dat och ënner Beweis gestallt.

De Syvicol ass mat enger Perte vun der Gemeng vun 2,2 Milliarden ausgaangen, an hire President, de Kolleeg Jempi Klein, ass erëmkomm mat engem Verloscht vun 3,2 Milliarden an huet du gesot, si hätten e gutt Geschäft gemaach.

Ech wëll dem Här Klein soen, datt dat sécherlech kee grouse Worf war, deen e mat sengem Syvicol do fir d'Gemenge vollbruecht huet.

Och wann an deem Accord, deem de Syvicol mat der Regierung ausgehandelt huet, vum 8. Oktober vun dësem Joer steet, dass e Mécanisme de sauvegarde géif agefouert ginn, fir de Fall wou an de kommende Joren d'Recetten um Impôt commercial géifen ënnert den

Niveau vum Joer 2001 falen. Wann ee weess, an op Grond vun der Circulaire, datt d'Gemengen, wat d'Progressioun ubelaangt vun hire Recetten, souwuel wat d'Dotation de l'Etat ubelaangt, wéi den Impôt commercial, vun 2000 op 2001 praktesch eng Nullronn iwwer zwee Joer maachen an datt sech dann op esou e minimaalt Recettëjoer baséiert gëtt fir d'Zukunft opzebauen, da gesäit een, datt de Syvicol sech eng zweete Kéier vum Staatsminister uschmiere gelooss huet.

Do steet nämlech dran: "des mesures seront prises pour corriger cette évolution, à condition qu'il y ait une augmentation des recettes fiscales de l'Etat qui le permette". Dat heescht also, wann se géifen ënnert den Niveau vun 2001 - wat den Niveau a Wierklechkeet scho vun 2000 ass - falen, an de Stat hätt lwwerschëss, da kéint een doriwwer diskutéieren.

Dir gesitt also, datt hei d'Gemengen finanziell keng Viraussetzunge geschaf kréien, fir der Entwécklung vun eiser Populatioun hei am Land kënne gerecht ze begéinen, an all Bierger am Land déi Infrastrukturen dohinner ze stellen, déi haut e Bierger dierft vum Stat a senger Gemeng verlaangen.

Ee weidere Problem, deen de Mëtten hei nach net beréiert ginn ass, Här President, ass d'Kriminalitéit.

Mäi Kolleg, Jean Colombara, huet den 21. Mäerz dëst Joer hei an der Chamber eng Interpellatioun iwwert d'Kriminalitéit gemaach an en huet am Fong dunn déi Statistiken, déi vun offizieller Säit public gemaach ginn, hei zitéiert; an dat ass op grouse Widderstand gestouss.

Déi Gréng si souguer sou wäit gaangen, de Kolleg Gira huet gesot, ech zitéieren, wat en den 21. Mäerz dëst Joer hei an der Chamber gesot huet: "Déi Aussoen, déi den Interpellant hei gemaach huet, dat ass awer nu grad de Géigendeel vun deem, wat néideg ass, fir sou Problemer ze léisen. Mat deenen Aussoen, déi hei gemaach gi sinn, mat Ënnerstellungen, mat Verallgemengerungen dréit ee just dozou bäi, Uelech op d'Feier op esou Plazen ze schëdden."

An den Innenminister huet sech deem ugeschloss a gesot: "D'Situatioun ass net dramatesch."

D'Demokratesch Partei huet virun de Walen am Focus geschriwwen: "Die Sicherheit der Bürger wird nicht verbessert." Dat heescht also virun de Walen, do konnt d'Demokratesch Partei dat schreiwen, dat war keen Uelech op d'Feier, et war kee Populismus, mä wann den ADR dat mécht, dann ass et Populismus. D'DP huet weider geschriwwen: "Die Regierung hat immer versucht, die Kriminalität in Luxemburg herunterzuspielen." Elo ass d'DP an der Regierung, an elo gëtt genau datselwecht gemaach, d'Kriminalitéit gëtt erofgespillt. Gitt emol an d'Land eraus an da frot der d'Leit, wéivill Abréich datt all Dag quiesch duerch d'Land an den Haier sinn, an dann dierf een dat hei net soen;

an da gesäit een och elo, datt d'Leit vun der DP schonn erëm de Kapp rëselen. Ma gitt emol bei d'Leit an d'Land eraus, déi soen lech wéi grouss dass d'Kriminalitéit ass. "Die Sicherheit der Bürger wird also nach wie vor nicht verbessert", huet d'DP virun de Wale geschriwwen, an no de Walen ass et nach genau d'selwecht, an se ass och elo nach net verbessert ginn; d'Kriminalitéit wiisst permanent am Land an et gëtt ëmmer méi eng rabiart Kriminalitéit.

Duerfir verlaange mir, datt endlech supplementar Moossnamen ergraff ginn, fir effektiv eis Polizei en mesure ze setzen, fir där Situatioun ze begéinen, an och eiser Polizei déi néideg Ënnerstützung zoukommen ze loossen, déi se brauch an deem do Domain.

D'Schoulwiesen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, do hu mer déi lescht Woch en Dokument kritt, eng Etüd, PISA, déi en internationale Verglach opstellt, deen d'OECD an 32 Länner, bei de Schüler am Alter vu 15 Joer maache gelooss huet, iwwer Liesen, Mathematik an Naturwëssenschaften. Lëtzebuerg huet déi drëttlescht Plaz kritt viru Mexiko a Brasilien.

Et ass dëst eng Katastroph, well d'Zukunft vun eisem Land, awer och virun allem vun eise jonke Leit, an eiser globaliséierter Welt, vu kengem Faktor méi ofhänkt wéi vun der Formatioun. D'Versoe vun der Educationspolitik iwwer Jorzéngte vun de fréiere Ministere Boden, Fischbach an Hennicot kéint net besser dokumentéiert ginn, wéi dat an dëser Etüd zum Ausdrock kënnt.

D'Demokratesch Partei huet zu Oppositiouszäite kuerz virun de Walen, nämlech am Mee 1999 geschriwwen: "Seit 20 Jahren wird die Unterrichtspolitik in Luxemburg massgeblich von der CSV bestimmt, und die Bilanz dieser Politik ist angesichts der erschreckenden Zahlen als katastrophal zu bezeichnen. Die Fakten sind hinreichend bekannt. Tausende von jungen Menschen verlassen unsere Schulen ohne Abschluss oder Diplom. Nur 1,04% schliessen ein Universitätsstudium ab."

De 26. Abrëll, also och virun de Walen, huet d'Presidentin vun der Demokratescher Partei op hirem Kongress vun enger "faillite totale de la politique éducative" geschwat a koum zur Konklusioun, dass, wann een d'Educationspolitik misst bewäerten, "elle mérite un zéro pointé".

An den 10. Mäerz 1999 schreift den Eugène Berger an enger fräier Tribün am "Journal" souguer: "Unwahrheiten, Irreführungen und Augenwischerei gehören zur vermeintlichen klaren Sprache, welche die CSV angeschlagen hat, um sich ihr bildungspolitisches Zeugnis zu erstellen".

Dir Dammen an Dir Hären, et ass net, dass mir elo hei der DP wëllen Onrecht ginn iwwer hir deemooleg Aussoen an d'CSV a Schutz huelen. Et huet gestëmmt wat d'Demokratesch Partei virun de Wale gesot a geschriwwen huet, well och mir hunn datselwecht als

ADR deemools an haut gesot, mä leider musse mer haut feststellen, datt d'DP sech haut ënnerscheet vun eis, well se haut de Contraire seet.

Zënter dass d'DP an der Regierung ass a si den Educatiounsministère huet, huet d'Welt grondleegend geännert.

Esou huet virum Schoulufank d'Educatiounsministesch an engem "Revue"-Interview gesot: "Die Schule ist besser als ihr Ruf". D'Schoul ass also besser wéi d'DP se virun de Wale gesinn huet. Alles wat d'DP virun de Walen iwwer Niveauen, Echecen, Schoulprogrammer, asw. an d'Welt geruff huet stëmmt net méi. "Die Schule ist besser als ihr Ruf" a si huet och nach an hirem Artikel geschriwwen, deen héijen Niveau halen, dee mer am Abléck an eiser Schoul hunn. Dat seet d'Educatiounsministesch zënter dass se an der Regierung ass.

M. Xavier Bettel (DP). - Dat stëmmt!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ech si frou, dass ech vum Här Bettel, enger eminenter Perséinlechkeet vun der Demokratescher Partei, confirméiert kréien, dass d'DP wëllt deen héijen Niveau erhalen, deen eis op déi drëttlescht Plaz vun der PISA-Etüd bruecht huet an dass fir d'lescht d'Mme Brasseur deklaréiert huet, dass se onbedéngt wëllt deen héijen Niveau erhalen.

D'Mme Brasseur huet och nach d'lescht Woch gesot, wéi déi Etüd erauskomm ass, et wier kee Grond fir ze panikéieren. Dat stëmmt, et si jo schliesslech nach zwee Stéck hannerun eis.

D'Bildungsoffensiv vun der DP-Unterrechtsministesch huet sech bis haut dorop beschränkt, d'Schoulzäit an der Primärschoul ëm eng Stonn ze reduzéieren. D'Schoulzäite vun den Enseignanten am Préscolaire si reduzéiert ginn an et ass e Schoulbuch gedréckt ginn, dat, nodeem et zwee Deeg eraus war, erëm agezu ginn ass.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - An d'Relioun huet e Koeffizient kritt!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - An d'öffentlech Schoul kritt manner Sue wéi d'privat Schoul!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Wat d'Reduktioun vun de Schoulstonnen ubelaangt am Primaire, huet d'Mme Minister gesot, et wier kee Problem, wann d'Kanner doheem misste méi Hausaufgabe maachen, well et wier schliesslech keen Haaptfach gewiescht, dat an där Stonn do instruéiert gi wier an et wieren nëmmen niewesächlech Themen, déi do behandelt gi wieren an dofir bräichten d'Kanner net méi Hausaufgaben doheem ze maachen.

D'lescht Woch huet d'Unterrechtsministesch op der Televisioun gesot, op Grond vun de PISA-Resultater, d'Kanner mussen erëm méi gefuerdert ginn, si mussen erëm méi Hausaufgaben doheem maachen.

Also, virun engem Joer huet et just de Contraire geheescht an elo op eemol musse se erëm méi Hausaufgabe maachen. Dat ass de Combel, wa mer ee Joer zrëckkucken.

Mir wëssen, dass d'Elteren, déi schaffen, Problemer hu fir mat de Kanner Hausaufgaben ze maachen. Gitt emol haut bei d'Eltere froen an déi, déi President vu Schoulschoumissioun sinn, kënnen lech e Liddchen dovou sange wivill d'Eltere permanent reklaméiere kommen, dass se ëmmer missten doheem mat de Kanner léieren, fir datt se nach am Programm matkommen.

(Interruptions diverses)

Déi vun der CSV missten et wëssen, well déi hu schliesslech während 30 Joer dat Resultat do produzéiert.

Et ass Äert Resultat, Här Weiler, an ech verstinn, dass Dir net wësst wou d'Ursaache sinn, well soss hätt Der et jo wahrscheinlech geännert a mir hätten haut dat Resultat do net virleien.

Op jidde Fall, domat schafe mer en Zweeklassesystem, well Kanner, wou d'Eltere schaffen, oder auslännesch Kanner, wou d'Elteren net kënne mat hinne léieren, ginn an engem Schoulsystem, wou ëmmer méi muss doheem geléiert ginn, d'office benodelegt an dat ass d'Garantie, datt mer an Zukunft, wann esou Etüde gemaach ginn, Lëtzebuerg erëm do wäert landen, wou mer am Abléck leien.

D'DP fiert genau esou viru wéi d'CSV-Minister an dat virdru gemaach hunn. Vun der Bildungsoffensiv ass keng Spur ze gesinn.

De Problem ass ugaangen - an dat gesäit haut jiddereen an -, wéi den deemolegen Educatiounsminister, den Här Boden, d'Schoulstonne vun den Enseignante vu 24 op 21 Stonne reduzéiert huet. Haut seet jiddereen, dat war falsch.

A wa mer d'lescht Woch hei de Problem vun de Chargés de cours diskutéiert hunn, esou ass dat eng Konsequenz vun där Politik, déi deemools gemaach ginn ass. Haut huet awer keen de politesche Courage, fir eppes ze änneren. Déi eenzeg, déi de Courage haten, ware mir als ADR. Mir hu virun zwee Joer hei eng Motioun deponéiert, wou mer gesot hunn, kommt mir setzen déi Stonnen erëm erop, well et ass net korrekt, dass d'Enseignantë manner Stonnen hu wéi d'Kanner an hirem Programm.

Wann Der eppes weider hätt missten an der Pai ginn, dann hätt Der dat solle maachen, mä et war e Verbrieche vis-à-vis vum Schoulsystem, datt d'Stonnen erofgesat gi sinn.

D'DP fiert systematesch mat där falscher Politik virun an d'Walversprieche, déi se virun de Wale gemaach huet, ginn net agehalen. Dat kënnt natierlech doduerch, wann ee virun de Walen egal wat seet, wéi d'Demokratesch

Partei dat gemaach huet an haut kënnt a seet, mir wëssen, dass et net esou einfach ass fir d'Schoul ze reforméieren. Dat ass komplizéiert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dir hutt dach datselwecht gesot wéi mir. Also kënnt der net soen, mir hätten egal wat gesot.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Dach, et ass egal wat, Här Rippinger, wann een herno higeet a seet, ech kann elo näischt maachen an et fiert ee genau an déiselwecht falsch Richtung weider, wéi déi dräi Educationsmministere vun der CSV dat virdru gemaach hunn. A firwat? Well Der net de politesche Courage hutt fir Neel mat Käpp ze maachen an do unzesetze wou muss ugesat ginn, nämlech un deem Beispill, dat ech lech elo grad gesot hunn. Mä Dir musst d'Walversprechen anhalen.

Wann ech de Generalsekretär vun der Schoulmeeschtergewerkschaft mat op d'Lëscht huelen, dann ass et normal, datt herno net de Minister, mä de Generalsekretär vun der Schoulmeeschtergewerkschaft an der Demokratescher Partei den Toun ugëtt iwwert d'Schoulpolitik. Dat ass d'Realitéit.

(Interruptions diverses)

Wann Der gäre wéisst, wat d'Mme Brasseur den nächste Mount mécht, da musst Der dëse Mount an der Gewerkschaftszeitung vun der Schoulmeeschterorganisatioun liesen, da gesitt Der wat an engem Mount gemaach gëtt. Esou gëtt bei lech Politik gemaach. Ech kommen herno nach drop zrëck bei der Fonction publique.

M. Alexandre Krieps (DP).- Wat sinn dann Är Alternativen, Här Gibéryen?

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Krieps, muer wäert mäi Kolleg Mehlen lech nach eng ganz Lëscht hei opzielen, wat mir alles...

M. John Schummer (DP).- Dorop kënne mer verzichten!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Schummer, datt Dir dorop wëllt verzichten, dat versti mer alleguer, genau esou wéi et fir d'Demokratesch Partei ganz penibel ass, datt d'Debatten iwwerhaupt iwwert dëse Sujet hei lafen.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Loosst den Här Gibéryen schwätzen! Wann Der en dauernd ënnerbriecht, dann dauert et méi laang. Här Gibéryen, fuert weider!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President, datt Der se e bëssen zur Uerdnung geruff hutt, well si provozéiere mech permanent.

En anere Sujet, wou ech net derlaanscht kommen, ass de Rentendësch.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Mëtteg ass och schonn iwwert dee Sujet hei geschwat ginn. Mir wëssen, datt déi lescht Regierung keng strukturell Verbesserungen am Rentensystem wollt duerchféieren, bis virun zwee Méint virun de Walen d'Sozialisten op eemol Angscht kruten an dunn eng 180° Kurskorrektur gemaach hunn a 14 Deeg virun de Walen op eemol fir Augmentatiounen vun de Renten agetratt sinn. Dee Schoss ass awer an d'Box gaangen a si sinn do gelant wou se haut setzen, an der Oppositioun.

Déi nei Regierung huet no de Walen och fir d'éischt gesot, et géife keng strukturell Verbesserung kommen, mä wéi se d'Walanalys gemaach huet a festgestallt huet, wou se hir Stëmme verluer huet an dass den ADR vu fënnf op siwe Sätz eropgaangen ass, ass e Rentendësch ageruff ginn. Hätt den ADR bei de leschte Wale keng zwee Sëtzer bäikrut a wier bei fënnf Mandater bliwwen oder en hätt der esouguer nach verluer, da géif ech lech alleguer heibannen héiere jätzen a soen, gesitt Der, d'Leit hunn lech net méi gewielt, also ass de Renteproblem zu Lëtzebuerg geléist.

Mä d'Leit hunn eis méi massiv gewielt wéi déi zwou Wale virdrun, wou mer scho staark erausgaange sinn, an dat huet nun eemol dozou gefouert, datt de Rentendësch huet misste kommen an datt och hu misste Resultater kommen.

Et ass also e Succès, net vun dëser Regierung oder vun enger Partei, mä et ass a priori de Succès vum Wieler, deen de Courage hat den ADR ze wielen an domadder de Rentendësch mat sengem Resultat ze provozéieren.

(Interruptions diverses)

M. Robert Mehlen (ADR).- Et mécht keen et falsch!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Op jidde Fall, Här President, dat hei gesi mir net als e Resultat un, dat definitiv Rentegerechtigkeit aféiert, mä mir gesinn et als en Zwëscherresultat un, e gudde Schrëtt an eng gutt Richtung an dofir soe mer och, datt mer e Rentendësch 2 mussen kréien, fir en definitive Schrëtt a Richtung Rentegerechtigkeit duerchzesetzen.

Ech wëll haut hei net op all déi Moossname vum Resultat vum Rentendësch agoen. Dat maache mer, wann déi respektiv Projets de loi hei zur Diskussioun kommen.

Ech wëll awer iwwert déi zwou Fuerderungen, déi méi de Budget betreffen, diskutéieren, an zwar wat d'Aféierung vun de Babyjore fir déi Kanner, déi virum 1. Januar 1988 gebuer sinn, ubelaangt, respektiv dee Forfait d'éducation vun 3.000 Frang, deen den 1. Juli d'nächst Joer soll agefouert ginn.

Datt d'Fraen, déi beruffstateg sinn, fir déi Kanner, déi virum 1. Januar 1988 gebuer sinn, déi Babyjore missten ugerechent kréien, hu mir zënter 1989 an eise Walprogramm stoen. Dat ass eis ëmmer verwiert ginn. Elo, nom Rentendësch, gëtt eng weider Fuerderung vum

ADR domadder realiséiert. Et kann ee just bedauern, datt all déi Fraen, déi an der Tëschenzäit a Pensioun sinn, 13 Joer laang ëm dës Babyjore bestuel gi sinn. Vill vun hinne sinn an der Tëschenzäit scho gestuerwen. Et muss ee bedauern, datt dat esou spët kënnt, mä et ass wichteg, datt fir all Kanner, egal wéini se gebuer sinn, d'Babyjoren ugerechent ginn an datt och augmentéiert gëtt op 1,5-mol de Mindestloun, wéi d'Regierung dat elo an hirem Projet de loi festgehalen huet.

Déi vill diskutéiert 3.000 Frang fir déi Fraen, déi keng eege Rent hunn, also d'Fraen, déi doheem bleiwe fir hir Kanner ze erzéien, stoung och vun Ufank un an eise Walprogrammer, well mir als ADR ëmmer d'Aféierung vun enger Hausfraerent verlaangt hunn. Mir ware laang Zäit déi eenzeg Partei, déi d'Aféierung vun enger Hausfraerent zu Lëtzebuerg verlaangt huet, an esouguer wéi de Rentendësch ugaangen ass, ware mer déi eenzeg Partei, déi an hirem Dokument fir de Renten-dësch d'Aféierung vun enger Hausfraerent verlaangt hunn.

Mir wëssen, datt d'Regierungsparteien um éischten an um zweete Rentendësch praktesch keng Verbesserungen, keng Zougeständnisser wollte maachen a scho guer net vun enger Hausfraerent wollte schwätzen, an datt dunn op eemol déi grouss Erleuchtung bei hinne komm ass a se gesinn hunn, datt se net géifen derlaanscht komme fir Verbesserungen ze maachen. Du hu se da gekuckt wat se solle maachen, a wéi dat an deene leschten zwielef Joer an der Rentepolitik de Fall war, si se och dës Kéier nees an dem ADR säi Walprogramm kucke gaangen, wat da misst gemaach ginn. Dunn hu se gesot: Ma, da féiere mer déi Hausfraerent, de Forfait d'éducation vun 3.000 Frang an.

D'CSV huet hei den ADR-Walprogramm geknäipt.

(Interruptions)

Mir sinn awer dofir net rosen, mir sinn ëmmer frou, wann een eppes, aus eisem Walprogramm ofschreift...

(Interruption)

Här President, den Här Clement mécht en Tëscheruff. Mä, et ass jo awer llicht de Contraire vun Ärer Säit aus ze beweisen, Här Clement. Beweist eis, wou Dir iergendwann eng Kéier dat an engem Walprogramm geschriwwen hutt, wou Dir dat iergendwéi eng Kéier hei an der Chamber gesot hutt, dann ass déi Diskussioun séier kloer!

Mir waren déi eenzeg, déi dat bis elo ëmmer geschriwwen hunn, an eréischt am Laf vum Renten-dësch sidd Dir mat där Iddi komm an Dir hutt se vun eis ofgeschriwwen. Mä, wéi gesot, mir sinn net rosen, mir si frou driwwer. Mir géifen lech just invitéieren an Zukunft, wann der schonn ofschreift, da schreift wéinstens ganz a richteg of, dann hätt Der eng Rei vu Problemer, déi Dir elo hutt, net.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här Gibéryen, Dir sot manifestement d'Onwourecht op der Chambertribün! Op der Chambertribün mécht een dat net!

(Interruptions et hilarité)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Weiler, Dir hutt ee grouse Virdeel: Dir waart wahrscheinlech an enger Höhensonn, sou dass Dir emol net méi rout am Gesicht gitt, wann Der esou Saachen hei an Der Chamber vun lech gitt!

Dir kënnt eis jo de Contraire beweisen. Ech mengen, mir kënne genau beweisen, wéini datt mir dat geschriwwen a gesot hunn. Mir hunn dat ëmmer hei an der Chamber gesot, mir hunn dat ëmmer vun lech verneent kritt an elo op eemol kommt Der a maacht esou, wéi wann dat op Ärer Mëscht gewuess wier. Et deet mer Leed, et ass net esou an d'Leit am Land wëssen dat och!

M. Ady Jung (CSV).- Et ass jo awer einfach, Här Gibéryen: Dir kënnt egal wat schreiwen, Dir braucht et ni ze maachen!

(Interruptions)

Wann d'CSV eppes schreift, da mécht se et och! Dat ass den Ënnerscheid!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Jo!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption et hilarité)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Mä d'CSV, Här Jung, déi brauch ëmmer een, deen déi gutt Iddi virschreift, déi se da kann ofschreiwen, fir se dann ze maachen. Dogéint huet jo och keen eppes!

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Dat ass ganz genau esou!

M. Aly Jaerling (ADR).- Den Här Jung preparéiert säi Comeback!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Op jidde Fall, wann Dir higaange wiert an Dir hätt ganz ofgeschriwwen an eis Iddi iwwerholl, wou mir gesot hunn: "Bezuelt och deene Fraen, déi doheem sinn, während zwee Joer eng Cotisatioun an d'Pensiounskeess", dann hätt Der elo zum Beispill déi Problemer net, déi d'Kolleege vun der sozialistescher Partei - wou ech och nach drop ze schwätze kommen - opwerfen, déi elo soen: Mä da muss jiddfereen déi 3.000 Frang kréien. Da wier et elo e verbréiftent Recht fir d'Frae gewiescht, dat kee méi hinnen hätt kënnen ewech huelen.

An och wann an e puer Joer eng aner Regierung oder Gott weess wat kënnt, déi Sue wieren op den Numm vun der Hausfra abezuelt gewiescht a si hätt sech kënnen eng eege Rentecarrière op Grond vun deene Babyjoren opbauen. Wéi gesot, dat wier gerecht gewiescht an da wier eng Fra wéi déi aner hei am Land

behandelt ginn. Dat hutt Der net gemaach. Mir hoffen, datt d'Regierung och do nach eng Kéier an eise Walprogramm erakuckt an eng Korrektur mécht, fir datt och dee Schéinheitsfeeler aus dem Projet de loi nach verschwénnt.

D'Sozialisten, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hunn, wéi ech virdru gesot hunn, 15 Joer wéi se an der Regierung waren ëmmer gesot, et géife keng Hongerrente ginn an déi sozialistesche Sozialministerin ass ëmmer hysteresch heibanne ginn, wann ee vun Hongerrente geschwat huet an huet gesot, et géife keng Hongerrente ginn.

Mëttlerweil awer schwätzt jiddferen vun Hongerrenten a jiddferen wëllt och elo d'Hongerrenten ofgeschaaft kréien. D'Sozialisten hunn no de Wale wierklech d'Richtung komplett an de Rente verluer an elo kréie mer dann all puer Méint esou en Ziedelchen an d'Haus, wou da virum Rentendesch op eemol gesot gëtt: Jiddferen muss 80.000 Frang kréien! Bon, dat ass awer um Rentendesch als keng gutt Iddi befonnt ginn.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Dat ass falsch!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här Krecké, muss ech dat dann och nach elo alles hei erklären?

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Neen, mä dat, wat Der elo gesot hutt, ass awer falsch.

M. le Président. - Dir sollt net an engem Stéck polemiséieren!

Plusieurs voix. - Oh, oh!

(Hilarité)

M. le Président. - Schwätzt zur Saach!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här Gibéryen, Dir kënnt jo e bëssche méi an d'Nuancé goen...

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, ech si gär domat d'accord, dass den Här Krecké eng Fro stellt!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Dir kënnt jo e bëssche méi an d'Nuancé goen, da géif ee mierken, dass et falsch ass, wat Dir gesot hutt!

(Interruptions)

M. le Président. - D'nächst Woch läit jo d'Gesetz iwwert d'Rente vir, dann huet jiddferen d'Geleeënheet, fir driwwer ze schwätzen! Firwat dann elo schon domat ufänken? Schwätzt elo zum Budget!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Den Här Krecké hält awer drop, datt mer elo driwwer schwätzen!

M. le Président. - Jo, den Här Krecké ass och elo roueg!

(Hilarité générale)

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, ech muss awer soen - ech weess et net, mä Dir wësst méi wéi mir

-, dass ech mech net kann erënneren, dass mer déi nächst Woch géifen d'Rente behandeln.

M. le Président. - Neen, net d'nächst Woch, mä geschwënn!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ah, bon! Net dass elo ee mengt, et géif iwwermuer rabbelen an der Keess, sou leeft dat jo net!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Op jidde Fall, déi Iddi vun de Sozialisten, fir jiddferengem e Forfait ze bezuelen als Allocation de fin d'année plus eppes pro Joer, ass net zrëck behale ginn um Rentendesch, an dofir ass eben en neit Blietchen d'lescht Woch...

(Interruption)

Et ass en Deel vun der Grondrent, dat erkläre mer dann, wann de Projet kënnt!

D'lescht Woch ass dunn en neit Blat an d'Haiser geflu komm: 3.000 Frang fir all Mamm. Do hunn d'Sozialiste sech dann erëm un e Won gehaangen a se sprangen nach op en Zuch op, wat erëm net der Realitéit entsprécht, well dat falsch ass, wat se do soen.

Firwat gëtt dee Forfait d'éducation agefouert fir eng Hausfra? Mä fir d'Hausfra gläichzestelle mat där Fra, déi schafft, wou de Stat zwee Joer Babyjore bezilt. Dofir kritt och d'Hausfra e Forfait. Wa mer elo higinn a soen: Och déi Fra, déi schafft, kritt dee Forfait, dann hu mer erëm eng Differenz tëschent deenen zwee! Dofir leien d'Sozialiste falsch a si wëssen et och. Well d'Sozialisten awer och heiansdo kleng Populiste sinn, schreiwe se dann op dat Blat:...

(Interruptions)

...Haalt op, d'Frae géinteneen auszespillen! Mat där heiter Proposition gëtt soss näischt gemaach, wéi d'Frae géinteneen auszespillen! Wann Der fair wiert, da géift Der soen, datt elo d'Hausfraen datselwecht kréie wéi eng Fra, déi schaffe geet: Jiddfereng kritt fir all Kand zwee Joer Babyjoren an déi Fra, déi doheem ass, kritt fir all Kand hir 3.000 Frang. Dat ass d'Gerechtkeet, déi an eiser Iddi läit, an dofir loosse mer eis déi och elo net vun de Sozialisten hei kromm rieden!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, ech hoffen, dass Dir apprécieiert, dass ech elo näischt zu him soen, mä ech versprechen him, dass hie spëtstens muer eng Äntwert huet!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Jo, sécher! Mir hunn och nach Riedezäit, Här Krecké!

Ech wëll dann zum Schluss kommen, Här President, an nach eppes zum Statsminister bemierken, deen am Fong de Rentendesch mëssbraucht huet, fir ze soen, datt de Rentendesch automatesch de 700.000-Awunner-Stat mat décidéiert. Ech wëll drun erënneren, datt mir souwuel schrëftlech wéi mëndlech déi Diskussioun um

Rentendesch wollten an datt d'Regierungsvertrieder um Rentendesch soten, dat géif de Kader vun der Diskussioun sprengen an dat misst een...

(Interruption)

Dat kënnt Der och an de Rapporten noliesen, Här Weiler!

...zu engem spéideren Zäitpunkt maachen.

Et ass och gesot ginn, datt mer missten op 700.000 Awunner goen, datt mer condemnéiert wieren, e wirtschaftleche Wuesstum vu 4% d'Joer ze hunn an et ass domat am Fong de Leit am Privatsecteur ënnerschwelleg gesot ginn: Hei, well Dir elo e puer Dausend Frang am Privatsecteur bäi kritt, well d'Mindestpensioun ëm 2.000 Frang an d'Luucht geet, musse mir 700.000 Leit hei am Stat kréien. Et ass de Leit Angscht gemaach gi weinst deene puer Frang, déi se elo iwwert de Rentendesch bäi kréien.

Dass dat op fruchtbare Buedem gefall ass, hu mer jo gemierkt, well direkt waren e puer Lieserbréiwer an der Zeitung, wou stoung: Ëm Gottes wëllen, wann ech gewosst hätt, datt mer dowéinst 700.000 Leit missten hei an d'Land kréien, dann hätt ech dorop verzicht. Dat ass eng typesch Politik, déi d'CSV nach ëmmer gemaach huet. Wann déi kleng Leit e puer Frang kréien, da solle se mengen, si hätten den Härgott mat der décker Zéif a missten éiweg op de Knéie merci soen an dofir kréie se Angschtgefiller agegriichtert.

Mir kënnen de Leit just nëmme soen, si bräichte keng Angscht ze hunn a sech net ze schumme fir déi puer Dausend Frang, déi se bäigesat kritt hunn. Si musse sech héchstens schummen, dass se an engem Land liewen, wou et nach esou kleng Pensioune gëtt.

Ech géif op jidde Fall d'Regierung froen, wa se am Zesummenhang mat Augmentatioune vun deene kleng Pensiounen am Privatsecteur esou eng Fantasie beweist a seet, dofir misst ee 700.000 Awunner hei am Land kréien, wou dann déi Iwwerleeunge waren, wéi 1998 zum Beispill an der Fonction publique décidéiert gouf, déi héich Pensiounen nach iwwer 40 Joer weider ze finanzéieren. Wou war zum Beispill bei der Demokratescher Partei déi Iwwerleeung, wéi se gesot huet, déi minimalistesch Reduktioune vun de Pensiounen an der Fonction publique missten erëm réckgängeg gemaach ginn an d'5/6 Pensioun misst erëm integral hiergestallt ginn?

Also, wann et heescht, déi déck Pensiounen nach méi déck ze maachen, dann huet kee vun lech alleguer e Problem domat, wéi déi finanzéiert ginn a wéivill honnertausend Bierger mer hei am Land mussen hunn, mä wann déi Kleng eppes bäi kréien, da gëtt dramatiséiert an da brécht d'Land zesummen. Ech mengen, dofir ass et wichteg, datt dat och emol eng Kéier hei kloer an däitlech gesot gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren eng Rei Iwwerleeungen, déi ech wollt als éischte Riedner vun eiser Fraktioun hei an dës Debatte mat erabréngen. An deenen nächsten Deeg wäerte meng Fraktiouns-kolleegen aner Sujeten hei behandelen an et versteet sech vum selwen, datt mer dësem Budget net wäerten zoustëmmen.

M. le Président.- Kolleeginnen a Kolleegen, domat wäre mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Moien um 9 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.41 heures)